KANTON RÉIDEN

Hierscht / Automne 2026 | N°8
ISSN 3088-5930

# DE KANTON RÉIDEN
# Magazine



Édition française & luxembourgeoise

**WAT LEEFT AN EISE GEMENGEN?**
Interview mam Myriam Binck
*Entretien avec Myriam Binck*

**THEATER AM WËLLE WESTEN**
*Théâtre au Canton de Redange*

**SPORTING CLUB ELL**
Virstellung
*Présentation*




© Architectes LAMMAR












© SC Ell

# INHALT - SOMMAIRE


04
**Virwuert**
*Préface*

06
**Aktuelles aus de Gemengen an aus dem Kanton**
*Actualités des communes et du canton*





22
**Kanner & Jugend**
*Enfance & Jeunesse*





30
**Senior**
*Sénior*





34
**Fräizäit & Tourismus**
*Loisirs & Tourisme*

38
**Ëmwelt**
*Environnement*





44
**Lokal Ekonomie**
*Economie locale*

47
**Kultur**
*Culture*



© Marie-Anne Kohl-Gremling


80
**Sport**



© Cycling Team Aterdaul


88
**Agenda**

90
**Spiller**
*Jeux*



**Impressum**

**Editeur, concept & réalisation :**
brain&more -
agence en communication

**Rédaction :**
Syndicat Kanton Réiden &
partenaires

**Photo de couverture :**
André Scherer

**Renseignements :**
magazine@kanton-reiden.lu
Tous droits réservés

**Prochaine parution :**
Décembre 2026

**Clôture :**
20.10.2026

**Tirage :**
9.340

**Impression :**
Imprimerie Heintz

Papier recyclé FSC (C103749)
Imprimé au Luxembourg

**Régie publicitaire**
brain&more -
agence en communication
(+352) 26 84 71 – 1
brain@brain.lu

# VIRWUERT


© Kanton Réiden

Léif Biergerinnen, léif Bierger,

Verschidde Generatiounen, Nationalitéiten, Kulturen a Liewensweisen treffen all Dag an eise Gemengen openeen. Dës Diversitéit ass eng Beräicherung an eng Stäerkt fir eist Land. Wéinst der Vitess, mat där sech eis Gesellschaft ännert, wëlle mir den Zesummenhalt, dee sech fréier iwwer Generatiounen op eng natierlech Manéier entwéckelt huet, aktiv förderen, fir datt jiddereen sech wuel fillt a kee vergiess gëtt. Dat ass eng Aufgab, déi Engagement, Dialog an eng enk Zesummenaarbecht vun eis all erfuerdert.

Genee hei setzt de Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen un. Als Initiativ vum Familljeministère, a Kooperatioun mam SYVICOL, der ASTI an dem CEFIS, ënnerstëtzt de Pakt d'Gemengen dobäi, d'Zesummeliewen aktiv ze gestalten, d'Biergerbedeelegung ze stäerken an den Dialog tëscht allen Awunner ze förderen.

De Kanton Réiden huet sech schonn am Pilotprojet vum Pakt vum Zesummeliewen engagéiert an ass domat als eenzege Gemengesyndikat zesumme mat der Gemeng Mäerzeg en neie Wee gaangen. Mat der Ënnerschrëft vum neie Gemengepakt am Joer 2024 huet de Kanton dëst Engagement weidergefouert.

Fir dësen Engagement konkret ëmzesetzen, huet de Kanton Réiden de Service Vivre Ensemble geschaf. De Service déngt als zentrale Partner fir d'Gemengen, hir CCVEIen (Commissions Communales du Vivre Enemble Interculturel), d'Veräiner an déi vill aner Acteuren an der Regioun. Dëse Service koordinéiert de kantonalen Austausch, initiéiert Projeten, begleet lokal Initiativen a suergt dofir, datt d'Ziler vum Gemengepakt och um Terrain a Musik ëmgesat ginn.

D'Zil vum Service geet dobäi wäit iwwer d'Organisatioun vun eenzelnen Aktivitéiten eraus. Et geet drëm, d'Liewensqualitéit am Kanton Réiden nohalteg ze stäerken, d'Engagement vun de Bierger ze förderen, Synergien tëscht de verschiddene Partner ze schafen an de sozialen Zesummenhalt an eise Gemenge weider auszebauen. Dobäi spillen den oppenen Dialog, d'Participatioun vun der Bevëlkerung an d'Nolauschtere vun de Besoine vun den Awunner eng zentral Roll.

Heifir organiséiert de Service reegelméisseg Konferenzen, Soiréeën a Biergerateliere zu gesellschaftlech relevante Sujeten, wéi zum Beispill Rassismus, dem intergenerationellen Zesummeliewen oder der Entwécklung vun Tiers Lieux.

Zousätzlech initiéiert a koordinéiert de Service kantonal Aktivitéiten, déi d'Begéinung an de sozialen Zesummenhalt stäerken. Dozou gehéieren ënner anerem de Kannersummer, d'Bicherboxen, de Café des langues an aner Projeten, déi de kulturellen Austausch an d'Bedeelegung vun alle Generatioune förderen.

E weidere wichtege Schwéierpunkt ass d'Vernetzung mat de regionale Partner. An engem enken Austausch mat Acteure wéi dem Atert-Lycée Réiden (ALR), dem Club Aktiv Plus, dem HPPA, dem Jugendtreff oder dem LEADER Wëlle Westen ginn nei Iddien entwéckelt, Synergië geschaf a gemeinsam Projeten op d'Bee gestallt, fir d'Zesummeliewen am Kanton Réiden nohalteg ze stäerken.

Hutt Dir eng Iddi fir d'Zesummeliewen am Kanton ze förderen? Da mellt Iech gäre bei eisem Service vum Vivre Ensemble (T. 28334-210 / vivre-ensemble@kanton-reiden.lu).

Pollo Bodem
Member vum Bureau Syndikat Kanton Réiden
Responsabel fir d'Zesummeliewen




# PRÉFACE

*Chères citoyennes, chers citoyens,*

*Chaque jour, des personnes de générations, de nationalités, de cultures et de modes de vie différents se rencontrent dans nos communes. Cette diversité est une richesse et une force pour notre pays. Face à la rapidité avec laquelle notre société évolue, nous souhaitons promouvoir activement la cohésion sociale, qui se développait autrefois naturellement au fil des générations, afin que chacun se sente bien et que personne ne soit laissé de côté. C'est une mission qui exige l'engagement, le dialogue et une étroite collaboration de nous tous.*

*C'est précisément là qu'intervient le Pacte communal du vivre-ensemble interculturel. Initiative du ministère de la Famille, menée en coopération avec le SYVICOL, l'ASTI et le CEFIS, ce pacte soutient les communes dans la mise en œuvre d'un vivre-ensemble actif, le renforcement de la participation citoyenne et la promotion du dialogue entre tous les habitants.*

*Le Syndicat Kanton Réiden s'est engagé dès le projet pilote du Pacte du vivre-ensemble et a ainsi ouvert une nouvelle voie en tant qu'unique syndicat de communes, aux côtés de la commune de Mertzig. En signant le nouveau Pacte communal en 2024, le canton a poursuivi cet engagement.*

*Afin de concrétiser cet engagement, le Kanton Réiden a créé le Service Vivre Ensemble. Ce service constitue un partenaire central pour les communes, leurs CCVEI (Commissions communales du vivre-ensemble interculturel), les associations ainsi que les nombreux autres acteurs de la région. Il coordonne les échanges à l'échelle cantonale, initie des projets, accompagne les initiatives locales et veille à ce que les objectifs du Pacte communal soient également mis en œuvre concrètement sur le terrain.*

*L'objectif du service va bien au-delà de l'organisation d'activités ponctuelles. Il s'agit de renforcer durablement la qualité de vie dans le canton de Redange, de favoriser l'engagement des citoyens, de créer des synergies entre les différents partenaires et de développer davantage la cohésion sociale dans nos communes. Le dialogue ouvert, la participation de la population et l'écoute des besoins des habitants y jouent un rôle essentiel.*

*Dans cette optique, le service organise régulièrement des conférences, des soirées et des ateliers citoyens consacrés à des thèmes de société, tels que le racisme, le vivre-ensemble intergénérationnel ou encore le développement des tiers-lieux.*

*En complément, le service initie et coordonne des activités à l'échelle cantonale qui favorisent les rencontres et renforcent la cohésion sociale. Parmi celles-ci figurent notamment le Kannersummer, les Boîtes à livres, le Café des langues ainsi que d'autres projets encourageant les échanges interculturels et la participation de toutes les générations.*

*Un autre axe important est la mise en réseau avec les partenaires régionaux. Grâce à une étroite collaboration avec des acteurs tels que l'Atert-Lycée Réiden (ALR), le Club Aktiv Plus, le HPPA, le Jugendtreff ou encore le LEADER Wëlle Westen, de nouvelles idées voient le jour, des synergies sont créées et des projets communs sont développés afin de renforcer durablement le vivre-ensemble dans le canton de Redange.*

*Vous avez une idée pour favoriser le vivre-ensemble dans le canton ? N'hésitez pas à prendre contact avec notre Service Vivre Ensemble (T. 28 334-210 / vivre-ensemble@kanton-reiden.lu).*

*Pollo Bodem*
*Membre du Bureau*
*du Syndikat Kanton Réiden*
*Responsable du Vivre Ensemble*

## NOUVELLES DES COMMUNES

# WAT LEEFT AN EISE GEMENGEN?

**SERIE 2: GEMENG RAMMERICH**




**Fir dës Editioun ware mir an der gréisster Gemeng aus eisem Kanton op Besuch. D'Gemeng Rammerich zielt ronn 5.100 Awunner, verdeelt op 13 Uertschaften. Mat der Buergermeeschtesch Myriam Binck hu mir iwwer d'Prioritéite vun der Gemeng, déi grouss Projeten an hir Visioun fir d'Zukunft geschwat.**

### Wat sinn Är gréisste Prioritéite fir dës Legislaturperiod?

Eist Zil ass et, d'Gemeng no vir ze bréngen an dobäi kee vun eisen Dierfer ze vergiessen. Mir hunn all Uertschaft genee analyséiert a gekuckt, wat am meeschte feelt: Spillplazen, ëffentlech Toiletten, modern Infrastrukturen, attraktiv Duerfkären oder Treffpunkte fir d'Jugend. Elo versiche mir Schrëtt fir Schrëtt, mat de Mëttelen, déi eis zur Verfügung stinn, dës Besoinen ëmzesetzen. Natierlech géif ech mir heiansdo wënschen, datt verschidde Projeten nach méi séier virukommen.

### Sport, Jugend a Beweegung leien Iech besonnesch um Häerz. Firwat?

Mir wëllen, datt eis Dierfer modern Spillplazen hunn an all gréisser Uertschaft e Multisportsterrain. Jonk Leit brauchen eng Plaz, wou si sech kënne begéinen an aktiv sinn.

Eise gréisste Projet ass awer déi nei Sportshal mat dräi Spillfelder, déi ab September gebaut gëtt an 2028 fäerdeg soll sinn. Nieft dem Schoulsport an de Veräiner wäert och e Fitness integréiert ginn, deen allen Awunner – och ausserhalb vun der Gemeng – opsteet. Mir wëllen domat och deene Leit eppes ubidden, déi net an engem Veräin aktiv sinn.

Ech maachen och gären en Opruff un all Sportsveräiner. Mir sichen nei Sportaarten, déi et nach net an eiser Gemeng gëtt. Wien eng Plaz sicht, ka sech gäre bei eis mellen.

### Och d'Mobilitéit ass ee wichtegt Thema.

Jo, de Moment schaffe mir intensiv u besseren Ubannunge vun eisen Dierfer un d'Vëlospisten. Tëscht Kietscht an dem Riesenhaff hu mir endlech an Zesummenaarbecht mat Ponts et Chaussées eng separat ofgeséchert Vëlospist realiséiert krut. Weider Projete sinn an der Planungs- respektiv Geneemegungsphas, wéi z.B. d'Verbindung iwwer déi al Jhangelisbunn tëscht Rammerich a Kietscht an eng separat Vëlospist nieft der Baach tëscht Uewermaartel an der Roumicht.

Op eise Gemengestroosse bannent den Dierfer wäerte mir flächendeckend 20er- an 30er-Zone aféieren. An enger zweeter Etapp analyséiere mir zesumme mat Ponts et Chaussées déi kritesch Kräizungen, fir se méi sécher ze gestalten.

### Wéi gëtt d'Liewensqualitéit an den Dierfer konkret verbessert?

Mir wëllen an all Duerf Plaze schafen, wou d'Leit sech gären ophalen a begéinen: mat Bänken, Drénkwaasser, ëffentlechen Toiletten a schéin amenagéierten Duerfkären. Zu Hueschtert hu mir d'Kierch opgemaach fir weider Funktiounen: si gëtt elo och als oppen Téistuff, Begéinungsraum a kulturell Veranstaltungsplaz genotzt.



Den neie Multisport Terrain a Spillplaz zu Bungeref.
*Le nouveau terrain multisports et la nouvelle aire de jeux de Bigonville.*



Déi nei ofgetrennte Vëlospist tëscht Kietscht an dem Riesenhaff.
*La nouvelle piste cyclable séparée entre Koetschette et le Riesenhof.*

De Moment schaffe mir nach un den Alentouren vun dëser Kierch, wou eng Pétanquepist, e klengen Amphitheater an eng Outdoor-Ausstellung entstinn.

Zu Kietscht hu mir e Pumptrack gebaut – e Parcours mat Wellen a Kéieren, wou Kanner op eng sécher a spilleresch Aart Vëlo oder Trottinett fuere léieren, an deen zugläich behënnertegerecht ass. Dëse Projet ass entstanen, well eist Léierpersonal eis drop higewisen huet, datt ëmmer méi Kanner Problemer hunn, fir um Vëlo d'Gläichgewiicht ze halen.

Och eis Wanderweeër huet den ORT Eislek komplett iwwerschafft an nei beschëldert. Mat der „Éischter Bëschrou" ass zousätzlech en neie Familljen-Themewanderwee entstanen, deen de Bësch mat alle Sënner erliewe léisst. Verschidde Wanderweeër hu mir sécherheetstechnesch ausgebessert, wéi z.B. den Accès fir bei d'Mausen-Grott oder d'Bréck fir bei d'Schurelserschlass.



© Gemeng Rammerich



© Charles REISER

D'Gemeng Rammerich invitéiert all Joer hir Bierger*innen ab 60 Joer op hir traditionell Chrëschtfeier.
*Chaque année, la commune de Rambrouch invite ses citoyennes et citoyens âgés de 60 ans et plus à sa traditionnelle fête de Noël.*

**Wéi wichteg ass Iech d'Veräinsliewen?**
Et ass mir immens wichteg. Eis ronn 75 Veräiner droen entscheedend zum Zesummenhalt an zum Liewen an eisen Dierfer bäi. Als Gemeng ënnerstëtze mir si do, wou mir kënnen, a mir probéieren och d'Zesummenaarbecht tëscht de Veräiner weider auszebauen.

Mir investéieren dofir och an nei Raimlechkeete fir eis Veräiner. D'Scouten „Rammericher Fräschen" kréien en neien Ënnerdaach zu Bungeref an och aner Veräiner konnten an de leschte Joren nei oder moderniséiert Infrastrukturen notzen.

**Nieft Infrastrukturen investéiert Dir och an d'Nohaltegkeet.**
Dat ass richteg. Mir hunn eis zum Zil gesat, no an no all eis Masuttsheizungen duerch klimafrëndlech Heizsystemer op Basis vun erneierbaren Energien ze ersetzen. Um Schoulsite zu Kietscht plange mir eng Alternativ zur Masuttsheizung a sinn am gaangen d'Technik an de Gebaier energeetesch konform ze maachen. Eng Pist, déi mir analyséieren, ass eng $CO_2$-Wärmepompel. Zousätzlech si mir am gaangen d'Beliichtung vun all eise Gemengestroossen an de véier Fussballsterrainen op LED ëmzerüsten.

Och eis Bierger ënnerstëtze mir aktiv beim Ëmstieg op erneierbar Energien, ënner anerem mat Subsidë fir Photovoltaikanlagen. Ausserdeem wäerte mir an Zukunft eis finanziell Ënnerstëtzung fir Reewaasseranlagen erhéijen.

Am Kader vum Wandpark Kanton Réiden kommen dräi Anlagen op den Territoire vun eiser Gemeng a mir hunn eis als Gemeng finanziell dru bedeelegt.



© Visit Éislek

De Familljen-Wanderwee „Éischter Bëschrou" luet dozou an, de Bësch mat alle Sënner ze entdecken.
*Le sentier familial « Éischter Bëschrou » invite à découvrir la forêt avec tous les sens.*



Eng Simulatioun vun der neier Sportshal, déi 2028 wäert hir Dieren opmaachen.
*Une simulation de la nouvelle salle de sport, qui ouvrira ses portes en 2028.*




Den neie Pumptrack – e Véloscircuit fir Kanner – zu Kietscht bei der Schoul.
*Le nouveau pumptrack – un circuit pour vélos destiné aux enfants – à Koetschette, près de l'école.*




Zu Wolwen gouf eng flott Plaz am Duerfkär amenagéiert.
*À Wolwelange, un bel espace a été aménagé au cœur du village.*

**Wéi wëllt Dir no bei de Bierger bleiwen?**
Fir mech ass d'Gemengenhaus virun allem e Biergerhaus. Ech wënschen, datt jidderee sech traut, mat senge Froen, Uleies oder Problemer op eis duerzekommen. Mir hëllefen eise Bierger gär bei administrativen Demarchen, wéi zum Beispill der Allocation de vie chère, a bidde bei Noperschaftskonflikter och e Mediatiounsservice un. Zanter enger Zäit organiséieren ech all zwou Wochen en oppent Ouer op der Gemeng, wou Bierger a Veräiner op Rendez-vous kënne laanschtkommen. De perséinlechen Dialog ass mir ganz wichteg.

**Wéi eng Roll spillen déi lokal Betriber fir Iech?**
Mir wëllen als Gemeng nei Betriber unzéien an déi bestoend aktiv ënnerstëtzen. Dofir si mir Member am Guichet Unique Éislek, wou souwuel Grënner wéi och etabléiert Betriber bei administrativen Demarchen Hëllef kréien. Ausserdeem organiséiere mir reegelméisseg Meet & Greet Days bei eise Betriber. Esou komme mir mat den Entrepreneuren an den direkten Austausch a kënnen de Bols bei hinne spieren.

**Kultur an Traditioune gehéieren och zur Identitéit vun Ärer Gemeng. Wéi wichteg ass Iech dat?**
Kultur ass e wichtege Bestanddeel vun eiser Gemeng. Mir sti voll hannert der UNESCO-Kandidatur vum Musée de l'Ardoise a freeën eis iwwer déi immens positiv Entwécklung vum Musée. Och den 385th Bomb Group Museum zu Pärel mécht zënter Jorzéngten eng bewonnerenswäert Aarbecht, fir d'Erënnerung un den dramatesche Crash zu Pärel ze erhalen. Gläichzäiteg ass et eis wichteg, eis Traditiounen ze erhalen. D'Kiermes huet an eisen Dierfer nach ëmmer e ganz héije Stellewäert. All Uertschaft feiert op hir Aart. Genee dës Traditioune stäerken d'Zesummeliewen an d'Identitéit vun eisen Dierfer.

**Wat mécht d'Gemeng Rammerich fir Iech besonnesch?**
All eis Dierfer hunn hiren eegene Charakter an hir eege Geschicht. Dëst ass vläit nach bedéngt, dass mir eng Fusiounsgemeng vu 4 Gemengen sinn. Dëst mécht d'Zesummenaarbecht mat de verschiddenen Dierfer ganz ofwiesslungsräich.

Mir sinn eng ländlech Gemeng, an ech wënschen, datt eis schéin Natur, eis Bëscher an eis Landwirtschaft och an Zukunft eist Landschaftsbild an eis Identitéit prägen.

Gläichzäiteg wëlle mir an all Duerf e richtegt Doheem schafen, also eng Plaz, wou d'Leit sech begéinen, Kanner sécher spille kënnen, Veräiner d'Duerfliewe matgestalten an ee sech einfach wuel fillt. Mäi gréisste Wonsch ass, datt eis Bierger owes gär heemkommen, sech mat hirem Duerf identifizéieren a mat Houfert soen: „Hei sinn ech doheem."




D'Gemeng Rammerich huet d'Infrastruktur vum Camping Héiltzerstee finanzéiert.
*La commune de Rambrouch a financé les infrastructures du camping Héiltzerstee.*



© Gemeng Rammerich

# QUE SE PASSE-T-IL DANS NOS COMMUNES ? FOCUS SUR LA COMMUNE DE RAMBROUCH

*Avec ses quelque 5 100 habitants répartis dans 13 localités, la commune de Rambrouch est la plus grande du Canton de Redange. Pour la bourgmestre Myriam Binck, la priorité est claire : développer la commune de manière équilibrée, sans oublier aucun village. Après avoir analysé les besoins de chaque localité, la commune investit progressivement dans les infrastructures qui améliorent le quotidien des habitants : plaines de jeux, espaces de rencontre, centres culturels, places de village, toilettes publiques ou encore mobilier urbain.*

*Le sport et la jeunesse occupent une place centrale dans cette vision. Chaque village doit disposer d'une plaine de jeux moderne et les plus grandes localités d'un terrain multisports. Le projet phare de la législature est la construction d'un nouveau complexe sportif de trois terrains, dont les travaux débuteront en septembre et qui ouvrira ses portes en 2028. Il accueillera également une salle de fitness accessible à tous, y compris aux personnes ne pratiquant pas de sport en club.*

*La mobilité douce constitue un autre axe prioritaire. La commune poursuit le développement de son réseau cyclable avec de nouvelles connexions vers les pistes nationales et la création de nouveaux tronçons sécurisés. Des zones 20 et 30 km/h seront progressivement mises en place dans les villages afin d'améliorer la sécurité routière.*
*La commune mise également sur la qualité de vie dans ses villages. À Hostert, l'église accueille désormais une maison du thé ouverte à tous ainsi qu'un lieu de rencontre et d'activités culturelles. Les abords seront prochainement aménagés avec un terrain de pétanque, un petit amphithéâtre et une exposition en plein air. À Koetschette, un pumptrack permet aux enfants d'apprendre le vélo et la trottinette en toute sécurité. Les sentiers de randonnée ont été entièrement réaménagés et balisés, tandis que le nouveau parcours familial « Éischter Bëschrou » invite à découvrir la forêt avec tous les sens.*

*Pour la bourgmestre, les quelque 75 associations de la commune jouent un rôle essentiel dans la vie des villages et le lien social. La commune continue donc d'investir dans leurs infrastructures et encourage la coopération entre elles.*

*La transition énergétique fait également partie des priorités. Les anciennes chaudières au mazout seront progressivement remplacées par des systèmes utilisant les énergies renouvelables, un projet de pompe à chaleur au* $CO_2$ *est prévu pour le site scolaire de Koetschette, l'éclairage public et les terrains de football sont désormais équipés de LED, tandis que les aides communales en faveur de la récupération des eaux de pluie seront renforcées.*

*Myriam Binck souhaite également maintenir une administration proche de ses citoyens. Des permanences régulières permettent aux habitants et aux associations de rencontrer la bourgmestre, tandis que la commune accompagne les citoyens dans leurs démarches administratives et propose un service de médiation en cas de conflits de voisinage.*

*Enfin, la commune attache une grande importance à son économie locale, à son patrimoine et à ses traditions. Elle soutient les entreprises grâce au Guichet Unique Éislek et organise régulièrement des rencontres avec les entrepreneurs. Elle soutient pleinement la candidature du Musée de l'Ardoise au patrimoine mondial de l'UNESCO et met également en valeur le travail remarquable du 385th Bomb Group Museum à Perlé. Quant aux traditionnelles kermesses, elles restent un élément fort de l'identité des différents villages.*

*Pour Myriam Binck, la richesse de la commune de Rambrouch réside dans la diversité de ses villages, héritée de la fusion des anciennes communes. Son ambition est simple : faire en sorte que chacun soit fier de son village et puisse dire, en rentrant chez lui le soir : « Ici, je suis chez moi. ».*

# ANDRÉCK VUN DER NUIT DU SPORT ZU KIETSCHT

D’Nuit du Sport zu Rammerich huet dëst Joer de 6. Juni hir 17. Editioun ausgedroen. Mat 22 Ateliere konnten trotz dem duerchwuessene Wieder 459 Participante begréisst ginn – bal duebel esou vill wéi 2025 (242 Participanten). E grousse Merci un all d’Participanten, d’Veräiner, d’Benevollen, de Service technique an d’Portiere vun der Schoul Kietscht, déi zu dësem flotte Succès bäigedroen hunn!











## RETOUR EN IMAGES SUR LA NUIT DU SPORT À KOETSCHETTE

*La commune de Rambrouch a organisé cette année le 6 juin la 17e édition de la Nuit du Sport. Malgré une météo mitigée, 459 participantes et participants ont pris part aux 22 ateliers proposés, soit presque deux fois plus qu’en 2025 (242 participants). Un grand merci à toutes les participantes et tous les participants, aux clubs, aux bénévoles, au service technique ainsi qu’aux concierges de l’école de Koetschette, qui ont contribué à ce beau succès !*






Commune de Rambrouch


# AWEIUNG VUM GÎTE ZU RANDSCHELT











Den neie Gîte vun der Gemeng Groussbus-Wal ass de Sonndeg, den 28. Juni 2026, zu Randschelt ageweit ginn. Dat aalt Paschtoueschhaus vu Randschelt, dat zanter Joren eidel stoung, gouf fir seng nei Notzung als Gîte amenagéiert. Dëst aussergewéinlecht Vakanzenhaus am klengsten Duerf vu Lëtzebuerg kann dat ganzt Joer iwwer bis zu aacht Persounen empfänken.

De Gîte gehéiert der Gemeng Groussbus-Wal, wärend d'Gestioun der Firma „Simpleviu" uvertraut gouf, engem Betrib mat zolitter Erfarung an dësem Beräich. Mat sengem Fokus op aussergewéinlech Ënnerkonften ass dëse Bedreiwer den ideale Partner, fir de Gäscht eng qualitativ héichwäerteg Betreiung ze garantéieren.

A Punkto Infrastruktur fënnt een um Rez-de-chaussée vum Haus zwou Stuffen, dovunner eng mat enger flotter Wandfresk, déi dem Gîte säin aussergewéinleche Charakter ënnersträicht, eng voll ausgerüst Kichen, mat ugrenzendem Iesszëmmer an eng Toilette. Um éischte Stack si véier Schlofkummere mat Duebelbetter an zwee Stapelbetter. Eng Dusch mat Toilette souwéi e Büro komplettéieren dëse Stack. De Späicher gouf zu engem groussen Openthaltsraum ëmgebaut, mat Sauna, Dusch an Toilette.

Ouni ze vergiessen, d'Terrass mat Vue op de Park vu Randschelt a seng Kierch. Eenzegaarteg a jiddwer Hisiicht, bitt dëst onbewunnten Duerf vill Iwwerraschunge mat sengem Musée Thillenvogtei a sengem klenge Bistro ("De klenge Randschelter Bistro"). Donieft gëtt et och een thematesche Wee, deen der Meditatioun gewidmet ass („Randschleider Pad").

Zanter Mëtt Juli 2026 ass de Gîte fir de Public op. All praktesch Informatioune fënnt een ënnert www.simpleviu.com.

## INAUGURATION DU GÎTE DE RINDSCHLEIDEN

*La commune de Groussbus-Wal a inauguré, le 28 juin 2026, son nouveau gîte aménagé dans l'ancien presbytère de Rindschleiden. Entièrement rénovée, cette maison de vacances au cœur du plus petit village du Luxembourg peut accueillir jusqu'à huit personnes tout au long de l'année. La commune reste propriétaire des lieux, tandis que leur gestion est assurée par l'entreprise Simpleviu.*

*Le gîte dispose de quatre chambres, de plusieurs espaces de vie, d'une cuisine équipée, d'une terrasse avec vue sur le parc et l'église ainsi que d'un sauna aménagé dans les combles. Il constitue un point de départ idéal pour découvrir les atouts de Rindschleiden, notamment le musée Thillenvogtei, le bistrot du village et le sentier de méditation « Randschleider Pad ».*

*Le gîte est en location depuis la mi-juillet 2026 ; toutes les informations pratiques sont disponibles sur le site www.simpleviu.com.*

GROUSSBUS-WAL

Commune de
Groussbus-Wal

## NOUVELLES DU CANTON

# POLITESCHE WIESSEL ZU ELL – MERCI HENG, WËLLKOMM CLAUDE!

Den Henri Rasqué huet de 15. Juli säi Mandat als Buergermeeschter vun der Gemeng Ell néiergeluecht.

Als neie Buergermeeschter gouf de Claude Schmit vu Rued gewielt. De Kim Müller bleift éischte Schäffen, an de Steve Gereke iwwerhëlt de Poste vum zweete Schäffen, dee bis elo vum Denise Glodé assuréiert gouf. D'Denise Glodé bleift weiderhi Member vum Gemengerot.

Den Henri Rasqué war vun 2018 u Member vum Bureau vum Syndikat Kanton Réiden an zënter deem selwechte Joer och President vun der Musikschoul Kanton Réiden. Mir soen dem Heng e grousse Merci fir säi laangjäregen an onermiddlechen Asaz am Déngscht vum Kanton Réiden an déi vill wäertvoll Iddien, mat deenen hien d'Entwécklung vun eiser Regioun matgepräägt huet.

Dem Claude Schmit wënsche mir vill Erfolleg a senger neier Funktioun a freeën eis op eng gutt Zesummenaarbecht.




Den neie Schäfferot vun der Gemeng Ell. vlnr: Kim Müller, Claude Schmit a Steve Gereke.
*Le nouveau Conseil Échevinal de la Commune d'Ell. dgàd: Kim Müller, Claude Schmit et Steve Gereke.*

## *CHANGEMENT POLITIQUE À ELL – MERCI HENRI, BIENVENUE CLAUDE !*

*Le 15 juillet, Henri Rasqué a démissionné de son mandat de bourgmestre de la commune d'Ell.*

*Claude Schmit, de Roodt, a été élu nouveau bourgmestre. Kim Müller reste premier échevin, tandis que Steve Gereke reprend les fonctions de deuxième échevin, jusqu'à présent assurées par Denise Glodé. Cette dernière demeure membre du conseil communal.*

*Henri Rasqué était membre du Bureau du Syndicat Kanton Réiden depuis 2018 et présidait également l'École de musique du Canton de Redange depuis cette même année. Nous adressons un grand merci à Henri pour son engagement de longue date et son dévouement en faveur du Kanton Réiden, ainsi que pour ses nombreuses idées précieuses qui ont contribué au développement de notre région.*

*Nous souhaitons plein succès à Claude Schmit dans ses nouvelles fonctions et nous réjouissons de poursuivre notre excellente collaboration.*



# ENSEMBLE, CONSTRUISONS L'AVENIR




Chez **Équipement PRO Goedert, ECT** et **Scafflayer**, nous incarnons la qualité et la fiabilité. Nos équipes expérimentées vous accompagnent et vous conseillent afin de vous fournir l'équipement le mieux adapté à vos besoins, optimisant ainsi votre travail pour plus d'efficacité et de sécurité.

**30G Rue de Niederpallen • Z.A.E.R. Solupla • L-8506 Redange/Attert**

WÉI FANNT DIR DE MAGAZINE

QUE PENSEZ-VOUS DU MAGAZINE

DE KANTON RÉIDEN

# MERCI FIR ÄR MEENUNG! HEI SINN D'RESULTATER VUN EISER ËMFRO

**De Magazine „De Kanton Réiden" gëtt et elo zënter bal zwee Joer, Zäit fir de Bols bei Iech Lieser ze spieren. Dofir hu mir Iech gefrot, wéi Iech de Magazine gefält a wat mir kënne verbesseren.**

**Mir soen all deene Merci, déi sech Zäit geholl hunn, un eiser Ëmfro deelzehuelen. Am Ganzen hunn 180 Bierger matgemaach. Hei sinn déi wichtegst Resultater am Iwwerbléck:**

- De Magazine kënnt gutt un: 71 % vun de Participante liesen en ëmmer, 22 % meeschtens a 6 % heiansdo. 59 % bewäerten en als ganz gutt an 38 % als gutt. 88 % liesen d'Artikelen op Lëtzebuergesch, 12 % op franséisch.
- Déi Themen, déi eis Lieser am meeschten interesséieren, sinn Aktuelles (78 Nennungen), Fräizäit & Tourismus, besonnesch Trëppel- a Vëlostier (40), souwéi den Agenda an d'Evenementer (34).
- 88 % vun de Participante si mat der Opdeelung tëscht Text a Biller zefridden. 6 % géife sech manner Säite wënschen, wärend 6 % sech méi Biller a manner Text wënschen.
- 37 % vun de Participante sinn op eisen Newsletter abonéiert, déi all Mount erschéngt an ënner anerem en aktualiséierten Agenda enthält.
- 94 % vun de Participante liesen d'Informatioune léiwer op Pabeier ewéi online. Nëmmen 6 % liesen d'Informatioune léiwer an digitaler Form.

**Mir hunn all d'Verbesserungsvirschléi mat vill Opmierksamkeet gelies a wäerten déi am heefegst genannte schonn ab der nächster Editioun ëmsetzen:**

1. En Opruff u Veräiner, Sportsclibb, Museksgruppen, Kulturschaffend, markant Perséinlechkeeten aus den Dierfer, un auslännesch Matbierger a lokal Betriber, fir un enger Reportage matzemaachen.
2. Den Deel mat den Aktualitéiten aus eise Gemengen ausbauen.
3. An all Editioun e Kreuzworträtsel mat engem klenge Gewënnspill ubidden.
4. Ëmmer eng franséisch Versioun zur Verfügung (QR Code oder direkt am Magazine) stellen.
5. Méi iwwer Sport berichten.

Och all déi aner Virschléi wäerte mir versichen ze berücksichtegen.

**D'Resultater weisen, datt de Magazine bei de Lieser gutt ukënnt. Gläichzäiteg hu vill Participanten eis wäertvoll Iddie ginn, déi mir versichen ëmzesetzen. Merci fir Äert Matmaachen an Äert Vertrauen a mir freeën eis, de Magazine zesumme mat Iech weider ze entwéckelen.**

# MERCI POUR VOTRE AVIS ! VOICI LES RÉSULTATS DE NOTRE ENQUÊTE

*Le magazine « De Kanton Réiden » existe depuis bientôt deux ans. Avant de préparer le prochain appel d'offres, nous avons souhaité connaître l'avis de nos lecteurs sur le magazine et notre newsletter, ainsi que leurs suggestions d'amélioration. Notre objectif est de conserver un magazine à vocation régionale, tandis que les bulletins communaux continuent à traiter plus en détail l'actualité de chaque commune.*

*Au total, 180 citoyens ont participé à l'enquête. Les résultats montrent que le magazine est très apprécié : 71 % des répondants le lisent systématiquement et 97 % le jugent bon ou très bon. Les articles sont principalement lus en luxembourgeois (88 %) et 12 % en français, tandis que 94 % des participants préfèrent toujours le format papier au numérique.*

*Les thèmes qui suscitent le plus d'intérêt sont l'actualité du canton, les loisirs et le tourisme – notamment les itinéraires de randonnée et de vélo –, ainsi que l'agenda des manifestations. La grande majorité des lecteurs est également satisfaite de l'équilibre entre textes et illustrations.*

*Les nombreuses suggestions reçues seront prises en compte dès les prochaines éditions. Parmi les principales nouveautés prévues figurent davantage de reportages sur les associations, les personnalités locales et les entreprises, un renforcement des actualités communales, un mot croisé avec concours, davantage d'articles disponibles en français via un QR code, ainsi que plus davantage sur le sport.*

*Nous remercions chaleureusement tous les participants pour leurs précieux retours. Vos idées nous aideront à faire évoluer le magazine afin qu'il réponde toujours mieux à vos attentes.*

# AM IWWERBLÉCK / EN UN COUP D'ŒIL

**71 % liesen all Editioun**
*71 % lisent chaque édition*

**37 % sinn op d'Newsletter abonnéiert**
*37 % sont abonnés à la newsletter*

**97 % fannen de Magazine gutt (38 %) oder ganz gutt (59 %)**
*97 % jugent le magazine bon (38 %) ou très bon (59 %)*

**94 % liese léiwer op Pabeier wéi digital**
*94 % préfèrent lire le magazine sur papier plutôt qu'en version numérique*

**88 % liesen op Lëtzebuergesch ,**
**12% op franséisch**
*88 % lisent les articles en luxembourgeois, 12% en français*

**88 % sinn zefridde mat der Opdeelung tëscht Text a Biller**
*88 % sont satisfaits de la répartition entre les textes et les images*

# LES GAGNANTS DU TIRAGE AU SORT

Parmi tous les participants, 9 bons d'achat et 10 lots de deux entrées pour la Réidener Schwämm (sauna incluse) ont été tirés au sort.

Les gagnants sont :

Bon d'achat de 50 € au Pall Center :
Mireille Serres (Vichten), Rachel Theis (Oberpallen), Myriam Hansen (Mertzig)

Bon d'achat de 50 € chez Härespënnchen :
Hermine Hornick (Redange), Marco Goerens (Noerdange), Anouk Reinhardt (Arsdorf)

Bon d'achat de 50 € chez Bäcker Jos :
Tom Scheller (Holtz), Comarasamy (Redange), Luc Nothum (Hovelange)

10 lots de deux entrées pour la Réidener Schwämm (sauna incluse) :
Georges Reiser (Everlange), Elena Frising (Wahl), Tamara Marson (Roodt), Michèle Asseray (Pratz), Lisa Paiva (Bettborn), Doris Bertrand (Arsdorf), Pol Hoffmann (Rollingen), Cathy Gregorius (Koetschette), Bénédicte Clotuche (Wolwelange), Patrick Schommer (Vichten).

# ABONÉIERT IECH OP D'NEWSLETTER VUM KANTON RÉIDEN A BLEIFT ËMMER UM LAFENDEN!

De Syndikat Kanton Réiden verschéckt all Mount eng gratis Newsletter mat den neisten Informatiounen aus dem Kanton. Do fannt Dir ënner anerem Aktualitéiten aus eise Gemengen, Eventer, Informatiounen zur Mobilitéit, organiséiert Aktivitéiten an nach vill méi.

D'Newsletter gëtt op Lëtzebuergesch a Franséisch ugebueden.

Wann Dir reegelméisseg iwwer dat informéiert wëllt sinn, wat am Kanton Réiden leeft, da mellt Iech un.

# ABONNEZ-VOUS À LA NEWSLETTER DU CANTON DE REDANGE ET RESTEZ INFORMÉ !

*Le Syndicat Kanton Réiden envoie chaque mois une newsletter gratuite contenant les dernières informations du canton. Vous y trouverez notamment les actualités de nos communes, les événements à venir, des informations sur la mobilité, les activités organisées et bien d'autres sujets.*

*La newsletter est disponible en luxembourgeois et en français.*

*Si vous souhaitez être régulièrement informé de l'actualité du canton de Redange, n'hésitez pas à vous inscrire.*

Umeldung / *Inscription* :

newsletter.kanton-reiden.lu

Kanton Réiden
Service Communication
11, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 334-040
communication@kanton-reiden.lu


RIKA
PREMIUM PARTNER
walux
Bioenergy
Poêle à pellets
RIKA REVO III
2.5 – 9.0 kw
Cheminées
Poêles à bois
Poêles à pellets
Ramonages
1, Arelerstrooss
L-8523 Beckerich
T +352 26 62 14 08
E info@walux.lu
Heures d'ouverture
du lundi au vendredi
de 9h-12h & 13h30-18h
samedi sur rendez-vous
MADE IN LUXEMBOURG
www.walux.lu

EIS LOKAL DEPUTÉIERTEN

# D'DEPUTÉIERTEN AUS DEM KANTON RÉIDEN STELLE SECH VIR!



SERIE 1: JEFF BOONEN



**Zënter de Legislativwale vun 2023 vertrëtt de Jeff Boonen, 41 Joer, de Bezierk Norden als CSV-Deputéierten an der Chamber. De Jeff wunnt mat senger Famill zu Ielwen (Elvange) an der Gemeng Biekerech. Hien ass bestuet a Papp vun 2 Kanner. Zesumme mat senger Famill bedreift hien e Mëllechvéibetrib mat enger klenger Biogasanlag. Ier en an d'Chamber koum, huet hien als geléierten Agraringenieur deelzäit am Lycée Technique Agricole zu Gilsdref geschafft. Hien huet u verschiddenen europäesche Projete geschafft mam Schwéierpunkt nohalteg Mëllechproduktioun, souwéi an der Organisatiounsekipp vun der Foire Agricole.**

**Wéi eng Theme leien Iech fir den Norden a besonnesch fir de Kanton Réiden am meeschten um Häerz?**

Den Norde muss attraktiv bleiwen – als Plaz fir ze liewen, ze schaffen an eng Famill ze grënnen. Dofir brauche mir eng gutt Gesondheetsversuergung, bezuelbare Wunnraum, eng staark regional Wirtschaft an eng zouverlässeg Mobilitéit. Fir de Kanton Réiden gëllt et, déi gutt Liewensqualitéit an den Dierfer ze erhalen an nei Perspektive fir déi jonk Familljen ze schafen.

**Wou gesitt Dir déi gréissten Erausfuerderunge fir eis Regioun an de kommende Joren?**

Eng Erausfuerderung ass den Ausbau vun eiser Energieinfrastruktur. Wa mir méi elektrifizéieren, brauche mir staark Stroumnetzer an Energiespäicher. Haut scheitere scho vill Projeten un de feelende Kapazitéiten. Och d'Dekarboniséierung vun ale Wunnengen ass wichtig. Dofir brauche mir lokal Energiekonzepter, z.B. mat Fernwärmenetzer an erneierbaren Energiequelle wéi Geothermie, Biogas oder Ofwäermt vun Industriebetriber.

**A wou läit Ärer Meenung no dat gréisste Potenzial fir d'Entwécklung vum Kanton Réiden?**

Eis Regioun huet nach Potenzial fir bezuelbare Wunnraum an eng héich Liewensqualitéit. Eng grouss Stäerkt ass och eis Landwirtschaft, déi méi lokal Liewensmëttel produzéiere kann an e Bäitrag zur Energieproduktioun an zu nohaltege Rohstoffer leeschte kann. Dat schaaft regional Wäertschafung an nei Perspektive fir de Kanton.





**Dir sidd Member vu verschiddene Chambers-kommissiounen. Op wéi eng Resultater sidd Dir bis elo besonnesch houfreg?**

Ech probéieren an all Kommissioun e konstruktiven Input ze ginn. Besonnesch zefridde sinn ech mat der Aarbecht an der Agrarkommissioun, déi ech presidéieren. Déi sachlech Diskussiounen iwwert d'Parteigrenzen eraus an déi gutt Zesummenaarbecht mat der Ministesch hëllefen, konkret Projeten no vir ze bréngen. E puer Projete wëll ech hei nennen: mir hunn d'regional Vermaartung an den ëffentleche Kantinnen ausgebaut, ee Gesetz fir d'Entwécklung vu Geméiszäre gestëmmt, an och dofir gesuergt, dass d'Bauere bei Agri Photovoltaik Installatioune konkret mussen um Projet bedeeligt sinn.

**Wat schätzt Dir am meeschten un Ärer Aarbecht als Deputéierten? A wat ass déi gréissten Erausfuerderung?**

Ech schätzen et, u Reformen ze schaffen an dobäi vill bäizeléieren. Den Austausch an de Kompromëss an der Demokratie féieren oft zu bessere Léisungen. Als Member vun der Majoritéit kann ech mech fréi an de Prozess abréngen. D'Erausfuerderung ass et, mat Argumenter an Dialog seng Iddien an de gemeinsame Wee afléissen ze loossen. D'Resultater sinn net ëmmer op den éischten Bléck sichtbar, dofir brauch een e laangen Otem.



**D'Gemenge vum Kanton Réiden schaffen a ville Beräicher enk zesummen. Wéi kann déi national Politik regional Initiativen nach besser ënnerstëtzen?**

D'Gemenge sinn no bei de Bierger, de Veräiner an de Betriber a kennen d'Besoinen um Terrain am beschten. Als nationale Politiker gesinn ech meng Roll doran, Kontakter an Informatiounen ze vermëttelen a regional Projeten ze ënnerstëtzen. Gläichzäiteg musse mir de gesetzleche Kader upassen, fir dass Entwécklungen nit gebremst ginn.

**Wann Dir ee Wonsch fräi hätt: Wéi ee Projet géift Dir direkt fir de Kanton Réiden respektiv den Norden ëmsetzen?**

Wann ech ee Wonsch kéint ëmsetzen, da wier et de Bau vun enger neier Museksschoul mat engem Kulturhaus fir de Kanton Réiden. Déi aktuell Infrastrukture sinn ze kleng an et ass schued, datt Kanner wéinst Platzmangel net kënnen opgeholl ginn. Esou e Projet wier eng Investitioun an eis Jugend, an d'Kultur an d'Liewensqualitéit vun der ganzer Regioun.

**Mat wéi enge Suergen, Wënsch oder Uleies kommen d'Awunner aus eisem Kanton am heefegsten op Iech duer?**

D'Leit kommen dacks mat konkrete perséinlechen Dossieren op mech duer, wou si Hëllef oder e Kontakt bei enger Verwaltung oder engem Ministère brauchen. Ech versichen ze hëllefen, wou et geet. Als President vun der Agrarkommissioun sinn ech och reegelméisseg am Austausch mat de Baueren a kréien esou e gudde Bléck op hir Suergen an d'Erausfuerderungen um Terrain.

**Wéi schalt Dir an Ärer Fräizäit of? Wat sinn Är Hobbyen?**

D'Aarbecht als Bauer ass fir mech schonn ee groussen Ausgläich zur politescher Aarbecht. Meng Fräizäit verbréngen ech am léifste mat menger Famill. Donieft spillen ech Trombonn an der Schweecherdauler Musik a ginn zesumme mat menger Fra an d'Danzschoul. Dat ass fir mech e gutt Gläichgewiicht zum Alldag.

**Hutt Dir eng Liblingsplaz am Kanton Réiden? Wat mécht dës Plaz fir Iech esou besonnesch?**

Eng vu menge Liblingsplazen ass d'Biekerecher Mille mat hirem Weier. Schonn als Kand hunn ech do Zäit verbruecht. Haut ass de Site ganz schéi renovéiert an huet säin eenzegaartege Charme behalen. Et ass eng Plaz, déi Natur, Rou a schéi Kandheetserënnerunge matenee verbënnt.



# LES DÉPUTÉS DU CANTON DE REDANGE SE PRÉSENTENT

*Député CSV du Nord depuis les élections législatives de 2023, Jeff Boonen est ingénieur agronome de formation et exploite, avec sa famille, une ferme laitière équipée d'une unité de biométhanisation à Elvange (commune de Beckerich). Président de la Commission de l'Agriculture à la Chambre des députés, il place le développement durable et le monde rural au cœur de son engagement politique.*

*Pour le Canton de Redange, ses priorités sont de préserver la qualité de vie, de développer des logements abordables, de garantir des soins de santé de proximité, de renforcer l'économie régionale et d'améliorer la mobilité. Il estime également que l'un des grands défis des prochaines années sera l'adaptation des infrastructures énergétiques afin d'accompagner l'électrification croissante. Il plaide notamment pour le développement de réseaux de chaleur locaux et d'énergies renouvelables telles que la géothermie, le biogaz ou la récupération de chaleur industrielle.*

*Selon lui, le Canton de Redange dispose d'un important potentiel grâce à sa qualité de vie, à ses possibilités de développement résidentiel et à une agriculture capable de produire davantage de denrées alimentaires locales, d'énergie renouvelable et de matières premières durables, créant ainsi de nouvelles opportunités économiques.*

*À la Chambre, Jeff Boonen se réjouit notamment des avancées obtenues en faveur de l'agriculture : le renforcement des circuits courts dans les cantines publiques, l'adoption d'une loi facilitant le développement des serres maraîchères et une meilleure implication des agriculteurs dans les projets d'agrivoltaïsme.*

*S'il pouvait réaliser un projet pour la région, il choisirait la construction d'une nouvelle école de musique accompagnée d'un centre culturel, afin d'offrir davantage de places aux jeunes et de renforcer l'offre culturelle du canton. Dans son temps libre, il partage son temps entre son exploitation agricole, sa famille, le trombone au sein de la fanfare du Schweicherdall et les cours de danse avec son épouse. Son lieu préféré dans le Canton de Redange reste la Biekerecher Millen, un endroit qui allie nature, tranquillité et souvenirs d'enfance.*








**Kontakt / Contact :**
Jeff Boonen jboonen@chd.lu

# Kropemanns Fest

## de 27. September 2026
## zu Réiden / Atert






Hobby- & Konschtmaart,
Informatiouns- & aner Maartstänn

Musek &
Kanneranimatioun

Ouverture um 10:00
hannert dem Worréshaus
mat Politiker-Theater an Ëmfang
vum Kropemann

Org.: Kropemannsfest asbl



www.reidener-kropemannsfest.lu

## ATERT-LYCÉE RÉIDEN

# ALR-WORLDS: ENG WELT VOLLER IDDIEN A TALENTER

**Den 12. Juni huet fir déi drëtte Kéier den ALR-Worlds am Atert-Lycée stattfonnt.**

Dëst Evenement ass entstanen, fir eise Schüler*innen d'Méiglechkeet ze ginn, hiren Elteren a Familljen déi kreativ an interessant Projeten ze weisen, déi si am Laf vum Schouljoer zesumme mat hire Proffen ausgeschafft hunn. Dobäi entstinn dacks spannend Zesummenaarbechten tëscht verschiddene Fächer, wat dat interdisziplinäert Schaffen an eisem Lycée weider fërdert.

Den Atert-Lycée huet sech dëst Joer beméit, d'Krittären ze erfëlle fir eng UNESCO-Schoul ze ginn. Dofir hu mir versicht, d'Schüler*inne mat dëser Organisatioun an den Ziler vertraut ze maachen an d'Sustainable Development Goals an de Schoulalldag anzebannen. Dëst Joer stoung den ALR-Worlds deemno ënnert dem Motto „ALR goes UNESCO".

Verschidde Projeten hu virun allem eis Regioun an de Mëttelpunkt gestallt. Esou hunn d'Klasse 6CL2 a 6CL3 verschidde regional Produite virgestallt. D'Schüler*innen hate sech am Cours „Vie et société" am Virfeld domat beschäftegt an hu sech dunn an der Konscht kreativ domadder ausernee gesat.





Aner Projeten hu sech mam Éischten an Zweete Weltkrich beschäftegt, an haten ënner anerem d'Zil, d'Bedeitung vum Fridden ervirzehiewen. Sou huet d'3CC no enger Visitt vu Verdun an no der Thematiséierung vum 1. Weltkrich am Geschichtscours fiktiv Tagebucheinträg vun Zaldote verfaasst, an deenen déi schrecklech Realitéit vum Liewen an den Tranchéeën däitlech gouf.

Och de Schutz vun der Ëmwelt stoung am Fokus. D'Klassen 3GPS an 2CC hunn Norderney an de Mëllerdall, deen en UNESCO Global Geopark ass, besicht a sech mat der lokaler Flora a Fauna auserneegesat. Dobäi sinn interessant Léierfilmer entstanen, déi um ALR-Worlds presentéiert goufen. Den ALR-Talents Lappland, deen all Joer fir d'Schüler*innen aus der 4e eng Rees a Lappland organiséiert, huet sech och presentéiert. Esouguer e puer Schlittenhënn ware mat dobäi.

D'Gläichberechtegung vu Fraen a Männer stoung am Mëttelpunkt vum Projet „Women, Worlds, Wonders" vun de Klasse 7C4, 6G1, 6C5 a 6C4. Am Kader vun engem Atelier mat de Rotondes ass d'Spill „Qui est-ce ?" mat historesche Fraefiguren entstanen, an am Franséischcours goufen Aarbechten zum Thema „Figures féministes culottées" realiséiert.

Vill Projete waren d'Resultat vun enger enker interdisziplinärer Zesummenaarbecht. Esou och de Projet „ALR U Ready?" vun der Voie préparatoire, bei deem d'Schüler*inne sech a verschiddenen Ateliere mam Thema „Wëssenschaft fir jiddereen" beschäftegt hunn.

Den ALLRAUS, e Projet, dee sech als Zil gesat huet, den Unterrecht méi interaktiv, interdisziplinär an am Zesummenhang mat der Regioun ze gestalten, hat zesumme mat Schüler*innen eng Table-ronde zum Thema „Redingen zwischen Ungleichheiten und Mitbestimmung" organiséiert. Zäitgläich huet d'Soirée des patrons stattfonnt, fir






Mir hunn dëst Joer 10 Joer Mam Vëlo an den ALR gefeiert. D'Gewënner vun der Editioun 2026.

deene Patronen an Entreprisen, déi Stagiairen aus dem ALR betreit hunn, Merci fir hiert Engagement ze soen an d'Zesummenaarbecht tëscht dem Lycée an der Aarbechtswelt weider ze verdéiwen.

De Projet „Mam Vëlo an den ALR", deen d'Schüler*innen iwwer d'Vëlosweeër fir an d'Schoul informéiert an si motivéiert, dës och ze notzen, huet dëst Joer seng 10 Joer gefeiert.

Och op der Bün war vill lass: D'ALR Rockband huet fir Stëmmung gesuergt, d'ALR Dance Company ass opgetrueden, an den Talentconcours huet mat ville flotte Performancë begeeschtert.

Vill Klassen hunn och zur gudder Stëmmung bäigedroen, andeems se fir d'Iessen an d'Gedrénks gesuergt hunn. Alles an allem war et e gelongenen Owend. A wann Dir den ALR-Worlds dëst Joer verpasst hutt: An zwee Joer gëtt et eng nei Editioun!



## ALR-WORLDS : UN MONDE D'IDÉES ET DE TALENTS

*Pour la troisième fois, l'ALR-Worlds a ouvert ses portes à l'Atert-Lycée afin de permettre aux élèves de présenter à leurs familles et au public les nombreux projets réalisés tout au long de l'année scolaire. Cet événement met en valeur la créativité des élèves, encourage les collaborations interdisciplinaires entre les différentes matières et offre un aperçu concret de la vie scolaire.*

*Cette édition, placée sous le thème « ALR goes UNESCO », s'inscrivait dans la démarche de l'établissement pour devenir une école UNESCO. Les projets présentés étaient étroitement liés aux valeurs de l'UNESCO et aux objectifs de développement durable. Les visiteurs ont ainsi découvert des travaux consacrés aux produits régionaux, à l'histoire des deux guerres mondiales, à la promotion de la paix et à la protection de l'environnement. D'autres projets ont mis en avant l'égalité entre les femmes et les hommes, les sciences accessibles à tous, la participation citoyenne ou encore la mobilité durable avec le projet « Mam Vëlo an den ALR », qui célébrait son dixième anniversaire.*

*La soirée a également été l'occasion de remercier les entreprises partenaires lors de la Soirée des patrons, organisée en parallèle. Concerts de la Rockband, spectacle de la Dance Company, concours de talents et stands de restauration tenus par les élèves ont complété le programme. Une nouvelle édition riche en découvertes, qui a une fois de plus démontré le dynamisme, l'engagement et les nombreux talents des élèves et des enseignants de l'Atert-Lycée.*

# SPORTLECH ERFOLLEGER VUM ALR

**An de leschte Méint hunn d'Schüler*inne vum Atert-Lycée mat ville sportlechen Erfolleger iwwerzeegt.**

Beim Championnat LASEL fir Schüler ouni Lizenz am Turnen huet den ALR d'Gesamtwäertung vun de Schoule gewonnen an domat eng exzellent Leeschtung gewisen.



Eis Turn-Ekipp, déi de LASEL Championnat gewonnen huet

Am Beachvolleyball konnte sech eis Cadetten den Titel vum LASEL-Champion sécheren. D'Ekipp bestoung aus Tun Ferber, Noah Agnes, Leo Kohl, Sarah Schrenger a Leyla Civic.



Eis Beachvolley-Ekipp, déi LASEL-Chamipon goufen

Och beim LASEL Hyrox, deen dëst Joer am Atert-Lycée organiséiert gouf, waren eis Schüler*innen an Topform. Souwuel d'Jongen- wéi och d'Meederchersekipp konnten d'Wäertung fir sech entscheeden. An den Eenzelklassementer hunn d'Lisa Leistico an de Leo Bausch déi éischt Plaz erreecht, d'Noa Agnes an den Tiago Dias da Silva goufen zweeten, an d'Julie Leistico an de Fabien Schmitz hunn eng staark drëtt Plaz beluecht.





Eis Ekippe stounge beim LASEL Hydrox zweemol ganz uewen

Beim traditionelle Laf ronderëm de Séi zu Iechternach war den ALR staark vertrueden: Direkt zwee Busser mat Schüler*innen hunn un dësem beléiften Event deelgeholl.



Eis Ekippe stounge beim LASEL Hydrox zweemol ganz uewen

E weidere grousse Succès gouf et beim Klammchampionnat, wou d'Ekipp mam Enie Knell, Yann Fessaguet, Philippe Weiler an Nicolas Wolff déi éischt Plaz beleeë konnt.



D'Gewënner aus dem ALR vum Klammchampionnat

Eis Meederchersfuttballekipp huet sech bis an d'Halleffinall gekämpft, wou si sech dem Sportlycée huet misse geschloe ginn.



Eis Dammenekipp am Fussball.

Nieft de sportleche Competitiounen ass och de Spaass net ze kuerz komm. Um leschte Schouldag hunn d'Schüler sech géint d'Proffen am Volleyball, Vëlkerball, Basketball a Futtball gemooss. No spannende Begéinungen ass et mat engem gerechten 2:2 ausgaangen: D'Schüler hu sech am Vëlkerball a Basketball duerchgesat, d'Proffe konnten de Volleyball- a Futtballsmatch fir sech entscheeden.



Basketsmatch tëscht de Schüler a Proffen



Eis Gewënner vum Concours UNICEF #Neteleng Lycée.

Nieft de sportleche Leeschtungen dierf sech den ALR och iwwer e flotte Succès am UNICEF-Concours #Neteleng Lycée Editioun freeën. D'Klass 4C4 vum leschte Schouljoer huet mat engem kreative Videoprojet déi drëtt Plaz erreecht. Beim Concours ware Schülerinnen a Schüler aus dem ganze Land opgefuerdert, Iddien z'entwéckelen, wéi d'Wuelbefannen an den Zesummenhalt an der Schoul gestäerkt an de Leeschtungsdrock reduzéiert kënne ginn.

## SUCCÈS SPORTIFS ET BEAUX MOMENTS À L'ALR

*Ces derniers mois, les élèves de l'Atert-Lycée ont remporté de nombreux succès sportifs. L'ALR a notamment remporté le classement général du championnat LASEL de gymnastique pour élèves sans licence. Les équipes féminine et masculine se sont également imposées lors du Hyrox LASEL, organisé cette année au lycée. D'autres titres ont été remportés en beach-volley (catégorie cadets) et en escalade, tandis que l'équipe féminine de football s'est hissée jusqu'en demi-finale. Les élèves ont aussi participé en nombre à la traditionnelle course autour du lac d'Echternach.*

*La fin de l'année scolaire a été marquée par les traditionnelles rencontres sportives entre élèves et enseignants. Après des matchs disputés en volley-ball, balle au prisonnier, basket-ball et football, les deux équipes se sont quittées sur un score de 2 à 2.*

*Au-delà du sport, la classe 4C4 s'est distinguée en décrochant la troisième place du concours UNICEF #Neteleng Lycée grâce à un projet vidéo créatif consacré au bien-être, à la cohésion entre élèves et à la réduction de la pression scolaire.*

# WIESSEL UN DER SPËTZT VUM ALR

## CHANGEMENT À LA TÊTE DE L'ALR

De Jeff Kohnen, deen zënter 2020 Direkter vum Atert-Lycée Réiden (ALR) war, wiesselt den 1. September an de Stater Jongelycée, wou hien d'Funktioun vum Direkter iwwerhëlt.

Säin Nofollger am ALR gëtt den Alexis Schloesser, dee bis elo Directeur adjoint war.

De Syndikat Kanton Réiden seet dem Jeff Kohnen e grousse Merci fir déi oppen, onkompliziéiert, agreabel a konstruktiv Zesummenaarbecht a wënscht him alles Guddes, vill Erfolleg an Erfëllung op sengem neie Posten.


Mir wënschen dem Alexis Schloesser e ganz gudde Start a vill Succès a senger neier Funktioun un der Spëtzt vum ALR a freeën eis op eng weiderhi gutt Zesummenaarbecht.

*Jeff Kohnen, directeur de l'Atert-Lycée Réiden (ALR) depuis 2020, rejoindra le Lycée de garçons le 1er septembre, où il prendra ses fonctions en tant que directeur.*


*À l'ALR, il sera remplacé par Alexis Schloesser, jusqu'à présent directeur adjoint.*

*Le Syndicat Kanton Réiden remercie chaleureusement Jeff Kohnen pour la collaboration ouverte, simple, agréable et constructive au cours de ces dernières années et lui souhaite beaucoup de réussite et d'épanouissement dans ses nouvelles fonctions.*

*Nous souhaitons également à Alexis Schloesser un excellent début et beaucoup de succès dans ses nouvelles fonctions à la tête de l'ALR et nous réjouissons de poursuivre notre bonne collaboration.*



Jeff Kohnen



Alexis Schloesser

Atert-Lycée Réiden
1, Rue du Lycée
L-8508 Redange-sur-Attert

(+352) 26 62 32 200
secretariat@alr.lu
alr.lu

# RÉIDENER JUGENDTREFF



## QUAND L'EUROPE SE RENCONTRE À HOLTZ : UNE SEMAINE QUI A CHANGÉ 40 JEUNES

*Du 9 au 16 juillet, 40 jeunes venus du Luxembourg, de la France, de l'Italie et de la Belgique ont vécu une semaine riche en découvertes, en créativité et en rencontres au Camping Héiltzerstee. Ce projet Erasmus+ leur a offert l'occasion de tisser des liens avec d'autres jeunes Européens, de s'ouvrir à de nouvelles cultures et de vivre une expérience humaine unique dans un cadre bienveillant, inclusif et sécurisé. Niché au cœur de la nature, le camping de Holtz a favorisé une véritable déconnexion des écrans et un retour à l'essentiel.*



*Convaincus que les activités culturelles, artistiques et sportives sont de formidables vecteurs d'épanouissement personnel, les organisateurs avaient imaginé un programme aussi varié qu'enrichissant.*

*Danse, création musicale, vidéo, capoeira, yoga, fitness, peinture, modelage, couture ou encore kick-boxing : chacun a pu explorer de nouveaux talents, développer sa créativité et vivre des expériences inoubliables. Les jeunes luxembourgeois se sont également investis dans l'animation des soirées en organisant de grands jeux, des feux de camp et des jeux de nuit. Les jam sessions improvisées, les jeux d'eau, les discussions et les nombreux moments de convivialité ont largement contribué à renforcer les liens entre les participants.*

*Mais au-delà de toutes ces activités, le souvenir le plus marquant restera sans aucun doute l'incroyable cohésion qui s'est créée entre les 40 jeunes et les 10 éducateurs. Dès les premiers jours, le groupe ne faisait déjà plus qu'un. Cette complicité n'a cessé de grandir tout au long de la semaine, comme en témoignaient les adieux particulièrement émouvants.*

*Cette belle réussite est également le fruit de l'engagement de six jeunes luxembourgeois qui ont pris en charge une grande partie de l'animation dans le cadre de leur formation d'Animateur B, sous la coordination de Maïté*

*Schroeder. Leur implication, leur dynamisme et leur sens des responsabilités ont largement contribué à la qualité du séjour.*

*Tous les participants espèrent désormais donner une suite à cette aventure, peut-être en Italie, en Belgique ou en France. Car au-delà des frontières, ces échanges sont de véritables écoles de la vie. Ils favorisent le vivre-ensemble, l'ouverture d'esprit, la solidarité, la créativité, l'autonomie et la prise d'initiative.*

*Nous adressons un immense merci au programme Erasmus+ pour son précieux soutien financier, sans lequel ce projet n'aurait pas pu voir le jour. Nos remerciements vont également au Camping Héiltzerstee pour son accueil chaleureux, à notre directrice Martine Thielmanns pour la confiance qu'elle nous a accordée, ainsi qu'aux familles, aux éducateurs, aux animateurs et à tous les partenaires qui ont contribué à faire de cette semaine une véritable réussite.*

*Enfin, notre plus grand merci s'adresse aux jeunes. Par leur enthousiasme, leur curiosité, leur ouverture aux autres et leur énergie communicative, ils ont donné à ce projet toute sa richesse humaine. Nous espérons qu'ils conserveront longtemps cet esprit de partage, de respect et de découverte qui les a animés tout au long de cette semaine.*

*Si de tels échanges étaient proposés à un plus grand nombre de jeunes, ils contribueraient sans aucun doute à construire une société plus ouverte, plus solidaire et plus humaine.*











Jugendtreff a.s.b.l.
13, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 23 62 06 57
martine@mjredange.lu




# CUISINES EQUIPEES & MOBILIER SUR MESURE

## Redange Intérieur,

La visite de notre showroom peut vous inspirer grâce un espace où design, innovation et fonctionnalité se rencontrent pour imaginer la cuisine qui vous ressemble.

Découvrez notre belle sélection de cuisines sur mesure, d'électroménagers haut de gamme et de sanitaires élégants, incluant les appareils **Bora**, véritables révolutions technologiques.

Profitez aussi de notre sélection de mobilier personnalisé pour optimiser l'agencement de votre intérieur, comme des placards, des dressings, des meubles TV, des bureaux, des buffets,...

Nous vous accompagnons de l'idée à l'installation, avec des offres adaptées à chaque style et à chaque budget.

**Un suivi personnalisé dès la création de votre projet, mais aussi pendant et après sa concrétisation.**

Au plaisir de vous recevoir dans notre showroom.





**Votre cuisine et votre mobilier d'exception sur mesure.**





***Conditions spéciales & Devis gratuit***





***Profitez pleinement de votre intérieur grâce à Redange Intérieur !***

www.redange-interieur.lu    info@redange-interieur.lu

+352 691 222 016    +352 28 79 72 99

**ZAE SOLUPLA** Rue de Niederpallen 32E L-8506 Redange-sur-Attert

SCAN ME

## ERËNNERUNGEN AUS DEM LIEWEN

# DE FOOS BERCHEM ERËNNERT SECH



**De Foos Berchem (97) huet bal e ganzt Joerhonnert lëtzebuergesch Geschicht materlieft. Als Jong um Bauerenhaff huet hien den Zweete Weltkrich erlieft, spéider iwwer Joerzéngte laang als Bauer geschafft a sech staark am Duerfliewen engagéiert. Haut wunnt hie mat senger Fra am HPPA zu Réiden. Am Gespréich erzielt hie vu schwéieren Zäiten, sengen zwou grousse Léiften an de Wäerter, déi hie bis haut droen.**

**Dir sidd 1928 zu Ollem op d'Welt komm. Wéi erënnert Dir Iech un Är Kandheet?**

Ech sinn zesumme mat menge véier Schwësteren, dorënner meng Zwillingsschwëster, a véier Bridder, déi all tëscht 1920 an 1930 gebuer sinn, op eisem Bauerenhaff zu Ollem grouss ginn.

Mäi Papp ass leider sechs Woche virun der Gebuert vum néngte Kand onerwaart gestuerwen. Ech hu keng Erënnerung un hien. Meng Mamm a meng Groussmamm hunn den Haff du misse verpachten, mee mir hunn zwou Kéi, zwee Schwäin an de Geméisgaart behalen. Mir hu vun deem gelieft, wat den Haff an de Gaart hierginn hunn, mir hunn eist eege Brout gebak a geschluecht.

**Wéi huet den Alldag um Haff ausgesinn?**

Nodeems mir den Haff 1940 nees selwer bewirtschaftet hunn, sinn ech all Moie virun der Schoul zwou Kéi sträiche gaang. E puer Joer drop, waren de Päerdsstall an d'Méimaschinn meng Aufgab. Ech sinn am Heemount um véier opgestan, hunn d'Päerd versuergt a si mat hinne méine gefuer. Ech hunn déi Aarbecht ëmmer gär gemaach.

**Dir hutt den 2. Weltkrich vun der éischter Stonn u materlieft?**

Den Dag virun der Invasioun hate mir bis spéit owes Grompere gesat. Well keng Zäit méi fir d'Hausaufgabe bliwwen ass, huet eis Mamm eis den 10. Mee 1940 moies fréi erwächt, fir se nach virun der Schoul ze maachen.




De Foos um Schouss vu sengem Papp, deen ee Joer drop gestuerwen ass. (1929)




De Foos sëtzt mat senger Zwillingsschwëster an der Mëtt um Stull, ëmgi vu senge Geschwëster. (+/-1932)




D'Jeanny an de Foos op hirem Haff, wou si e Kréppespill fir d'Kanner aus dem Duerf organiséiert hunn. (Enn 1980er).




De Foos war Bauer duerch an duerch, enk verwuerzelt mam Buedem, den Déieren, mat der Natur an de Joreszäiten.

Wéi mir grad ugefaangen haten, huet mäi grousse Brudder vun dobausse geruff: „Kommt kucken, e Fliger!" E Fliger um Himmel war deemools eppes ganz Aussergewéinleches.

Géint siwen Auer moies ass eng laang Kolonn vu Motorrieder mat Säitekärecher, wou iwwerall Zaldote mat Karabiner drasouzen, duerch d'Duerf gefuer. Mir hate kee Radio a woussten iwwerhaapt net, wat lass war. Eréischt wéi mir d'Hakekräizer op den Uniforme gesinn hunn, hu mir begraff, datt et d'Preise wieren. Deen Dag hu mir net méi bréichten an d'Schoul ze goen. Och wann de Problem vun der Hausaufgab fir deen Dag geléist war, koume vill méi grouss Problemer op eis duer.

### Wéi huet de Krich Är Famill betraff?

Besonnesch erdréckend war, wéi mir iwwer zwee Joer e fanateschen däitschen Ënneroffizéier bei eis am Haus wunnen haten, dee fir déi preisesch Radarstatioun am Duerf geschafft huet.

Dräi vu menge Bridder goufen an d'Wehrmacht agezunn. Mäin drëtteelste Brudder, de Jäng, ass wärend engem Heimaturlaub zu Alzeng ënnergedaucht. Well hie sech awer aktiv géint den Naziregimm wollt asetzen, huet hie sech der Resistenz an der Belsch ugeschloss. Zesumme mat 17 anere Lëtzebuerger gouf hien an engem Bësch bei Habay verroden, gefaange geholl an den 9. Mee 1944 zu Frankfurt erschoss.

Meng zwee aner Bridder hu béid op der Ostfront gekämpft. Nom Doud vum Jäng hat meng Mamm e Gelübde gemaach: Sollten hir zwee aner Jongen de Krich iwwerliewen, géif si eng Muttergottes-Statue stëften. Si huet hiert Verspriechen agehalen. Haut steet dës Statu an der Entrée vun der Randschelter Kierch.

### Wéi ass et nom Krich fir Iech weidergaangen?

Meng Mamm huet vill Wäert drop geluecht, datt all hir Kanner eng gutt Ausbildung kréien. Wéi meng Bridder, sinn och ech an d'Akerbauschoul gaangen. No der Schoul hunn ech um Haff matgeschafft a mir hunn e quasi vun Null un opgebaut a vergréissert. Ech hunn déi rasant Entwécklung an der Landwirtschaft matgemaach, vum Aarbechtspäerd bis zum décken Traktor.

### Gouf et deemools keng éischt Léift?

Ech hat mech an e Meedchen, d'Colette verléift. Hir Mamm war awer der Meenung, datt e Bauerejong net dee richtege Mann fir hir Duechter wier. Dat huet mech esou déif getraff, datt ech a Kanada wollt auswanderen. Meng Mamm huet mech awer dovun ofgehalen.

Wéi meng Fra an ech meng éischt grouss Léift bal 60 Joer méi spéit zoufälleg erëmgesinn hunn, sot d'Colette: „Wat war ech eng domm Kou, datt ech deemools op meng Mamm gelauschtert hunn."




De Foos mat sengem Vélo comique.

**Dir hutt den Haff du mat Ärem eelste Brudder iwwerholl?**
Richteg, 1970 hu mir zu zwee de Betrib iwwerholl, dee bis dohinner op Berchem Veuve gelaf ass. Well mäi Brudder sech no a no méi staark politesch engagéiert huet, war hien ëmmer manner um Haff, wat net einfach war. 1979 hunn ech de Betrib eleng iwwerholl a mat menger frësch bestueter Fra weidergefouert.

**Dat heescht, d'Liewen huet Iech eng zweet Chance an der Léift ginn?**
Jo, mir hunn eis kennegeléiert, wéi d'Jeanny Giedel vum neie Pompjeesfändel ginn ass. Hatt seet haut nach ëmmer, ech hätt et 10.000 Frang kascht – esou vill huet nämlech seng Part vum Fändel kascht! D'Jeanny ass e Stater Meedchen an eng geléiert Bünenbildnerin. Trotzdeem huet hatt sech erstaunlech séier un d'Liewen um Bauerenhaff gewinnt a war mir ëmmer eng grouss Ënnerstëtzung. Dem Jeanny säi gréisste Wonsch als Kand war nämlech Bauer ze ginn. Säi Papp huet dat awer deemools net zougelooss.

**Hat Dir nieft der Aarbecht um Bauerenhaff nach Zäit, Iech am Duerf ze engagéieren?**
Dat huet misse sinn! Ech war bei de Pompjeeën aktiv, sinn 20 Joer laang Ambulanz gefuer, war Member vum Poretteclub a Grënnungsmember vun de Vélos comiques. Mat eise selwer ëmgebaute Vëloe si mir méi wéi véier Joerzéngten op Kavalkaden an aner Fester ënnerwee gewiescht.

**A wéi sidd Dir zu Gréiwels gelant?**
1995 hu mir de Betrib an eist Haus un eisen Neveu weiderginn. D'Jeanny wollt ëmmer gär an d'Éislek plënneren, ech wollt awer net ze wäit vun Ollem ewech sinn. Wéi mir zu Gréiwels en Haus ze verkafe gesinn hunn an d'Jeanny déi immens Vue bis op de Kierchbierg entdeckt huet, war fir hatt direkt kloer: „Dat hei ass et!"



D'Hochzäit vum Foos mam Jeanny (Privat, 1979).

**Wéi hutt Dir Är Pensioun bis elo verbruecht?**
Langweileg war et mir bis elo ni. Ech bastele gär, hu vill am Gaart geschafft an hat d'Chance e gudden Deel vun der Welt ze gesinn. Zënter mengem Hiereschlag muss ech awer méi lues trieden.

**Wat ass Äert Geheimnis fir esou fit am Kapp ze bleiwen?**
Et ass wichteg, all Dag eng positiv Beschäftegung ze hunn, eppes wou ee sech moies beim Opstoen drop freet. An ech hat ni eng Rechemaschinn, an hunn haut nach kee Computer oder Smartphone ugepaakt. De Kapp huet ëmmer missen duerhalen!

**Wat bedeit Zefriddenheet fir Iech?**
Zefriddenheet bedeit fir mech e rouegt Liewen ouni Péng féieren ze dierfen, an dat ze maachen, wat ee gäre mécht! Éierlechkeet, Respekt a Récksiicht op déi aner si fir mech déi wichtegst Wäerter.

**Wat fir e Message géing Dir de Lieser gäre mat op de Wee ginn?**
Loosst Iech net alles gefalen! Wann Dir d'Gefill hutt, net respektéiert ze ginn, reagéiert! Nëmmen esou kënnt Dir mat Iech selwer an der Welt a Fridde sinn!



D'Gaardenaarbecht war eng gemeinsam Passioun vum Jeanny a Foos.



De Foos am Gaart doheem zu Gréiwels. (1997)

# SOUVENIRS D'UNE VIE

## *FOOS BERCHEM SE SOUVIENT*

*À 97 ans, Foos Berchem a traversé près d'un siècle d'histoire luxembourgeoise. Né à Olm et élevé dans une ferme parmi neuf enfants, il a très tôt dû assumer de grandes responsabilités. Son père étant décédé quelques semaines avant la naissance du 9e enfant, sa mère et sa grand-mère ont élevé la grande famille dans des conditions difficiles.*

*Ses souvenirs de la Seconde Guerre mondiale l'ont profondément marqué. Enfant, il a vécu l'invasion allemande du 10 mai 1940. Trois de ses frères furent incorporés de force dans la Wehrmacht. L'un d'eux rejoignit la Résistance avant d'être fusillé en 1944. Sa mère fit alors le vœu d'offrir une statue de la Vierge si ses deux autres fils revenaient vivants de la guerre, une promesse qu'elle tint après le conflit.*

*Après ses études à l'école d'agriculture, Foos contribua au développement de l'exploitation familiale. Son premier grand amour échoua à cause des préjugés de l'époque, avant qu'il ne rencontre Jeanny, la femme de sa vie. Ensemble, ils exploitèrent la ferme jusqu'en 1995, avant de s'installer à Grevels.*

*En parallèle de son activité d'agriculteur, il s'est fortement investi dans la vie associative de son village : pompier volontaire, conducteur d'ambulance pendant vingt ans, membre du Coin de Terre et cofondateur des « Vélos comiques ». Même à la retraite, il est resté actif, se consacrant au bricolage, au jardinage et aux voyages.*

*Pour Foos Berchem, le secret d'une vie épanouie est d'avoir chaque jour une activité qui donne envie de se lever le matin. L'honnêteté, le respect et la considération envers les autres sont, selon lui, les valeurs essentielles. Son message aux jeunes est sans équivoque : « Ne vous laissez pas tout imposer ! Si vous avez le sentiment de ne pas être respectés, réagissez. C'est seulement ainsi que vous pourrez être en paix avec vous-mêmes et avec le monde. »*




De Foos op engem Duerffest zu Wal. (2000)




De Foos a sengem Atelier. (1980er)

**Wëllt och Dir Är Liewenserënnerunge mat eis deelen?**
**Mellt Iech gäre bei eis:**

KANTON RÉIDEN

Syndikat Kanton Réiden

(+352) 28 334 – 040
magazine@kanton-reiden.lu

HPPA

**Dësen Artikel gouf zesumme mam HPPA entwéckelt.**

# RÉCKBLÉCK: WEEKEND VUM WËLLE WESTEN 2026

Den 28. Juni 2026 huet déi 5. Editioun vum Weekend vum Wëlle Westen am Musée Thillenvogtei zu Randschelt stattfonnt an huet vill Visiteuren op dëse besonneschen touristesche Site gelackelt. Organiséiert vum Service Tourisme a Service Vivre Ensemble vum Kanton Réiden, huet dëst Fest nees gewisen, wéi vill de Wëlle Westen ze bidden huet.

Ee groussen Highlight war déi offiziell Ouverture vum neie Gîte Randschelt, deen no enger Renovatioun seng Dieren opgemaach huet. Vill interesséiert Gäscht hunn d'Geleeënheet genotzt, d'Gebai bei enger Porte ouverte ze besichen an dës nei touristescht Offer aus der Regioun kennenzeléieren.

De ganze Site war den Dag iwwer mat Liewe gefëllt: touristesch Partner, Veräiner an Aussteller hunn hir Offere presentéiert an de Visiteuren Ablécker an d'Villfalt vum Wëlle Westen ginn. Grouss a Kleng konnten un Atelieren deelhuelen, de Musée entdecken a bei de gratis Kanneranimatioune matmaachen. Och kulinaresch war fir all Goût eppes dobäi.

Fir eng flott Ambiance hunn och déi musikalesch Optrëtter vun der Musikschoul Kanton Réiden, Les Gavroches a Powerblech gesuergt.

E grousse Merci geet un all eis touristesch Partner, Veräiner, Benevollen, Kënschtler, Gemengen an Aussteller, déi mat hirem Asaz zum Erfolleg vun dëser Editioun bäigedroen hunn. Natierlech wëlle mir eis och bei all de Visiteure bedanken, déi dësen Dag mat eis verbruecht hunn.

Mir freeën eis op d'nächst Joer!


© Caroline Roemen


© Caroline Roemen


© Caroline Roemen


© Caroline Roemen


© Caroline Roemen
















# RETOUR SUR LE WEEKEND VUM WËLLE WESTEN 2026

*Le 28 juin 2026, la 5e édition du Weekend vum Wëlle Westen s'est déroulée au Musée Thillenvogtei à Rindschleiden et a attiré de nombreux visiteurs sur ce site touristique exceptionnel. Organisée par le Service Tourisme et le Service Vivre Ensemble du Kanton Réiden, cette journée a une nouvelle fois mis en valeur toute la richesse touristique du Wëlle Westen.*

*Un temps fort de la journée a été l'inauguration officielle du nouveau Gîte Randschelt, qui a ouvert ses portes après sa rénovation. De nombreux visiteurs ont profité de la journée portes ouvertes pour découvrir ce nouvel hébergement touristique de la région.*

*Tout au long de la journée, le site a été animé par les partenaires touristiques, les associations et les exposants, qui ont présenté leurs activités et fait découvrir la diversité du Wëlle Westen. Petits et grands ont pu participer à des ateliers, visiter le musée et profiter des nombreuses animations gratuites pour enfants. Les visiteurs ont également pu apprécier une offre variée de restauration et de boissons.*

*L'ambiance festive a été assurée par les prestations musicales de l'École de Musique du Canton de Redange, de Les Gavroches et de Powerblech.*

*Un grand merci à tous nos partenaires touristiques, associations, bénévoles, artistes, communes et exposants qui ont contribué, par leur engagement, au succès de cette édition. Nous remercions également chaleureusement tous les visiteurs qui ont partagé cette belle journée avec nous.*

*Nous nous réjouissons d'ores et déjà de vous retrouver l'année prochaine !*

KANTON RÉIDEN TOURISME

KANTON RÉIDEN VIVRE ENSEMBLE

VISITWËLLEWESTEN

Tourist Info Wëlle Westen
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange

(+352) 28 33 45
tourisme@kanton-reiden.lu
visitwellewesten.lu

# GEMEINSAM DIE ZUKUNFT REGIONALER SOUVENIRS GESTALTEN

## *CONSTRUISONS ENSEMBLE L'AVENIR DES SOUVENIRS RÉGIONAUX*

Die Region Guttland steht für entschleunigtes Reisen, authentische Begegnungen und nachhaltige Erlebnisse. Gemeinsam mit den Mitgliedsgemeinden, regionalen Partnern sowie den Förderprogrammen LEADER Wëlle Westen und LEADER Zentrum Westen entwickelt Visit Guttland mit dem Projekt „Slow Souvenirs" authentische Produkte, die die Identität der Region widerspiegeln und Gästen ein Stück Guttland mit nach Hause geben.

Als Projektträger bringt Visit Guttland regionale Produzentinnen und Produzenten, Handwerksbetriebe sowie kreative Köpfe zusammen, um Souvenirs zu entwickeln, die Geschichten erzählen, Emotionen wecken und die Besonderheiten der Region sichtbar machen.

Das Projekt versteht sich als langfristige Initiative. Auch künftig können neue Ideen eingereicht werden. So entsteht Schritt für Schritt ein Netzwerk, das die regionale Identität stärkt und die Geschichte Guttlands über den Besuch hinaus weitererzählt.





© SI Nospelt

*La région Guttland est synonyme de tourisme à un rythme apaisé, de rencontres authentiques et d'expériences durables. En collaboration avec les communes membres, les partenaires régionaux ainsi que les programmes LEADER Wëlle Westen et LEADER Zentrum Westen, Visit Guttland développe, à travers le projet « Slow Souvenirs », des produits authentiques qui reflètent l'identité de la région et permettent aux visiteurs de repartir avec un morceau de Guttland.*

*En tant que porteur du projet, Visit Guttland réunit des producteurs et productrices de la région, des entreprises artisanales ainsi que des personnes créatives afin de concevoir des souvenirs qui racontent des histoires, suscitent des émotions et mettent en valeur les spécificités du territoire.*

*Le projet se veut une initiative à long terme. De nouvelles idées pourront également être proposées à l'avenir. Ainsi, un réseau se construit progressivement, renforçant l'identité régionale et permettant de faire vivre l'histoire du Guttland bien au-delà de la visite.*

VISIT GUTTLAND

Sie benötigen weitere Informationen? / *Vous souhaitez obtenir plus d'informations ?*

(+352) 28 22 78 62
info@visitguttland.lu

# Slow souvenirs Guttland



Weider Informatiounen a Kontakt

## Wann Souveniren Geschichten erzielen:

### Méi wéi eng Erënnerung.

**Et gi Souveniren, déi net nëmmen un eng Plaz erënneren.**

Si erzielen d'Geschichte vun de Mënschen, déi se geschaf hunn, an droen d'Identitéit vun enger ganzer Regioun an sech. Mam Projet Slow Souvenirs entstinn eenzegaarteg Produiten, déi d'Authentizitéit an de Charme vum Guttland an de Mëttelpunkt stellen. Zesumme mat regionale Produzentinnen a Produzenten entwéckelt Visit Guttland Souveniren, déi Handwierk, Regionalitéit an nohaltegt Denken op eng besonnesch Aart verbannen.

VISIT GUTTLAND

LEADER WËLLE WESTEN ZENTRUM WESTEN

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture

Cofinancé par l'Union européenne

LEADER ass en europäesche Fërderprogramm ënnert der Leedung vum Landwirtschaftsministère. Am Kader vum Projet "Slow Souvenirs" entstinn während der aktueller LEADER-Phas eenzegaarteg Souveniren, inspiréiert vun de Besonneschkeete vun de Gemengen Biekerech, Biissen, Ell, Garnech, Groussbus-Wal, Habscht, Helperknapp, Käerch, Kielen, Mamer, Mäerzeg, Miersch, Préizerdaul, Rammerich, Réiden, Sëll, Stengefort an Useldeng.

# D'GEMENGE VUM KANTON RÉIDEN GLÄNZE WEIDER AM KLIMAPAKT!



**Klimapaktdag 2026**
Den 8. Mee 2026 hunn um Klimapaktdag am Cercle Cité an der Stad véier Gemenge vum Kanton Réiden aus den Hänn vum Ëmweltminister Serge Wilmes hir Klimapakt-Auszeechnung entgéint geholl.

Dës Zertifizéierung ass eng Unerkennung fir déi laangjäreg a konsequent Efforte vun der Bevëlkerung, de Gemengemataarbechter an de politesch Verantwortlechen am Asaz fir de Klimaschutz.

D'Gemenge Biekerech an Ell hunn allebéid d'Gold-Zertifizéierung mat engem Resultat vun 82 % beim Audit erreecht. D'Gemenge Säll a Réiden kruten d'Sëlwer-Zertifizéierung mat respektiv 73 % an 68 %.

Wärend d'Gemeng Biekerech hiert exzellent Resultat vun 2023 bestätege konnt, hunn d'Gemengen Ell, Säll a Réiden sech bannent dräi Joer ëm ronn 8 % verbessert.

Dës Resultater ënnersträichen nach eng Kéier den aussergewéinlechen Engagement vun de Gemengen aus dem Kanton Réiden fir d'Energietransitioun an de Klimaschutz.

**Zertifizéierungsaudit 2026**
All dräi Joer mussen d'Gemengen am Klimapakt hir Zertifizéierung erneieren. Tëscht Abrëll a Juli 2026 goufen d'Gemenge Préizerdaul, Rammerich, Viichten an Useldeng auditéiert, fir hir Zertifizéierung ze bestätegen oder – am beschte Fall – nach ze verbesseren.

Och dëst Joer kënne si sech iwwer exzellent Resultater freeën: D'Gemengen Useldeng (76,8 %) a Préizerdaul (78,9%) kruten d'Gold-Zertifizéierung, d'Gemeng Viichten d'Sëlwer-Zertifizéierung mat 66 % an d'Gemeng Rammerich d'Bronze-Zertifizéierung mat 59 %.

De Kanton Réiden hält domat weider eng Spëtzepositioun zu Lëtzebuerg an. Mat engem aussergewéinlech héijen Duerchschnëttsniveau a véier vun néng Gemengen, déi de Gold-Status erreecht oder confirméiert hunn, setzt de Kanton landeswäit e staarkt Zeechen.



Fir dës héich Auszeechnungen ze erreechen, hunn d'Gemengen hir Hëtzesverbräich däitlech reduzéiert, fossil Heizsystemer duerch erneierbar Energien ersat, Gemengegebaier energeetesch sanéiert oder nei Gebaier mat héchstem Energiestandard gebaut. Gläichzäiteg goufen op ville Gemengegebaier Photovoltaikanlagen installéiert.

D'Gemenge motivéieren och hir Bierger, dee selwechte Wee anzeschloen, andeems si attraktiv finanziell Primme fir energeetesch Sanéierungen an erneierbar Energien ubidden. Den Energieberoder vum Syndikat Kanton Réiden informéiert a begleet all Awunner aus dem Kanton gratis bei hire Renovatiounsprojeten oder bei der Ëmsetzung vun erneierbaren Energieanlagen.

Och déi regional Zesummenaarbecht am Kader vum Syndikat Kanton Réiden dréit konkret Friichten: Esou konnt dëst Joer e Wandpark mat fënnef moderne Wandrieder realiséiert ginn. Dank dëser Produktioun produzéiert de Kanton Réiden haut méi Stroum, wéi en am Laf vun engem Joer verbraucht – nämlech 110 % vu sengem järleche Stroumverbrauch.



## LES COMMUNES DU CANTON DE REDANGE CONTINUENT DE BRILLER DANS LE PACTE CLIMAT !

*Le canton de Redange confirme une nouvelle fois son rôle de précurseur en matière de protection du climat. Lors du Klimapaktdag 2026, les communes de Beckerich et d'Ell ont obtenu la certification Gold (82 %), tandis que Saeul (73 %) et Redange-sur-Attert (68 %) ont reçu la certification Silver. Beckerich a confirmé son excellent résultat de 2023, alors que les trois autres communes ont progressé d'environ 8 % en trois ans.*

*Les audits réalisés au printemps 2026 ont également récompensé les communes d'Useldange (Gold, 76,8 %), de Préizerdaul (Gold, 78,9%), de Vichten (Silver, 66,1 %) et de Rambrouch (Bronze, 59,4 %). Avec quatre communes certifiées Gold sur neuf, le canton de Redange affiche l'un des meilleurs niveaux de performance du pays.*

*Ces excellents résultats sont le fruit d'investissements importants dans la rénovation énergétique des bâtiments communaux, le développement des énergies renouvelables, l'installation de panneaux photovoltaïques et le soutien financier accordé aux citoyens pour leurs projets de transition énergétique. La coopération régionale au sein du Syndicat Kanton Réiden a également permis la réalisation d'un parc de cinq éoliennes. Grâce à cette production, le canton de Redange produit aujourd'hui l'équivalent de 110 % de sa consommation annuelle d'électricité. Autrement dit, il produit légèrement plus d'électricité qu'il n'en consomme.*



Actuellement, la certification Pacte Climat des communes du canton de Redange est la suivante :

Argent (>50%) Rambrouch

Bronze (>65%) Groussbus-Wal, Redange, Saeul, Vichten

Gold (>75%) Beckerich, Ell, Préizerdaul, Useldange

Kanton Réiden
Service Environnement
Pacte Climat
43, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 334 - 420
environnement@kanton-reiden.lu

## REPAIR CAFÉ KANTON RÉIDEN

# MIR STELLEN EIS REPAIRER VIR!



### À LA RENCONTRE DE NOS RÉPARATEURS !

***Jacques Gilbert, de Reichlange, fait partie du Repair Café Kanton Réiden depuis ses débuts et ne manque aucun rendez-vous.***

**Jacques, peux-tu te présenter en quelques mots ?**
*Ingénieur à la retraite et bricoleur dans l'âme, j'ai toujours aimé démonter les objets pour comprendre comment ils fonctionnent. Cela m'a permis de pouvoir les réparer quand ils ne fonctionnent plus.*

**Dans quel atelier es-tu actif au Repair Café ?**
*Je suis principalement actif dans le domaine électromécanique : réparation d'aspirateurs, machines à café …*

**Quels objets préfères-tu réparer ? Et lesquels aimes-tu le moins ? Pourquoi ?**
*Je n'ai pas vraiment de préférences. En général, je préfère les objets qui ne demandent pas trop de temps à réparer afin de pouvoir aider davantage de personnes.*

**Qu'est-ce qui te procure le plus de satisfaction dans ton engagement au Repair Café ?**
*J'apprécie l'ambiance conviviale et d'entraide entre les réparateurs, ainsi que le sourire des personnes qui repartent avec leur appareil réparé.*

**Y a-t-il un message que tu aimerais transmettre à nos lecteurs ?**
*Tout le monde peut devenir réparateur, à son niveau. Les Repair Cafés sont aussi des lieux d'apprentissage : chacun peut y acquérir de nouvelles compétences en participant à la réparation des objets qu'il apporte.*

De Jacques Gilbert vu Räichel ass zënter der Grënnung vum Repair Café Kanton Réiden derbäi. Als pensionéierten Ingenieur a passionéierte Bastler huet hie schonn ëmmer gär Saachen auserneegeholl, fir ze verstoen, wéi se funktionéieren – e Virwëlz, deen him haut beim Flécke vu villen Apparater, wéi Staubsauger oder Kaffismaschinn, zegutt kënnt.

Motivéiert gouf hien duerch de positive Geescht vun de Repair Caféen an d'Freed vun de Leit, déi hir gefléckten Apparater nees mat heem geholl hunn. Besonnesch schätzt hien déi jovial Atmosphär an déi géigesäiteg Hëllef am Repairer-Team.

Dem Jacques säi Message: Jidderee kann op seng Manéier Repairer sinn. D'Repair Caféë bidden déi ideal Geleeënheet, nei Fäegkeeten ze entwéckelen an ze léieren, seng eege Saachen ze flécken.





Repair Café Kanton Réiden
11, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 334-040
repaircafe@kanton-reiden.lu


Wat leeft? an der Toilette
Nëmmen Toilettepabéier an d'Toilette!
Alles Aneres gehéiert net an de Kanal.
Wat leeft? am Kanal
OfWaasser.lu
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité
Fonds pour la protection de l'environnement
ALUSEAU
association luxembourgeoise des services d'eau

# D'ÄERDSCHËFF: EN TREFF-PUNKT FIR D'REGIOUN



**Vill Leit fuere bal all Dag beim Äerdschëff zu Réiden laanscht, ouni genee ze wëssen, wat sech dohannert verstoppt. Dobäi ass et vill méi wéi en aussergewéinlecht Gebai. Et ass eng Plaz, wou nohaltegt Bauen a Liewen, gemeinsaamt Léieren an innovativ Iddien zesummekommen. Mir hu mam Sophie Pixius geschwat, dat sech dofir asetzt, d'Äerdschëff nach méi an eiser Regioun ze verankeren.**

**Sophie, kanns du dech kuerz virstellen?**
Ech wunnen zu Réiden zesumme mat mengem Partner an eisen dräi Kanner an engem intergenerationellen Haus mat mengen Elteren. Nom Studium vun der Anthropologie an Development Studies hunn ech eng Zäit am Peru gelieft. Do hunn ech meng Passioun fir Naturschutz an nohalteg Landwirtschaft entdeckt an e Master an der Agrarökologie gemaach. Zréck zu Lëtzebuerg hunn ech zesumme mat zwee Kolleegen d'Kooperativ TERRA um Eecherfeld gegrënnt. Do baue mir zënter 2014 mat eiser solidarescher Landwirtschaft Geméis u fir ronn 200 Familljen.

**Wat huet dech motivéiert, elo och nach beim Äerdschëff matzeschaffen?**
D'Äerdschëff läit mir um Häerz an ech hunn et säit senger Grënnung suivéiert. Ech wënsche mir, dass et zu engem liewege Projet gëtt, deen d'Awunner aus eiser Regioun inspiréiert an zesummebréngt. Meng Aufgab ass et, d'Äerdschëff am Wëlle Westen méi bekannt ze maachen. Ech schaffen dofir fënnef Stonnen d'Woch am Kader vun engem LEADER-finanzéierte Projet.

**Fir déi, déi d'Äerdschëff nach net kennen: Wat ass dat eigentlech?**
D'Äerdschëff ass en innovativt Gebai, dat bal komplett autonom funktionéiert. Eist Äerdschëff notzt d'Sonn an de Wand als Energiequell, sammelt a filtert Reewaasser, a behandelt säin Ofwaasser op der Plaz. D'Äerdschëff gouf gréisstendeels aus natierlechen, lokalen a recycléierte Materialie wärend engem partizipative Chantier vu Fräiwëllege gebaut. D'Äerdschëff ass eng experimentell Léierplaz fir radikal nohalteg Usätz a Léisungen.

**Wéi wëlls du virgoe fir d'Äerdschëff méi hei ze verankeren?**
Mir wëllen Atelieren, Konferenzen, Film- a Spillowenter, Theaterstécker a Kënschtlerresidenzen organiséieren. Mat dësen Aktivitéite wëlle mir d'Leit zesummebréngen an hinnen Iddien a konkret Beispiller fir eng méi nohalteg Liewensweis mat op de Wee ginn.

**Fir wéi eng Wäerter steet d'Äerdschëff?**
Mir gleewen un eng einfach, gerecht an nohalteg Liewensweis, als Alternativ zu héich komplexen Technologien, zum Iwwerkonsum, der Wegwerfgesellschaft, an enger ëmmer méi grousser globaler Ofhängegkeet. Mir setzen op Reparéieren, op lokal, kreativ Léisungen an op e bewossten Ëmgang mat de Ressourcen. Dobäi stinn Zesummenhalt an e respektvollen Ëmgang mat der Natur am Mëttelpunkt.



**Wéi gesäis du d'Zukunft vum Äerdschëff?**
Ech hoffen, datt d'Äerdschëff sech zu engem oppenen Treffpunkt fir d'Regioun entwéckelt. Eng Plaz, wou jidderee wëllkomm ass, sech iwwer eng nohalteg Liewensweis informéiere kann, sech mat anere Mënschen austauscht, iwwer de Site spadséiert oder bei enger flotter Aktivitéit matmécht.

**Wat ass däi Message un d'Lieser?**
Kommt laanscht, entdeckt de Site a maacht bei eisen Aktivitéite mat, mir freeën eis op Äre Besuch! Mir si gläichzäiteg och oppe fir Zesummenaarbechte mat Veräiner, Schoulen an aneren Acteuren aus der Regioun. Wien eng Iddi huet oder eng Aktivitéit an engem inspiréierende Kader organiséiere wëll, ass häerzlech wëllkomm.







## L'ÄERDSCHËFF : UN LIEU DE RENCONTRE POUR LA RÉGION

*De nombreux habitants passent chaque jour devant l'Äerdschëff à Redange sans vraiment savoir ce qui s'y cache. Pourtant, il s'agit de bien plus qu'un bâtiment original : c'est un lieu d'apprentissage où se rencontrent construction durable, innovation et partage de connaissances.*

*Le bâtiment fonctionne de manière presque entièrement autonome. Il produit sa propre électricité grâce à l'énergie solaire, récupère et filtre l'eau de pluie, traite ses eaux usées sur place et a été construit en grande partie à partir de matériaux naturels et recyclés. À ce jour, il s'agit du seul Äerdschëff de ce type au Luxembourg.*

*Pour Sophie Pixius, l'Äerdschëff est avant tout un lieu inspirant. En parallèle de son travail au sein de la coopérative maraîchère TERRA, elle s'investit, dans le cadre d'un projet financé par LEADER, pour mieux faire connaître l'Äerdschëff et l'ancrer davantage dans la région. Au cours des prochains mois, des ateliers, conférences, projections de films, soirées jeux, spectacles et résidences d'artistes y seront organisés afin d'inspirer les visiteurs et de leur faire découvrir des solutions concrètes pour un mode de vie plus durable.*

*L'Äerdschëff défend une vision fondée sur la simplicité, la solidarité et la durabilité. Il encourage la réparation plutôt que le gaspillage, les solutions locales et créatives plutôt que la dépendance, ainsi qu'une utilisation responsable des ressources. Son ambition est de devenir un véritable lieu de rencontre ouvert à toutes et à tous, où chacun peut apprendre, échanger et participer à des activités.*

**Bleift informéiert a schreift Iech fir d'Newsletter vum Äerdschëff!**

***Restez informé(e) et inscrivez-vous à la newsletter de l'Äerdschëff !***

äerdschëff

LEADER WËLLE WESTEN

Cofinancé par l'Union européenne

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture

Äerdschëff
1, rue du Lycée
L-8508 Redange-sur-Attert

sophie@aerdscheff.lu
aerdscheff.lu

LES ENTREPRISES DU WËLLE WESTEN


© Syndikat Kanton Réiden

# DEN HAFF DELIA VU MÉCHELBUCH

**Den Haff Delia vu Méchelbuch bei Viichten gëtt schonn an der siwenter Generatioun vun der Famill Delia bedriwwen. Haut féieren d'Marie-Lou an de John de Betrib an hir 3 Kanner mat vill Leidenschaft. Besonnesch wichteg ass hinnen den direkte Kontakt mat hire Clienten. Dofir hu si viru 7 Joer en Haff-Buttek opgemaach. An dësem Interview gi si eis en Abléck an hiren Alldag um Bauerenhaff.**

**Wat produzéiert Dir um Haff?**
Mir si virun allem e Mëllechbetrib. Donieft hale mir Fleeschkéi vun der Rass Aubrac. Mir baue Weess fir Miel an Hartweizen fir Nuddelen un, déi un d'Klengbettener Mille geliwwert ginn. Eis fräilafend Hinger leeë fläisseg Eeër an eemol am Joer bidde mir Zoppenhinger un. Donieft produzéiere mir Stroum mat eise Photovoltaikanlagen a loossen eis eegen Dréppe brennen.

**Wéi vill Leit schaffen um Haff mat?**
Mir féieren de Betrib zu zwee. D'Marie-Lou këmmert sech ëm d'Hinger, d'Källwer, den Haff-Buttek an d'Bürosaarbecht, wärend de John fir dat grousst Véi an d'Feldaarbecht zoustänneg ass. Eis Kanner an hir Partner hëllefen och ëmmer nees mat aus.

**Wee sinn Är Clienten?**
Eis Mëllech geet komplett un d'Luxlait. Donieft hu mir bal 400 Privatclienten, déi 3-4x d'Joer op Virbestellung Fleeschkëschte kréien. De Rescht vum Fleesch gëtt iwwer professionell Vermaartungsweeër verkaaf. D'Eeër verkafe mir all an eisem Haff-Buttek.

**Firwat ass Iech d'Direktvermaartung esou wichteg?**
Mir wëllen no bei eise Clientë sinn an hinnen e klengen Abléck an d'Liewen um Bauerenhaff ginn. Eis Clientë genéissen déi perséinlech Atmosphär, a mir versichen eisersäits, sou wäit wéi méiglech, op hir Wënsch anzegoen.

**Op wat leet Dir bei Ärer Produktioun besonnesch Wäert?**
Eis éischt Prioritéit ass, dass et den Déiere gutt geet. Mir leeë grousse Wäert drop, dass alles esou naturno wéi méiglech ofleeft. Wann eis Zoppenhinger emol e bësse méi kleng sinn, dann ass dat eben esou.

**Wéi gesäit e ganz normale Schaffdag op Ärem Haff aus?**
Mir sti géint 6 Auer op a plangen als éischt den Dag. De John këmmert sech dono ëm d'Kéi, wärend ech Bürosaarbecht maachen. No engem gemeinsame Kaffi geet et an de Stall an op d'Feld. Mëttes iesse mir zesummen, an duerno geet d'Aarbecht am Stall oder um Feld weider. Ech kontrolléieren och dräi- bis véiermol den Dag eise Buttek, wou bis zu 30 Clienten am Dag laanschtkommen. Feierowend ass, jee no Saison an Aarbecht, tëscht 19 an 22 Auer. Samschdes gëtt nogeholl, wat an der Woch leie bliwwen ass, a sonndes gëtt dat nogeholl, wat samschdes leie bliwwen ass! Trotzdeem ass sonndes meeschtens méi roueg, och wann natierlech all Dag no de Béischten an dem Buttek muss gekuckt ginn.

**Vakanz gëtt also schwiereg?**
Jo, effektiv, well wa mir wëlle fortfueren, musse mir ëmmer zwou Persoune fannen, déi eis Aarbecht iwwerhuelen.


© Syndikat Kanton Réiden


© Syndikat Kanton Réiden

## LA FERME DELIA À MICHELBOUCH

*La ferme Delia, située à Michelbouch près de Vichten, est exploitée depuis sept générations par la famille Delia. Aujourd'hui, Marie-Lou et John gèrent la ferme avec passion, aidés régulièrement par leurs trois enfants. L'exploitation est principalement tournée vers la production laitière, mais élève également des bovins Aubrac, des poules pondeuses en plein air et cultive du blé. Une partie de la production est vendue directement dans leur magasin à la ferme, ouvert il y a sept ans, afin de maintenir un contact privilégié avec leurs clients.*

*Pour le couple, le bien-être animal et une production aussi naturelle que possible sont des priorités. Leur quotidien commence dès 6 heures du matin et se termine souvent tard le soir, avec des journées rythmées par les soins aux animaux, les travaux des champs, la gestion du magasin et une charge administrative toujours plus importante. Les vacances restent rares, car il est difficile de trouver des remplaçants. Malgré ces contraintes, les nombreuses responsabilités et les incertitudes liées au métier, Marie-Lou et John ne changeraient de profession pour rien au monde. Produire des aliments de qualité, travailler au contact de la nature et rester indépendants donnent tout son sens à leur engagement.*

Déi lescht Kéiere sinn eis Kanner an hir Frënn agesprongen. Mir sichen eis eng Zäit eraus, wou um Haff net ze vill lass ass. Méi wéi dräi Deeg am Joer gi mir awer net fort.

**Mat wéi engen Erausfuerderunge sidd Dir haut als Bauer konfrontéiert?**

D'Pabeieraarbecht hëlt vill Zäit an Usproch. Fir ëmmer à jour ze sinn, kann ee gutt zwou Stonnen den Dag dofir arechnen. Eng weider grouss Erausfuerderung ass, dass ee permanent funktionéiere muss – och wann ee midd oder krank ass. Mam Alter spiert een dat natierlech ëmmer méi. Dobäi kënnt, dass een op alles virbereet muss sinn: op d'Laune vum Wieder, d'Krankheete vun den Déieren, Präisschwankungen …
Als Bauer muss een ëmmer op Zack sinn.

**Äre Beruff tausche géift Dir awer trotzdeem net?**

Nee, op kee Fall. Den Haff ass eist Liewen, mir maachen d'Aarbecht mat Häerz a Séil. Et ass e schéint Gefill, Liewensmëttel ze produzéieren, déi mir alleguer all Dag brauchen. Ausserdeem genéisse mir et, vill dobaussen an der Natur ze schaffen. An eisen eegene Chef ze sinn, huet natierlech och säi Charme!


© Syndikat Kanton Réiden



© Syndikat Kanton Réiden

Haff Delia
2, rue de Bissen
L-9173 Michelbouch

(+352) 621 378 622

Am Haff-Buttek kënnt Dir mat payconiq oder bor bezuelen.

# NEI APDIKT ZU RÉIDEN





No enger provisorescher Installatioun an de fréiere Raimlechkeete vum Restaurant L'Inouï ass d'Réidener Apdikt an e moduläert Gebai geplënnert, dat vis-à-vis vum Réidener Centre médical um ugrenzende Parking steet.

Déi nei verantwortlech Apdiktesch, d'Laurence Depienne, kennt d'Regioun gutt, well si selwer an eisem Kanton wunnt. Si schätzt dat ländlecht Ëmfeld an déi familiär Atmosphär am Duerf a freet sech drop, hir Erfarung an den Déngscht vun eise Bierger ze stellen. Nom Doud vum Apdikter Marc Bruck am Mäerz 2024 ass d'Konzessioun fräi ginn. De Gesondheetsministère huet doropshin en Opruff fir Kandidature lancéiert, fir d'Konzessioun nei ze verginn. Um Enn vun däser Prozedur gouf d'Laurence Depienne, déi bis dohinner d'Apdikt zu Gaasperech geleet huet, ausgewielt, fir d'Réidener Apdikt ze iwwerhuelen.

Op dësem provisoresche Site ass d'Apdikt vu méindes bis freides vun 8:00 bis 18:30 Auer ouni Ënnerbriechung op, souwéi samschdes vun 8:30 bis 12:30 Auer. Et gi Parkplazen an direkter Géigend, an d'Apdikt ass komplett accessibel fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit.

Méi spéit wäert d'Apdikt definitiv an nei Raimlechkeeten am Duerfkär vu Réiden plënneren, fir esou och voll um sozialen Duerfliewen deelzehuelen. D'Ouverture vun dëser neier Apdikt ass fréistens an ongeféier engem Joer virgesinn. Si wäert den neiste Standarden a Saache Sécherheet an Accessibilitéit entspriechen. Ënner anerem wäert si iwwer e barrièrefräien Zougang mat enger automatescher Dier an e gutt zougängleche Parking verfügen.

## *NOUVELLE PHARMACIE À REDANGE*

*Après une installation temporaire dans les anciens locaux du restaurant L'Inouï, la pharmacie de Redange a déménagé dans un bâtiment modulaire situé en face du Centre médical de Redange, sur le parking attenant.*

*La nouvelle pharmacienne titulaire, Laurence Depienne, connaît bien la région puisqu'elle réside dans notre Canton. Attachée au cadre rural et à l'atmosphère conviviale du village, elle se réjouit de mettre son expérience au service de la population. À la suite du décès du pharmacien Marc Bruck en mars 2024, la concession est devenue vacante. Le ministère de la Santé a alors lancé un appel à candidatures pour l'attribution de cette concession. À son issue, Laurence Depienne, jusqu'alors titulaire de la pharmacie de Gasperich, a été désignée pour reprendre la pharmacie de Redange.*

*Ce site provisoire accueillera les patients du lundi au vendredi, de 8 h à 18 h 30 sans interruption, ainsi que le samedi de 8 h 30 à 12 h 30. Il dispose de places de stationnement à proximité et est entièrement accessible aux personnes à mobilité réduite.*

*À terme, la pharmacie s'installera définitivement dans de nouveaux locaux au cœur de Redange, afin de participer pleinement à la vie sociale du village. Cette future pharmacie, dont l'ouverture n'est pas prévue avant une douzaine de mois, répondra aux normes les plus récentes en matière de sécurité et d'accessibilité. Elle disposera notamment d'un accès pour les personnes à mobilité réduite, avec une porte automatique et d'un parking facilement accessible.*

Réidener Aptikt
20, rue de la piscine
L-8508 Redange-sur-Attert

(+352) 621 812 255

# PLAYLIST2CONNECT: MUSEK ALS BRÉCK TËSCHT DE GENERATIOUNEN

## *PLAYLIST2CONNECT : LA MUSIQUE, UN PONT ENTRE LES GÉNÉRATIONS*







E musikaleschen Dialog tëscht de Generatiounen – dat war d'Zil vum Projet „Playlist2Connect", initiéiert vum Orchestre de Chambre Estro Armonico an Zesummenaarbecht mat der Kommissioun fir d'interkulturellt Zesummeliewe vun der Gemeng Viichten.

Professionell Museker an Amateuren hu gemeinsam musizéiert an e musikalesche Programm presentéiert, dee vu klassesche bis zu zäitgenëssesche Wierker gereecht huet. Nieft dem Estro Armonico sinn och Museker a Kënschtler vum Réidener Jugendtreff, vun der Tim Jaeger Band an der Chorale Union Viichten op der Bün virun engem enthusiastesche Publikum an der rammelvoller Sportshal zu Viichten opgetrueden.

Fir d'Wuel vun de Gäscht huet de Club 2000 Viichten mat Iessen a Gedrénks gesuergt an nom Concert op déi ëffentlech Iwwerdroung vun der FIFA-Weltmeeschterschaftsfinall invitéiert.

Et war eng erfollegräich Feier fir jonk an al gläichermoossen, déi am Kader vum Pakt vum Zesummeliewe Kultur a Sport groussaarteg matenee kombinéiert huet.

*Créer un dialogue musical entre les générations : tel était l'objectif du projet « Playlist2Connect », initié par l'Orchestre de Chambre Estro Armonico en collaboration avec la Commission du vivre-ensemble interculturel de la commune de Vichten.*

*Des musiciens professionnels et amateurs ont partagé la scène pour proposer un programme allant de la musique classique aux œuvres contemporaines. Aux côtés de l'Estro Armonico, des musiciens et artistes du Réidener Jugendtreff, du Tim Jaeger Band et de la Chorale Union Viichten se sont produits devant un public enthousiaste dans une salle de sport comble à Vichten.*

*Le Club 2000 de Vichten a assuré la restauration et les boissons, avant d'inviter les participants à suivre ensemble la retransmission publique de la finale de la Coupe du monde de la FIFA.*

*Cette manifestation, organisée dans le cadre du Pacte du vivre-ensemble, a rencontré un franc succès en réunissant petits et grands autour de la musique, de la culture et du sport, démontrant une nouvelle fois sa capacité à rapprocher les générations.*



KANTON RÉIDEN
VIVRE ENSEMBLE

Zësumme liewen
GEMENGEPAKT

Kanton Réiden
Service Vivre-Ensemble
43, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 33 4-210
vivre-ensemble@kanton-reiden.lu

# UNSERE KIRCHEN NEU ENTDECKEN




Rindschleiden, St.-Willibrord-Kirche

Wer an den heiligen Willibrord denkt, verbindet ihn meist mit Echternach und seiner berühmten Abtei. Doch seine Spuren führen auch in den Westen Luxemburgs: Nach der Überlieferung war er einst sogar in Rindschleiden unterwegs.

Kirchen und Kapellen sind ein fester Bestandteil des kulturellen Erbes der Region Wëlle Westen. Die historischen Bauwerke sind tief mit der luxemburgischen Kultur und Geschichte verankert. Sie prägen das Landschaftsbild, spiegeln die Geschichte und Entwicklung ihrer Ortschaft und erzählen von Menschen, Ereignissen und Traditionen, die die Gemeinden des heutigen Wëlle Westen über Jahrhunderte geprägt haben.

So auch die St.-Willibrord Kirche in Rindschleiden. Der heilige Willibrord hat der Legende nach mehrere Quellen in dem kleinen Ort entstehen lassen, als er den Boden mit seinem Pilgerstab berührte. Zu Ehren des Missionars wurde im 10. Jahrhundert an dieser Stelle eine kleine Kirche errichtet. Auf ihren Fundamenten erhebt sich die heutige St.-Willibrord-Kirche, und wer das Gotteshaus betritt, kann die alten Fundamente sogar noch heute entdecken.

Mitten im Wald in Beckerich verbirgt sich am Ende eines schönen Waldweges die mittelalterliche Kapelle Kuelebierg. Auch um diesen Ort rankt sich eine alte Sage: Ein geheimer unterirdischer Gang soll die Kapelle früher mit dem Schloss Guirsch verbunden haben. Tatsächlich wurden unter der Kapelle historische Gewölbe und verborgene Tunnel gefunden, auch wenn keiner davon tatsächlich bis zum Schloss führt.

In und um die Kirchen der Region haben sich auch zahlreiche regionale Bräuche und Traditionen entwickelt, die bis heute gelebt werden. Ein besonderes Beispiel ist die jährliche Rochusfeier in Reimberg. Sie ist dem Schutzpatron der Bäcker, Konditoren und Müller, dem heiligen Rochus von Montpellier, gewidmet. Nach einem feierlichen Gottesdienst verteilen die Bäcker traditionell Brot und Gebäck an die Feiernden.

Auch in Schandel wird eine besondere Tradition gepflegt. Jedes Jahr findet dort rund um den Gedenktag des heiligen Christophorus, dem Schutzpatron der Reisenden, eine Feier statt. Nach dem Gottesdienst werden Fahrzeuge aller Art – vom Fahrrad über Traktoren bis hin zu Einsatzfahrzeugen und Autos – gesegnet. Die Segnung verbindet den Wunsch nach einer sicheren Fahrt mit einem Appell zu Rücksicht und Verantwortung im Straßenverkehr.

Kirchen und Kapellen sind weit mehr als historische Bauwerke. Sie erzählen Geschichten, bewahren Traditionen und prägen seit Jahrhunderten das Bild der luxemburgischen Dörfer. Gleichzeitig stehen die Gebäude vor ganz neuen Herausforderungen: Obwohl sie weiterhin als Orte des Glaubens genutzt werden, bleiben sie zwischen den Gottesdiensten oft ungenutzt.

Immer mehr Gemeinden und engagierte Bürgerinnen und Bürger beschäftigen sich deshalb mit der Frage, wie diese wertvollen Orte



Kuelebierg Kapelle in Beckerich




St.-Rochus-Kapelle

auch künftig erhalten und behutsam in das Dorfleben eingebunden werden können – stets unter Wahrung von Geschichte, Brauch und Architektur. Ein gelungenes Beispiel hierfür ist die Kirche in Hostert, in der mit dem Begegnungsort „Téistuff beim Apollonia" ein neuer sozialer Treffpunkt entstanden ist. Neben den Gottesdiensten bietet die Kirche heute an ausgewählten Tagen Raum für Begegnung sowie für kleinere kulturelle Veranstaltungen, die sich harmonisch in den Charakter des Gebäudes einfügen.

Die LEADER-Region Wëlle Westen unterstützt und begleitet derzeit mit einem Projekt in Zusammenarbeit mit dem „Pakt vum Zesummeliewen" Überlegungen und Bürgerinitiativen rund um die Zukunft der Kirchen und Kapellen der Region. Dabei steht nicht die Veränderung ihres Wesens im Mittelpunkt, sondern die Frage, wie dieses bedeutende kulturelle Erbe bewahrt, wertgeschätzt und auch für kommende Generationen lebendig erhalten werden kann, damit weitere wunderbare Begegnungsorte wie die „Téistuff beim Apollonia" in Hostert entstehen können.




LEADER WËLLE WESTEN

Cofinancé par l'Union européenne

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture

KANTON RÉIDEN
VIVRE ENSEMBLE

Zesumme liewen
GEMENGEPAKT

LEADER WËLLE WESTEN
43, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 33 49 20
wellewesten@leader.lu
leader.lu

# D'MUSIKSCHOUL KANTON RÉIDEN STELLT HIERT NEIT PERSONAL VIR

## *L'ÉCOLE DE MUSIQUE DU CANTON DE REDANGE PRÉSENTE SON NOUVEAU PERSONNEL*

No der Summervakanz begréisse mir véier nei Enseignanten an eng nei Sekretärin an eiser Musikschoul.

Mat 805 Schüler – ronn 100 méi wéi am leschte Schouljoer – huet eis Musikschoul hir raimlech Kapazitéiten erreecht. Déi meescht Aschreiwunge verzeechent d'Formation musicale (Solfège) mat 405 Schüler. Duerno kommen d'Blosinstrumenter (295 Aschreiwungen) an de Piano (129 Aschreiwungen). D'Uergel an d'Harf zielen zu deene Fächer mat de mannsten Aschreiwungen.

An dëser Editioun stelle mir Iech eis nei Enseignanten an eis Sekretärin kuerz vir.

*À la rentrée, notre école de musique accueillera quatre nouveaux enseignants ainsi qu'une nouvelle secrétaire.*

*Avec 805 élèves, soit une centaine de plus que l'année scolaire précédente, notre école de musique a désormais atteint sa capacité d'accueil. La formation musicale (solfège) reste la discipline la plus demandée avec 405 inscriptions. Viennent ensuite les instruments à vent (295 inscriptions) et le piano (129 inscriptions). L'orgue et la harpe comptent parmi les disciplines qui enregistrent le moins d'inscriptions.*

*Dans cette édition, nous vous présentons brièvement nos nouveaux professeurs ainsi que notre nouvelle secrétaire.*



### *Ayumi Nabata*
***Pianiste***

*Je suis pianiste et compositrice japonaise. J'enseigne également la lecture à vue et la transposition au Conservatoire royal de Bruxelles.*

*J'ai eu le plaisir d'enseigner à l'École de musique de Redange en 2023, et je suis très heureuse d'y revenir cette année.*

*J'apprécie particulièrement l'atmosphère chaleureuse de cette école, la motivation et la gentillesse des élèves, ainsi que le professionnalisme et la bienveillance de mes collègues, qui sont de formidables pédagogues. Je me réjouis de partager une nouvelle année musicale avec eux et avec les élèves.*



### *Ben Hirt*
***Pianiste***

Mäin Numm ass Ben Hirt, ech hunn 22 Joer an hunn elo am Juni 2026 mäi Bachelor am Piano um Institut Royal Supérieur de Musique et de Pédagogie zu Namur ofgeschloss.

Vun dësem Schouljoer un ënnerriichten ech Piano an der Réidener Musikschoul. Ech freeë mech immens drop, meng Passioun fir de Piano an d'Musek mat menge Schüler ze deelen.



## Myriam Muller
### Éveil musical & Formation musicale

Ech sinn d'Myriam Muller, 34 Joer al, Mamma vun dräi klenge Kanner a wunne mat menger Famill zu Biekerech.

Vun der kommender Rentrée un, enseignéieren ech den Éveil musical an d'Formation musicale an der Réidener Museksschoul.

Meng musikalesch an didaktesch Ausbildung hunn ech op der Zürcher Hochschule der Künste gemaach. Do hunn ech fir d'éischt e Bachelor a Musik- a Bewegungspedagogik absolvéiert an duerno e Master a Musikpädagogik mat der Spezialiséierung Rhythmik ofgeschloss. Wäertvoll praktesch Aarbechtserfarung konnt ech dunn am Musik Konservatorium Zürich sammelen, wou ech déi musikalesch Fréierzéiung geleet an am Beräich vun der Chouerleedung ënnerriicht hunn.

No zéng schéine Joren an der Schwäiz, mat engem Rucksak voller Inspiratioun, neie Methoden a vill Begeeschterung, huet et mech zréck op Lëtzebuerg gezunn. Rëm an der Heemecht hunn ech bei der UGDA esou wéi am Ettelbrécker Conservatoire ënnerriicht.

Well mir als Famill de Kanton Réiden als eist Doheem erausgesicht hunn, ass dëst neit Kapitel an der Réidener Musikschoul eppes ganz Besonnesches fir mech. Ech freeë mech immens drop, aktiv hei an der Regioun ze wierken a si voller Virfreed, all meng nei Schüler a Schülerinne kennenzeléieren an hinnen d'Freed un der Musek weiderzeginn!



## Laurence Steichen
### Clarinettiste

*Je m'appelle Laurence Steichen. Titulaire d'un Master en clarinette, je termine actuellement un Master en direction d'orchestres d'harmonie. Depuis 2008, j'ai la chance d'exercer mon métier de clarinettiste au sein de la Musique Militaire Grand-Ducale.*

*À partir de septembre, je suis très heureuse de rejoindre l'école de musique en tant que professeur de clarinette. Pour moi, enseigner, c'est bien plus que transmettre une technique : c'est partager une passion, accompagner chaque élève dans son évolution et lui donner confiance pour s'épanouir à travers la musique. J'ai hâte de vivre cette belle aventure musicale avec mes futurs élèves et de leur faire découvrir tout le plaisir que peut offrir la clarinette.*



## Anaïs Matholet
### Sekretärin

Ech sinn d'Anaïs a si gebierteg vun Ell, wou ech nees säit 2017 mat menger Famill liewen. 14 Joer laang hunn ech als Libraire an der Stad geschafft. D'Musikschoul vum Kanton Réiden hunn ech duerch meng zwee Kanner kennen a schätze geléiert. Elo freeën ech mech immens op meng nei Aufgab am Sekretariat, wou ech d'Marie-Paule Reiser-Heymans ersetzen, déi geschwënn an d'Pensioun geet.

MKR Musikschoul Kanton Réider

École de Musique du
Canton de Redange
1, Rue du Lycée
L-8508 Redange-sur-Attert

(+352) 23 62 08 76
Info@emcr.lu
emcr.lu
Ecole de Musique
du Canton de Redange

# „SOULAANG MIR LIEWEN, SOLLEN OCH SI WEIDERLIEWEN"



vlnr: Vincent Halsdorf, Serge Arendt, Carlo Pavani a Max Feller

**Den 385th Bomb Group Museum zu Pärel ass vill méi wéi eng Sammlung vun Objeten aus dem Zweete Weltkrich. Hannert all Uniform, all Fallschierm an all perséinlechem Géigestand stécht eng, meeschtens dramatesch, Liewensgeschicht.**

**Mir hu mam Max Feller, Enkel vum Musée-Grënner Roger Feller, a mam Carlo Pavani iwwer nei Projeten, aussergewéinlech Visitten an hir Motivatioun geschwat.**

### Dir kritt nach ëmmer vill Besuch aus den USA. Wat fir Geschichte bréngen dës Leit mat?

**Max Feller:** Dat si ganz emotional Momenter. Mir kréien nach dacks Besuch vu Familljemembere vu Besatzungsmemberen, deenen hire Fliger hei an der Géigend erofgefall ass. Viru Kuerzem war de Neveu aus Australie vun engem Besatzungsmember bei eis, deem säi Fliger bei Rammerich ofgestierzt war. An eiser Ausstellung hu mir nach säi Stiwwel – e beweegend Erënnerungsstéck.

Mir hunn och de Fallschierm vun engem amerikanesche Pilot, deem säi Fliger bei Maartel erofgaangen ass. Hien huet de Crash iwwerlieft an huet als Merci säi Fallschierm engem Bauer ginn, deen him gehollef hat. Aus deem Stoff gouf spéider e Kommuniounskleed gemaach. Esou Geschichte maachen d'Geschicht op eng ganz besonnesch Aart lieweg.

### Wat erwaart d'Visiteuren haut am Musée?

**Carlo Pavani:** Mir hunn d'Ausstellung nei strukturéiert an e feste Parcours ugeluecht. Donieft hu mir nei Beräicher ageriicht. Besonnesch houfreg si mir op eng nogebaute Barack, an där een ënner anerem d'Ausbildungsmaterial vun de verschiddene Besatzungsmembere vun enger Boeing B-17 entdecke kann.

D'B-17 „Flying Fortress" war ee vun de bekanntste schwéiere Bomber vum Zweete Weltkrich. Den 12. Juli 1944 sinn zwou esou Maschinnen iwwer Pärel aus bis haut net komplett gekläerte Grënn ofgestierzt. An deenen zwou Maschinne waren am Ganzen 20 Besatzungsmemberen. 18 vun hinnen hu beim Crash hiert Liewe verluer, nëmmen zwee hunn iwwerlieft.

### Dir wëllt awer net nëmmen Objeten ausstellen, mee och d'Liewe vun de Besatzungen erklären.

**Carlo Pavani**: Genee. Vill Leit kënne sech guer net virstellen, ënner wéi enge Konditiounen dës jonk Männer geflu sinn. Hir komplett Ausrüstung huet dacks bis zu 40 Kilogramm gewien. A grousser Héicht hunn extrem Minusgrade geherrscht. Wann ee seng Händschen nëmme kuerz ausgedoen huet, konnte Fanger bannent e puer Sekonnen erféieren. Dobäi koumen d'Sauerstoffmasken an déi immens enk Plazverhältnisser. An net ze vergiessen, déi stänneg Angscht erofgeschoss ze ginn. Mir wëllen de Visiteuren e Gefill dofir ginn, wat dës Männer duerchgestanen hunn.

### Wéi eng nei Projeten hutt Dir nach an der Maach?

**Max Feller:** Et gëtt nach vill ze maachen. Mir wëllen zwou rar Uniforme vun der Fräiwëllege Kompanie virum Krich mat Mannequinen an enger neier Vitrinn presentéieren. Och d'Vitrinn vun de Jonken aus eiser Gemeng, déi agezu goufen an de Krich iwwerlieft hunn, soll nei gestalt ginn.



De Link Trainer, wou d'Pilote geléiert hunn, d'B-17-Fliger ze fléien
*Le Link Trainer, le simulateur de vol utilisé pour former les pilotes de B-17.*




Fotoen an Erënnerungsstécker vu Besatzungsmembere vum 385th Bomb Group.
*Photos et objets-souvenirs des membres d'équipage du 385th Bomb Group.*




Een Deel vum nei amenagéierten Ausstellungsraum.
*Une partie du nouvel espace d'exposition.*

Ganz extra ass och eis Gielemännechersuniform. Well déi meescht Collaborateuren-Uniformen nom Krich verbrannt goufen, ass esou e Stéck haut eng richteg Raritéit.

**Wéi vill Zäit investéiert Dir an de Musée?**
**Carlo Pavani:** Esou vill wéi eis Familljen eis ginn! Mir treffen eis all Mëttwochowend am Musée, fir Projeten ze plangen an un der Ausstellung ze schaffen. Wa gréisser Aarbechte lafen, ginn dacks och Weekender an Nuechten drop.

Bei eiser Porte ouverte, déi all Joer ëm den 12. Juli stattfënnt, hëllefen eis ganz Famillje mat. Ouni si wier dat alles net méiglech. Mir si wierklech dankbar fir dës Ënnerstëtzung.

**Wat bedeit de Musée fir Iech perséinlech?**
**Max Feller:** Ech interesséiere mech scho säit menger Kandheet fir den Éischten an Zweete Weltkrich. Mäi Bop, de Roger Feller, huet mech ëmmer mat an de Musée geholl. Ech si praktesch hei opgewuess.

Et ass eis ganz wichteg, datt de Charakter vum Musée erhale bleift an datt vill vun deem, wat mäi Bop mat esou vill Léift opgebaut huet, och fir déi nächst Generatioune bestoe bleift. Eng ganz Rei vun den Ausstellungsstécker huet hien deemools vun der amerikanescher Militärbasis zu Spangdahlem kritt.

**Och héich Militärvertrieder hunn de Musée scho besicht.**
**Max Feller:** Dat ass richteg. Mir haten iwwer d'Joren héichrangeg Generäl, Ambassadeuren an aner wichteg Perséinlechkeeten op Besuch. Net seele si si mat gepanzerte Limousinnen an enger ganzer Sécherheetsescorte bei eis ukomm.

Eréischt dëst Joer hate mir eng Delegatioun vun der US Air Force, déi an Europa stationéiert ass, am Musée.

**Wat wëllt Dir de Visiteure mat op de Wee ginn?**
**Max Feller:** Eise wichtegste Message ass Fridden. Nom Motto „This shall not happen again" wëlle mir dozou bäidroen, datt esou e Krich sech ni méi widderhëlt.

Gläichzäiteg wëlle mir drun erënneren, datt d'Amerikaner eng entscheedend Roll bei der Befreiung vu Lëtzebuerg vum Naziregimm gespillt hunn.

An déi 18 Männer, déi den 12. Juli 1944 hiert Liewen iwwer Pärel verluer hunn, däerfen ni vergiess ginn: „As long as we live, they will live also."

De Musée ass all 2. Sonnde vum Mount op:
1. Abrëll – 31. Oktober: 10:00-17:00
1. Oktober – 31. Mäerz: 10:00-16:00

Wa mir op sinn, sti mir selbstverstandlech fir Féierungen zur Verfügung.

# TANT QUE NOUS SERONS EN VIE, LEUR MÉMOIRE CONTINUERA DE VIVRE

*Le 385th Bomb Group Museum à Perlé est bien plus qu'un musée consacré à la Seconde Guerre mondiale : il fait revivre les destins des hommes qui ont pris part au conflit. À travers des débris d'avions écrasés, des parachutes et des objets personnels, chaque pièce raconte une histoire souvent bouleversante.*

*Max Feller, petit-fils du fondateur Roger Feller, et Carlo Pavani expliquent que le musée accueille régulièrement des familles venues des États-Unis, d'Australie ou d'ailleurs pour retrouver les traces d'un proche disparu. Ces rencontres, souvent chargées d'émotion, témoignent de l'importance du devoir de mémoire.*

*Ces derniers mois, le musée a entièrement repensé son parcours de visite et enrichi son exposition, notamment avec la reconstitution d'une baraque militaire présentant le matériel d'instruction des équipages des bombardiers B-17 « Flying Fortress ». Les visiteurs découvrent les conditions extrêmes dans lesquelles ces jeunes aviateurs accomplissaient leurs missions.*

*Les bénévoles poursuivent également de nouveaux projets, comme la mise en valeur de rares uniformes luxembourgeois d'avant-guerre et d'objets uniques liés à l'histoire locale. Tout ce travail est réalisé grâce à l'engagement d'une équipe passionnée, soutenue par leurs familles.*

*Le musée a déjà accueilli de nombreuses personnalités, parmi lesquelles des généraux, des ambassadeurs et, plus récemment, une délégation de l'US Air Force.*

*Pour Max Feller et Carlo Pavani, la mission du musée est avant tout de transmettre un message de paix et de préserver la mémoire des 18 aviateurs américains morts au-dessus de Perlé le 12 juillet 1944. Leur devise résume parfaitement cet engagement : « As long as we live, they will live also » (« Tant que nous vivrons, eux aussi continueront de vivre »).*

*Le musée est ouvert chaque deuxième dimanche du mois, d'avril à octobre de 10 h à 17 h et de novembre à mars de 10 h à 16 h. Des visites guidées sont également proposées pendant les dimanches d'ouverture.*




Iwwerreschter vun den B-17 Bomber déi iwwer Päerel an Ëmgéigend erofgefall sinn.
*Débris des bombardiers B-17 qui se sont écrasés au-dessus de Perlé et dans les environs.*

385 Bomb Group
Memorial Museum
6, rue de l'Eglise
8826 Perlé

385bgmm@gmail.com
385bg.lu




Kompromësslos ökologesch a sécher näischt vun der Staang.

Schlësselfäerdeg vun A bis Z. Op Wonsch och vun A op B.

LETZEBURGERMEESCHTER BETRIEB - ZËNTER 1999

Inter Toiture est une société luxembourgeoise, située à Redange-sur-Attert, que j'ai fondée en 1999. En près d'un quart de siècle, elle est devenue une adresse incontournable dans le domaine de la construction en bois et de la rénovation de toiture au Luxembourg.

Même si, à l'origine, l'activité d'Inter Toiture était principalement orientée vers la construction de charpentes et la pose de toiture, j'ai su faire évoluer mon offre et je me suis progressivement tourné vers la construction de maisons, d'annexes, l'isolation thermique ou encore la pose de fenêtres de toit.

Depuis 2013, mon fils Dominique Gérard a rejoint l'entreprise familiale afin de me seconder sur les chantiers. Selin, s'occupe de la comptabilité et s'occupe de toute la partie administrative de l'entreprise.

Nous accordons une grande importance à la formation continue de notre personnel car nos hommes sont la clé de voûte de notre réussite et ils sont les garants de notre savoir-faire.

Avec nous, la construction en bois prend tout son sens !

**INTER TOITURE**

BAUEN MAT HOLZ . RÉIDEN

Z.A. Solupla . Redange/Attert . Tél.: +352 26 88 00 90 . info@intertoiture.lu

**NOVA FIDUCIAIRE**

**25, rue Principale**

**L-8818 GREVELS**

**621 688 661**
**621 650 880**
**621 720 776**

**info@nova-fid.lu**
**www.nova-fid.lu**

- Privat Steiererklärungen
- Grënnung vu Betriber
- Comptabilitéit
- TVA Deklaratiounen
- Joresofschlëss
- Erstellung vu Zwëschesituatiounen
- Kontakt mat den Administratiounen
- Ufroe vu Subsiden
- Salairen
- Perséinlech Berodung



Vlnr : Den Tobias Gieb, Responsabel vum neien Dokumentatiounszentrum, d'Doris Thilmany, Administratrice déléguée vum Musée de l'Ardoise an de Patrick Diederich, Architekt-Conservateur beim INPA (Copyright: Musée de l'Ardoise).

# D'VILLA ROTHER AM MUSEE DE L'ARDOISE

**De Musée de l'Ardoise vu Maartel ass ëm eng bedeitend Attraktioun méi räich ginn. No enger ëmfaassender Restauratioun steet déi historesch Villa Rother de Visiteuren elo op a léisst si an d'Liewe vun der fréierer Besëtzerfamill vun de Schifergrouwen andauchen. Besonnesch lieweg gëtt dës Rees duerch déi aussergewéinlech Fotossammlung vum Bungerefer Fotograph Nic. Molitor, engem Frënd an Associé vum August Rother.**

**Am Gespréich erzielen d'Doris Thilmany, Administratrice déléguée vum Musée de l'Ardoise an de Patrick Diederich, Architekt-Conservateur beim INPA (Institut national pour le patrimoine architectural), wéi dëse bedeitende Projet Realitéit ginn ass.**

**Wat war Iech bei dëser ëmfangräicher Restauratioun besonnesch wichteg?**

**Patrick:** Fir eis als Denkmalschützer ass et wichteg, dass klasséiert historesch Gebaier och fir zukünfteg Generatioune bestoe bleiwen. Dofir probéiere mir, esou vill wéi méiglech original Baustrukturen ze konservéieren an no de Regele vun der Denkmalfleeg ze restauréieren. Baudeeler aus allen Epoche verdéngen et, erhalen ze bleiwen, well si Deel vun der Geschicht vum Haus sinn.

An der Villa Rother hu mir zum Beispill bei den Aarbechten en historesche Linoleum-Buedem aus dem Ufank vum 20. Joerhonnert entdeckt, dee mir fachgerecht restauréiert hunn. Och déi wäertvoll Tapéiten am Salon an Iessraum goufe vu Spezialiste mat grousser Méi restauréiert a kënnen elo de Visiteure gewise ginn. Esou Elementer erziele vum fréiere Räichtum vun der Villa a sinn elo fir d'Zukunft geséchert.

**Firwat ass d'Villa Rother esou bedeitend fir den industriellen a kulturelle Patrimoine vu Lëtzebuerg?**
**Patrick:** D'Villa Rother ass en typescht Beispill vun der Industriegeschicht aus dem 19. an 20. Joerhonnert. Et war deemools üblech, dass d'Patronen op hirem Industriesite gelieft hunn, awer ënner ganz anere Konditioune wéi hir Aarbechter. Déi sozial Ënnerscheeder goufen demonstrativ jidderengem gewisen: Déi grouss Villa mat Park stoung am staarke Kontrast zu den Aarbechterhaiser. Vun der Terrass vum Schwäizer Pavillon aus konnten d'Herrschafte gemittlech bei engem Drink den Aarbechter ënnen um Industriesite nokucken.

Am Schiefermusée ass dës Sozialgeschicht, déi un d'Adelsstänn aus dem Mëttelalter erënnert, aussergewéinlech gutt erhale bliwwen. Nieft der Villa sinn och d'Industriegebaier an d'Aarbechterhaiser bis haut bestoe bliwwen, wat dësen Ensembel eenzegaarteg zu Lëtzebuerg mécht.

**Wat waren déi gréisst Erausfuerderunge bei den Aarbechten?**
**Doris:** Fir mech war déi gréisst Erausfuerderung, op engem relativ klenge Raum esou vill verschidde Geschichte ze erzielen. Vill Themen an Objeten hätte méi Plaz verdéngt, mee wéinst de Raimlechkeeten an den Ufuerderunge vum Denkmalschutz hu mir misse Choixen treffen. Entscheedend war et, e klore roude Fuedem ze behalen an d'Informatiounen op dat Wichtegst ze reduzéieren.

**Patrick:** Et war eng grouss Erausfuerderung, déi vill Aarbechten op dësem begrenzte Raum ze koordinéieren. Iwwer 50 Entreprisen a Büroe waren um Projet bedeelegt, an an de leschte Woche gouf dacks ee widdert deem aneren un de leschte Finitioune geschafft. Dëst ze organiséieren, war virun allem fir den Architekt an d'Ingenieuren eng enorm Leeschtung.

**Wee war den Nic. Molitor, a firwat ass säi fotographescht Wierk esou wäertvoll?**
**Doris:** Den Nic. Molitor, Restaurateur an Hotelier zu Bungeref, war wäit iwwer d'Regioun eraus bekannt. 1872 gebuer, huet hie fir déi Zäit am Éislek en aussergewéinlecht Liewe gefouert. Als jonke Mann ass hien an Amerika gereest an huet zu den éischten Autosbesëtzer an der Regioun gezielt.

Seng grouss Passioun war d'Fotografie. Viru méi wéi 130 Joer huet hie mam Fotoapparat den Alldag am Éislek festgehalen. Seng Sammlung mat ronn 2.000 Glasnegativen



Déi frësch renovéiert Villa Rother um Site vum Musée de l'Ardoise.




an 1.000 Pabéierofzich ass haut e richtege Kulturschatz. Si gëtt wäertvoll Ablécker an d'Duerfliewen, Bungeref wärend den zwee Weltkricher, d'Schiferindustrie an d'Aarbecht vun de Leeképperten.

**Patrick:** Och fir eis vum INPA huet d'Collectioun Molitor e grousse Wäert, si ass e wichtegen Zäitzeie vun der Baukultur an den Eisléker Dierfer. Den Nic. Molitor huet bal alles festgehalen – an dat an enger Regioun vun där mir net vill Fotoen aus där Zäit hunn.

**Wéi koum et, dass de Musée de l'Ardoise Besëtzer vun dëser aussergewéinlecher Fotosammlung gouf?**
**Doris:** De Romain Gaspar ass bei senge Recherchen op Negativer vum Nic. Molitor gestouss. Zesumme mam Gréitchen Molitor-Schonckert, dem Nic. senger Schnauer, huet hien déi riseg Sammlung op hirem Späicher nei entdeckt.

D'Gréitchen, bekannt duerch hire fréieren Hotel-Restaurant Molitor zu Bungeref a spéider hire Restaurant zu Flatzbour, hat viru Joren de Frënn vun der Lee, wou ech aktiv war, schonn e puer Fotoofzich geschenkt.

Eréischt no der Entdeckung um Späicher ass kloer ginn, wéi ëmfangräich déi komplett Sammlung tatsächlech ass. Mir hunn eis du gefrot, wéi mir se am Sënn vum Nic. Molitor am beschten en Valeur kéinte setzen. Well si e wäertvolle Bestanddeel vun eisem kulturelle Patrimoine ass, sollt si op Wonsch vum Gréitchen och hei an der Regioun bleiwen. Sou si mir op de Musée de l'Ardoise komm.

**Gëtt et eng Foto, déi dech perséinlech besonnesch uschwätzt?**
**Doris:** Wat mech ëmmer nees beandrockt, sinn déi aussergewéinlech Qualitéit a Schäerft vun de Fotoen. Virun allem d'Portraiten hunn eng onheemlech Déift an déi roueg Blécker an d'Präsenz, déi d'Leit ausstralen, si beandrockend. Dacks bleift mäi Bléck un Detailer hänken, wéi zB hire staarken Hänn. Si erzielen eng ganz Geschicht vun engem Liewen, gepräägt vu vill haarder Aarbecht.


© Capsule

D'Gréitchen Molitor-Schonckert, d'Schnauer vum Nic. Molitor an der Villa Rother


© Nic. Molitor, coll. Molitor-Schonckert, Musée de l'Ardoise

Dës Fotoe drécken eppes aus, wat ee kaum a Wierder faasse kann. Se erziele vu Fleeg, Aarbecht, Verantwortung an Ausdauer. Wann ech se kucken, hunn ech d'Gefill, datt hei méi Liewenserfarung, Maturitéit an Essenz stécht, wéi an eiser Onmass vu flüchtege Momenter, déi mir haut sammelen, well mir soss mengen net ze liewen.

**Wat erwaart d'Visiteuren an der neier Dauerausstellung an der Villa?**

**Doris:** D'Visiteure kënnen d'Ausstellung op verschidde Manéieren entdecken. Op den éischte Bléck ass et eng faszinéierend Fotoausstellung iwwer d'Éislek tëscht 1900 an 1950.

Mee si erzielt och d'Geschicht vun enger Patronne, déi mat 35 Joer eng Schifergrouf geleet huet, gëtt en Abléck an den Alldag an der Villa a weist déi grouss Géigesätz tëscht dem Liewe vun de Besëtzer an de Leeképperten. Donieft entdeckt een d'Ufäng vun der Fotografie an hiren éischten Techniken.

**Patrick:** Nieft der aussergewéinlecher Fotoskollektioun entdecke Visiteuren eng restauréiert historesch Villa an tauchen an d'Welt vun enger Industrielle Famill vum Ufank vum 20. Joerhonnert an – och aus der Siicht vum Hauspersonal.

**Wat mécht d'Ausstellung esou besonnesch?**

**Doris:** Et goufen ëmmer vill Geschichten, déi sech d'Leit an der Regioun erzielt hunn. Dat Spannend ass, datt vill dovun duerch d'Fotoe vum Nic. Molitor op eemol eng visuell Bestätegung krut. Se ginn de Mënschen e Gesiicht an de Geschichten eng nei Dimensioun.

Genee dat mécht dës Ausstellung esou besonnesch. Se erzielt net nëmmen d'Geschicht vun enger Famill oder vun enger Industrie, mee virun allem d'Geschicht vu Mënschen. An ech mengen, et ass grad dat, wat d'Visiteure beréiert a wat dës Ausstellung esou lieweg mécht.


© Capsule


© Capsule


© Capsule

**Wat wënscht Dir Iech, dass d'Visiteuren no enger Visite vun der Villa an de Grouwe mat heem huelen?**
**Doris:** Ech géif mir wënschen, dass d'Visiteuren de Musée wéi eng Fënster an d'Vergaangenheet erliewen. Virun allem hoffe mir, dass si d'Mënschen hannert deem, wat mir weisen, begéinen an d'Geschichten an d'Atmosphär nach laang mat sech droen. Genee dat ass de Geescht vun eisem Motto: „Lieweg Geschicht – Geschicht erliewen." Wann dat geléngt, hu mir eist Zil erreecht.

**Schafft Dir schonn un neie Projeten, op déi sech d'Visiteure freeë kënnen?**
**Doris:** Zënter e puer Joer schaffe mir zesumme mat de Frënn vun der Lee un enger neier permanenter Ausstellung am fréiere Spalthaus Johanna.

Wärend dat ënnerierdescht Biergwierk virun allem eng authentesch Erliefnisplaz ass, soll déi nei Ausstellung d'Geschicht vun der Schiferindustrie an hirer ganzer Villfalt erzielen: vun der Geologie iwwer d'Entwécklung vun de Grouwen am 19. Jorhonnert mat senge sozialen Aspekter bis bei d'Liewe vun de Leekëpperten an hiert Handwierk. Se wäert d'Visitt vum Biergwierk ideal ergänzen an de Visiteuren hëllefen, dësen aussergewéinleche Patrimoine nach besser ze verstoen.

**Patrick:** Nieft den Entretiensaarbechten um Site, wou mir eis ëm déi iwwer 20 historesch Gebaier këmmeren, kucke mir zesumme mam Kulturministère an dem Schiefermusée wat déi nächst Projete sinn. Aktuell schaffe mir un engem neien Accueil mat Shop an der fréierer Schräinerei, deen d'Accessibilitéit fir d'Visiteure verbessert. Donieft ass och e klenge Restaurant geplangt, fir dass de Visiteur e ganzen Dag op de Leekolle verbréngen kann.

# DEN NEIEN DOKUMENTATIOUNSZENTRUM AN DER ROTHER VILLA



**Den Tobias Gieb ass zoustänneg fir den neien Dokumentatiounszentrum, an deem d'Visiteuren déi komplett digitaliséiert Kollektioun vum Nic. Molitor entdecke kënnen.**

**Wat bitt den Dokumentatiounszentrum den interesséierte Visiteuren?**
**Tobias:** Den Dokumentatiounszenter bitt en digitalen Accès op déi 3.669 Fotoe vum Nic. Molitor an domat eng richteg Entdeckungsrees. D'Kollektioun gëtt en Abléck an d'Geschicht vun eisem Land, eis Bräich an Duerffester, mee och an den Zweete Weltkrich a seng Zerstéierungen am Éislek. Gläichzäiteg féiert se d'Visiteuren op verschidde Plazen am ganze Land a souguer bis an d'Ausland. Wie sech méi laang mat de Fotoe beschäftegt, kritt och e Gefill fir de Kënschtler Nic. Molitor: seng fotografesch Technik, säi Bléck op d'Mënschen an op seng Regioun, a säi Choix vu Motiver.

**Wéi kann een Zougang zu de sëllege Fotoe vum Nic. Molitor kréien?**
Den Zougang zum Dokumentatiounszenter ass nëmmen op Rendez-vous méiglech. Interesséierter brauche just eng E-Mail op info@ardoise.lu mat hirem Numm, dem gewënschten Datum an der Auerzäit ze schécken. Rendez-vouse si wärend der Woch vu méindes bis freides tëscht 9 a 17 Auer méiglech. Den Accès ass gratis. Mir bieden awer, den Droit d'auteur ze respektéieren, falls d'Visiteuren d'Fotoe wëlle benotzen.

**Wat steet déi nächsten Zäit nach op denger To-Do-Lëscht?**
D'Kollektioun Nic. Molitor ass elo fir de Public accessibel, mee et bleift nach vill Bestëmmungsaarbecht ze maachen. Mir wëllen ë.a. erausfannen, wou a wéini d'Fotoe gemaach goufen a wien drop ass. Dobäi hoffe mir och op d'Hëllef vun de Visiteuren. Donieft stinn nach eis Archiver um Programm: Dokumenter vun der Firma, Aarbechterlëschten a villes méi. An ech freeë mech och op d'Virbereedung vun der Dauerausstellung am Spalthaus.

**De kompletten Interview fannt Dir op: news.kanton-reiden.lu**

MUSÉE DE L'ARDOISE

Musée de l'Ardoise
Haut-Martelange

(+352) 23 640 141
ardoise.lu

# THEATER AM WËLLE WESTEN

## ENG TRADITIOUN, DÉI SÄIT IWWER 100 JOER DIERFER A GENERATIOUNE VERBËNNT




Theater am Préizerdaul (1910-1919)
*Théâtre au Préizerdaul (1910-1919)*

Den Theater huet am Kanton Réiden eng laang Traditioun. Zënter iwwer honnert Joer gehéieren d'Theatervirstellunge fest zu eisem Duerfliewen. Generatioune vu Schauspiller a Benevollen hunn dozou bäigedroen, datt dës wäertvoll Traditioun bis haut erhale bliwwen ass.

Wéi de Lokalhistoriker aus dem Préizerdaul, de René Fisch 1987 geschriwwen huet: An enger Zäit, wou et weder Radio nach Televisioun gouf, waren d'Theatervirstellungen ee vun de wéinege gesellschaftlechen Héichpunkten, besonnesch wärend de laange Wanterowenter. Net nëmmen d'Schauspiller, mee dat ganzt Duerf huet voller Virfreed op den Theaterowend gewaart. Wien op der Bün iwwerzeegt huet, gouf nach laang no der Opféierung bewonnert. Dës Begeeschterung huet dozou gefouert, datt ëmmer méi Veräiner Theaterstécker an hire Wanterprogramm opgeholl hunn (aus dem Buch „d'Geschicht vum PREIZERDAUL" BAUND II – dap-preizerdaul.lu).

Och wann et hautdesdaags fir munch Veräiner heiansdo schwiereg gëtt, Schauspiller ze fannen, bleift den Duerftheater e wichtege Bestanddeel vun eisem kulturelle Patrimoine. Zousätzlech ass den Theater eng Méiglechkeet fir vill Veräiner fir hir lafend Joreskäschten ze decken. Museksveräiner kënnen duerch d'Theater-Recetten zum Beispill hir Instrumenter erhalen respektiv nei kafen oder den Dirigent bezuelen

An un engem feelt et bis haut net: un engem treien a begeeschterte Publikum.

# THEATERTRADITIOUN AM KANTON RÉIDEN



**De Jean Nehrenhausen vu Réiden, Lokalhistoriker an Theatermënsch mat Häerz a Séil, verréit eis spannend Ablécker an den Ursprong an an d'Entwécklung vum Theater am Kanton Réiden.**

**Vu wéini un ass an eisen Dierfer Theater gespillt ginn?**
An eisem Land gëtt vun 1850 un Theater gespillt. Am Kanton Réiden huet dës Traditioun an den 1880er Joren ugefaangen, wéi vill Duerfveräiner gegrënnt goufen, déi och déi éischt Theateropféierungen organiséiert hunn.

**Wéi eng Veräiner hunn Theater gespillt?**
Wéi och haut nach, hunn all méiglech Veräiner Theater gespillt: Musik, Gesank, Fussball oder Pompjeeën. Et gouf awer och Veräiner, déi speziell fir den Theater gegrënnt goufen, déi sougenannt Theaterveräiner. Esou e Veräin ass beispillsweis 1952 zu Réiden op Ureegung vu mengem Papp, dem Albert Nehrenhausen, gegrënnt ginn.

**Ween huet d'Theaterstécker geschriwwen?**
Déi éischt Stécker waren Operette vum Dicks : D'Mumms Séis (1856), De Scholdschäin (1856), D'Kiermesgäscht (1856), De Ramplassang (1864), Op der Juegd (1870). All gudden Duerfveräin huet schonn e puer vun dëse Stécker opgefouert.

Bis an d'1980er Jore si virun allem Theaterstécker vu Lëtzebuerger Auteuren opgefouert ginn. Dono sinn ëmmer méi Iwwersetzunge vun däitschen an engleschen Theaterstécker op d'Bün komm.

**Firwat hat den Theater deemools esou eng grouss Bedeitung um Duerf ?**
Den Theater war nieft Gesang a Musek den drëtte grousse Pilier vum kulturelle Liewen um Land an e wichtege soziale Rendez-vous. Mäi Papp sot ëmmer: „Wie fréier ni am Duerf op der Bün stung, dee war keen." Duerch den Theater huet een d'Duerfleit vun enger anerer Säit wéi am Alldag kennegeléiert. Vill Leit konnte sech esou am Duerf en Numm maachen an hir Perséinlechkeet weisen. Den Theater war domat e staarken Integratiounsfaktor, deen d'Leit aus der Anonymitéit erausgeholl huet, an deen eng Beräicherung fir d'Duerfliewe war.



Fräiliicht-Theater zu Ell am Schlass 2004
*Théâtre en plein air au château d'Ell, en 2004.*



Fräiliicht-Theater zu Réiden bei der Atert 1996.
*Théâtre en plein air à Redange, au bord de l'Attert, en 1996.*

**Wéi e Genre gouf haaptsächlech gespillt?**
Et goufe Komedien, Dramen an Operetten opgefouert. Bis ëm 1960 hunn d'Operetten dominéiert. Vill Stécker haten en dramateschen an emotionalen Inhalt, sou datt d'Leit Nuesschnappicher voll gekrasch hunn. Vill vun de Stécker haten och eng moralesch oder patriotesch Noriicht vermëttelt. Zënter den 1960er Jore gëtt am Theater nit méi gekrasch, mee nëmme méi gelaacht.

**Och de Fräiliicht-Theater huet am Kanton Réiden eng grouss Traditioun.**
Jo, do hu mir als Kanton effektiv d'Nues vir. Zu Groussbus gëtt zënter 1993 ënnert der Leedung vum Jemp Schuster Fräiliicht-Theater gespillt, organiséiert vum Veräi Schankemännchen. Bis haut sinn do scho 16 Stécker op d'Bee gestallt ginn, zënter 2013 och all zwee Joer e Kannertheater.

An och zu Réiden huet de Fräiliicht-Theater seng Plaz fonnt: 1996 ass eent bei der Atert opgefouert ginn, 2003 e weidert op der Gemengeplaz an 2016 eent am Worréspark.

Donieft hunn ech probéiert, duerch den Theater de Kontakt tëscht de Gemengen ze stäerken. Opféierunge goufen et am Schlass zu Ell (2004), an de Schifergrouwen zu Uewermaartel (2007) an op der Gemengeplaz zu Bungeref (2010).

**An net ze vergiessen ass e ganz besonnesche Genre, dee säit 2012 all Joer beim Kropemannsfest opgefouert gëtt...**
Genee. Am Kader vum Kropemannsfest gëtt zënter 2012 de Politikertheater opgefouert, un deem Politiker aus de Gemengen, aus der Chamber an aus der Regierung deelhuelen. Domat beweist de Kanton Réiden, datt den Theater och haut nach eng lieweg Traditioun ass.




All Joer gëtt am Kader vum Kropemannsfest e Politikertheaterstéck opgefouert.
*Chaque année, dans le cadre du Kropemannsfest, une pièce de théâtre mettant en scène des personnalités politiques est présentée.*

**Wéi gesäis du d'Zukunft vum Duerftheater?**
Ech gesinn déi ganz optimistisch. An den 1990er Jore gouf dacks gesot, vill Duerfveräiner géifen d'Joer 2000 nit iwwerliewen. Vill Veräiner hunn tatsächlich Problemer Nowuess ze fannen. D'Theaterveräiner sinn awer dovu vill manner betraff. Vill jonk Leit engagéiere sech mat Begeeschterung, an och de Publikum ass iwwerraschend jonk. Wann e Veräi keen Theater méi spillt, läit dat meeschtens un interne Problemer. Bei deene rengen Theaterveräiner boomt et ewéi ni. Ausverkaafte Säll si praktisch d'Reegel.

**Wat bedeit den Theater fir dech perséinlech?**
Et gëtt wuel kaum e Veräin, wou et bei de Prouwen esou lëschteg zougeet wéi am Theater. En erlaabt de Leit, fir eng kuerz Zäit, aus dem Alldag auszetrieden, d'Suergen ze vergiessen, a bréngt si gläichzäiteg zum Nodenken iwwer verschidde Mënschen-Typpen oder Liewenssituatiounen.

Mam Kropemanns-Theater wollt ech virun allem esou ville Leit wéi méiglech d'Chance ginn, selwer emol op enger Bün ze stoen an nei Säite vu sech ze entdecken.

Fir mech perséinlech war den Theater e wonnerbaart Mëttel, fir e gudde Kontakt zur Bevëlkerung ze kréien an nei Frëndschaften ze schléissen.

## DATUMER VUN DER THEATER-SAISON 2026/27

**Schweecherdauler Musik:**
20/21/22 NOV 2026

**Musik Gemeng Ell:**
9/10/16/17 JAN 2027

**Schankemännchen:**
22/23/24/27/28/29/30/31 JUL 2027

**Dauler Schimmelkëscht:**
paust dëst Joer

**GroWaMove:**
21/22/27/28 NOV 2026

**Foulschter Theaterkäpp:**
29/30/31 JAN 2027 & 5/6 FEB 2027

**Fanfare Holtz:**
12/13/14/19/20 MAR 2027


**US Rambrouch:**
5/6/7/12/13 MAR 2027

**Nojemer Musik:**
27/28/29 NOV & 2/4/5/6 DEZ 2026

# AKTIV THEATERGRUPPEN AM KANTON RÉIDEN

GEMENG BIEKERECH

## THEATEREKIPP VUN DER SCHWEECHERDAULER MUSIK




Ekipp vun 2025

**Éischt Theatersték:** 1907, säitdeem 110 Stécker opgefouert

**Wou gëtt gespillt?** Ielwen am Schweecherdaul

**Wéini?** Weekend virum 1. Advent

**Regie:** Ben Birkel

**Eelste Schauspiller:** Marie-Marthe Risch

**Virstellungen:** 3 Virstellunge pro Joer

**Benevoller:** vill!

**Genre:** Komedie

**Wat mécht Iech als Ekipp aus?**
D'Kollegialitéit, déi gutt Stëmmung an eis Intergenerationalitéit: Eis Acteuren hunn tëscht 14 an 68 Joer. Mir spille méi e „lockeren" Theater, wou Spontaneitéit, de Spaass an den Ausdrock vun der eegener Perséinlechkeet an der Roll am Mëttelpunkt stinn.

**Sidd Dir op der Sich no neie Schauspiller?**
Mir brauchen ëmmer emol Männer fir matzespillen.

**Wat ass Är gréissten Erausfuerderung?**
E gutt Stéck ze fannen an d'Männerrolle besaat ze kréien.

**Äre Wonsch fir d'Zukunft?**
Datt mir ëmmer genuch Schauspiller hunn an nach laang kënne spillen.

**Kontakt:** Ben Birkel
benbirkel@hotmail.com




D'Theaterkkipp vun der Schweecherdauler Musik 2012

GEMENG ELL

# THEATEREKIPP VUN DER MUSIK GEMENG ELL




D'Theater-Ekipp vun Ell 2021

**Éischt Theatersték:** Net genee iwwerliwwert, warscheinlech nom Zweete Weltkrich an de 1950er Joren

**Wou gëtt gespillt?** Am Centre Culturel Camille Ney zu Ell

**Wéini?** zweeten an drëtte Weekend Weekend am Januar

**Regie:** Denise Glodé

**Virstellungen:** 4 Virstellunge pro Joer

**Benevoller:** nieft den Acteuren, ronn 25 Benevoller

**Genre:** Komedie

**Zuschauerentwécklung:** Zënter den 2000er Jore sinn d'Zuschauerzuele staark geklommen an hu sech op engem héijen Niveau stabiliséiert.

**Wat mécht Iech als Ekipp aus?**
Mir sinn eng gutt Mëschung aus Jonken a manner Jonken, déi eng gemeinsam Passioun fir d'Theaterspille verbënnt.

**Sidd Dir op der Sich no neie Schauspiller?**
Jo. Mir sichen all Joer nei Schauspillerinnen a Schauspiller, well net jiddwereen sech all Joer engagéiere kann.

**Wat ass Är gréissten Erausfuerderung?**
Iwwer eng Proufzäit vun dräi Méint mat dräi Prouwen d'Woch all d'Membere motivéiert ze halen.

**Äre Wonsch fir d'Zukunft?**
Datt d'Theatertraditioun och an Zukunft an de Gemenge vum Kanton Réiden erhale bleift.

**Kontakt:** Henri Rasqué
henri.rasque@yahoo.de




D'Theater-Ekipp vun Ell 2016

GEMENG GROUSSBUS-WAL

# THEATEREKIPP VUM SCHANKEMÄNNCHEN




Tëppel an Tun 2026

**Éischt Theaterstéck:** 1993, säitdeem 16 Stécker fir Erwuessener a 7 Stécker fir Kanner opgefouert

**Wou gëtt gespillt?** Zu Groussbus am Prommenhaff op der Fräiliichtbün

**Wéini?** Juli

**Regie:** Clod Thommes, Michèle Turpel, Claire Barbosa

**Virstellungen:** 8 Virstellunge beim groussen Theater (2.500 Zuschauer), 4 Virstellunge beim klengen Theater (1.200 Zuschauer)

**Benevoller:** 50-70, plus natierlech d'Schauspiller, déi och Benevoller sinn!

**Genre:** Am Ufank Stécker op historescher Basis aus der Géigend. Duerno adaptéiert an iwwersate Klassiker aus der Weltliteratur.

**Zuschauerentwécklung:** Mir hunn zanter ville Joren eise Stammpublikum. Et kommen awer ëmmer erëm Leit, déi äis nei entdecken.

**Wat mécht Iech als Ekipp aus?**
De Schankmännchen ass deen eenzege Fräiliichtheater zu Lëtzebuerg, deen zanter 1993 op där selwechter Plaz, seng Produktioune mat Amateuren an engem professionellen Encadrement opféiert.

**Sidd Dir op der Sich no neie Schauspiller?**
Mir sinn no uewen op. Dee wëllt matspillen ass wëllkomm. Mir ginn awer net bei d'Leit schellen.

**Wat ass Är gréissten Erausfuerderung?**
Mir sti fir héije kënschtlereschen Niveau op der Bün an eng professionell Organisatioun hannert de Kulissen. Mat Häerz a Séil këmmere mir eis ëm eise Publikum – vun der Reservatioun bis zum Catering. Eise Fräiliichttheater soll en Erliefnis sinn. Wann d'Wieder da matspillt, si mer op der gewonnener Säit.

**Äre Wonsch fir d'Zukunft?**
Datt mer net midd ginn, de gudden Theater och a manner gudden Zäiten um Liewen ze halen.

**Kontakt:** Christiane Thommes-Bach
cthommes@pt.lu




Um Kale Räis 1997

GEMENG GROUSSBUS-WAL

# THEATEREKIPP VUM GROWAMOVE - GROUSSBUS


© Caroline Roemen

D'Ekipp vun GroWaMove 2023

**Éischt Theaterstéck:** 2008, säitdeem 11x gespillt

**Wou gëtt gespillt?** Groussbus am Festsall

**Wéini?** 2 Weekender am November

**Regie:** Nicki Bollendorff-Weis

**Eelste Schauspiller:** Henriette Hengen

**Virstellungen:** 4 Virstellungen all 2 Joer

**Benevoller:** ganz vill!

**Genre:** Komedie, Krimi,...

**Zuschauerentwécklung:** vun 2 Virstellunge pro Joer op 4 eropzeklammen, schwätzt fir sech selwer

**Wat mécht Iech als Ekipp aus?**
Dat Wichtegst ass den Zesummenhalt. Mir stäipen eis géigesäiteg, besonnesch wann et privat emol méi schwéier ass. De Spaass dierf dobäi ni feelen. Eis Ekipp bréngt hir eege Kreativitéit, eng grousse Loscht a Motivatioun op d'Bühn – an dat spiert och de Publikum.

**Sidd Dir op der Sich no neie Schauspiller?**
Jee no Stéck an der Disponibilitéit vun eisen Acteure brauche mir heiansdo nach zousätzlech Leit.

**Wat ass Är gréissten Erausfuerderung?**
Wa wärend der Opféierung eppes an d'Box geet. Et ka virkommen, datt een e puer Säiten am Text iwwerspréngt, déi awer wichteg si fir datt d'Zuschauer de Plott verstinn. An esou Momenter ass d'Reaktivitéit vun der ganzer Ekipp gefrot.

**Äre Wonsch fir d'Zukunft?**
Datt et weider Benevoller ginn, déi an hierer Fräizäit mat esou vill Engagement a Freed e Stéck Kultur am ruralem Raum op d'Bün bréngen.

**Kontakt:** Nicki Bollendorff-Weis
growamove@gmail.com


© Mireille Pletschette

GEMENG PRÉIZERDAUL

# THEATEREKIPP VUN DER DAULER SCHIMMELKËSCHT




D'Ekipp vun der Dauler Schimmelkëscht 2026

**Éischt Theaterstéck:** 2013, zënterhier 9 Stécker an ee Cabaretsowend opgefouert

**Wou gëtt gespillt?** Am Festsaul zu Bettborn an der Gemeng Préizerdaul

**Wéini?** De Weekend viru Chrëschtdag.

**Aktuell Regie:** Alain Adams

**Eelste Schauspiller:** Sarah Muller, Ben Els, Patrick Zigrand, Luc Ruppert, Philippe Calmes

**Virstellungen:** 3 Virstellunge pro Joer, mat ronn 200 Zuschauer pro Virstellung

**Benevoller:** nieft den Acteuren, 30-40 Benevoller

**Genre:** gréisstendeels Komedie an neierdings och Cabaret

**Zuschauerentwécklung:** konstant

**Wat mécht Iech als Ekipp aus?**
Theater ass méi wéi d'Schauspill op der Bün.
Et geet och ëm Atmosphär, Gesellegkeet an Traditioun, als feste Rendezvous fir eise Publikum. Doniewt zielt och de sozialen Engagement, wou mir en Deel vun eisem Benefice u verschidden Organisatioune weiderginn, oder eng Disco (Discotisme) fir Leit mat enger Behënnerung organiséieren.

**Sidd Dir op der Sich no neie Schauspiller?**
Jo natirlech. Jiddereen dee Loscht huet an iergendenger Form beim Theater dobäi ze sinn, soll sech roueg mellen.

**Wat ass Är gréissten Erausfuerderung?**
Ee Veräin mat ville jonken Elteren ass gär vum Babyboom betraff, soudass et schwéier ka ginn, fir Rollen ze besetze, wa Stammspiller ewechfaalen.

**Äre Wonsch fir d'Zukunft?**
Mir hoffen nach vill schéi Momenter mam Veräin ze erliewen an nach vill flott Stécker op d'Bün ze bréngen.

**Kontakt:** Patrick Zigrand
daulerschimmelkescht@gmail.com




D'Ekipp an hiren Ufanksjoren

GEMENG RAMMERICH

# THEATEREKIPP VUN DE FOULSCHTER THEATERKÄPP




D'Ekipp vun de Foulschter Theaterkäpp am Joer 2026

**Éischt Theaterstéck:** 1998, säitdeem 26 Stécker opgefouert

**Wou gëtt gespillt?** Foulscht

**Wéini?** leschte Weekend am Januar an den 1. Weekend am Februar

**Regie:** Pol Gansen (säit 1998)

**Eelste Schauspiller:** Marc Wagner, Betty Kerger, Yolande Unsen, Fred Thill, Daniele Filbig, John Heintz, Gérard Wietor...

**Virstellungen:** 5 Virstellunge pro Joer, ronn 1.400 Zuschauer insgesamt

**Benevoller:** nieft den Acteuren, eng ronn 20 Benevoller

**Genre:** Komedien, Farcen, lëschteg Saachen!

**Zuschauerentwécklung:** all Joer erop

**Wat mécht Iech als Ekipp aus?**
Konstanz zeechent eise Grupp aus, mer spille säit Joere mat enger agespillten Ekipp a sinn ëmmer voll motivéiert.

**Sidd Dir op der Sich no neie Schauspiller?**
Mir hu just genuch Schauspiller, awer nit ze vill. Interesséierter sinn ëmmer wëllkomm.

**Wat ass Är gréissten Erausfuerderung?**
Fir all Joer een neit Theaterstéck ze fannen, dat de selwechte Niveau huet wéi déi Jore virdrun an et esou opzeféieren, datt eis Zuschauer mat engem Laachen am Gesiicht heemfueren.

**Äre Wonsch fir d'Zukunft?**
Mir hoffen nach laang kënnen op dësem Niveau weiderfueren ze kënnen.

**Kontakt:** Armand Klein
jlklein@pt.lu




D'Theaterstéck „Schufti Mufti" vun 1998

GEMENG RAMMERICH

# THEATEREKIPP VUN DER FANFARE HOLTZ




D'Theaterkipp vun der Fanfare Holtz 2026

**Éischt Theaterstéck:** 1946, ufanks waren et d'Schoulkanner duerno d'Fanfare

**Wou gëtt gespillt?** Houltz am Centre Culturel

**Wéini?** Mëtt Mäerz

**Regie:** Nicole Wagner

**Eelste Schauspiller:** Marc Thilmany

**Virstellungen:** 5 Virstellunge mat ingesamt bis zu 1.200 Zuschauer

**Benevoller:** mat de Schauspiller ongeféier 50 Leit

**Genre:** Komedie, Krimi,...

**Zuschauerentwécklung:** Zënter dem Ëmzuch an de Centre Culturel „A Pëtz" 2017 hu mir méi Sëtzplazen a konstant héich Zuschauerzuelen.

**Wat mécht Iech als Ekipp aus?**
Bei eis gëtt den Teamgeescht groussgeschriwwen. All Schauspiller ass wichteg, egal ob mat enger grousser oder klenger Roll.Nieft de Prouwe stäerken och gemeinsam Aktivitéiten, wéi en Ofschlossiessen oder Theaterreesen an d'Ausland, eisen Zesummenhalt. Zu eiser Ekipp gehéieren och déi vill Fräiwëlleger hannert de Kulissen. Si all droen dozou bäi, datt eis Virstellunge geléngen.

**Sidd Dir op der Sich no neie Schauspiller?**
Mir hunn eng motivéiert Ekipp, freeën eis awer ëmmer iwwer nei Leit – op der Bün oder hannert de Kulissen.

**Wat ass Är gréissten Eraus-fuerderung?**
D'Regie steet all Joer virun der Erausfuerderung, e passend Theaterstéck ze fannen: Et soll nach net an der Géigend gespillt gi sinn, d'Rolle musse bei d'Schauspiller passen an d'Geschicht de Public begeeschteren. Och d'Bünebauer sinn all Joer gefuerdert fir een neien Dekor ze bauen.

**Äre Wonsch fir d'Zukunft?**
Mer wënschen eis, datt eis Zuschauer eis och an Zukunft trei bleiwen, sech weiderhi fir déi flott Traditioun vum Theater interesséieren an datt mir selwer nach vill Jore mat där selwechter Freed prouwen a spillen ewéi bis elo.

**Kontakt:** Nicole Recken
musik@houltz.lu




D'Theaterekipp vun 1991

GEMENG RAMMERICH

# THEATEREKIPP VUM US RAMBROUCH



D'Theaterekipp vum US Rambrouch 2026

**Éischt Theaterstéck:** 1999; säitdeem hu mir 28 mol gespillt

**Wou gëtt gespillt?** Centre Culturel zu Rammerich

**Wéini?** Déi zwee éischt Weekender am Mäerz

**Regie:** Christian Ensch

**Virstellungen:** 5 Virstellungen, mat ronn 180 Zuschauer pro Virstellung

**Benevoller:** eng 30 Benevoller, dovun 12 bis 14 Schauspiller.

**Genre:** Komedie

**Zuschauerentwécklung:** konstant

**Wat mécht Iech als Ekipp aus?**
Eise staarken Zesummenhalt. Jiddweree kann op deen aner zielen an et hëlleft ee sech géigesäiteg.

**Sidd Dir op der Sich no neie Schauspiller?**
Dat hänkt vum Theaterstéck an de Rollen of.

**Wat ass Är gréissten Erausfuerderung?**
E passend Theaterstéck ze fannen, dat dem Publikum gefält an zu eisen Acteure passt.

**Äre Wonsch fir d'Zukunft?**
Datt mir nach laang mat eiser Ekipp Theater spille kënnen.

**Kontakt:** Jacques Huberty
hubi@pt.lu


D'Theater-Ekipp vum US Rambrouch am Joer 2000

GEMENG RÉIDEN

# THEATEREKIPP VUN DER NOJEMER MUSIK



Ekipp vun 2026

**Éischt Theaterstéck:** 1909 (deemols nach als Fanfare Nagem), säitdeem iwwer 100 Stécker opgefouert

**Wou gëtt gespillt?** Nojem

**Wéini?** leschte Weekend am November an éischte Weekend am Dezember

**Regie:** Lucie Schneider-Hengen, mat Ënnerstëtzung vum Mike Schneider

**Eelste Schauspiller:** Yves Wantz a Paul Gloesener. Vill aner Schauspiller si schonn iwwer 20 Joer dobäi.

**Virstellungen:** 7 am Joer, mat ronn 180 Zuschauer pro Virstellung

**Benevoller:** mind. 20-25 nieft de Schauspiller

**Genre:** Komedie –Boulevard

**Zuschauerentwécklung:** all Joer erop

**Wat mécht Iech als Ekipp aus?**
Mir sinn eng kleng Ekipp, wou een op deen aanere lauschtert. Mir sinn zimmlech exigent mat eis selwer a prouwen dacks méi, wéi et eigentlech néideg wier. Mir sinn awer och frou mam After-Prouf a si quasi zu enger klenger Famill zesummegewuess.

**Sidd Dir op der Sich no neie Schauspiller?**
Nitt direkt, mee mir halen d'Aen an d'Ouer op fir nei Ufroen.

**Wat ass Är gréissten Erausfuerderung?**
Ëmmer erëm nei Stécker ze fannen, déi op eis Schauspiller zougeschnidde sinn.

**Äre Wonsch fir d'Zukunft?**
E méi grousse Sall, fir eisem Public nach méi Confort ze bidden an och an der Paus genuch Plaz ze hunn.

**Kontakt:** Mike Schneider
mike.schneider@eduation.lu



Theater am Joer 1962 zu Nojem (Ausschnëtt aus der Revue)

© US Rambrouch

# THEATERHUESEN AUS DEM WËLLE WESTEN, DÉI ZËNTER JORE MAT DOBÄI SINN

**Marc Wagner, Foulschter Theaterkäpp, spillt zënter 1993 Theater**



**Dat Flottst um Theater?** Eng Zäit an eng ganz aner Roll wéi am normale Liewen ze schlüpfen!

**Dat Schwieregst beim Theater?** An all Roll ëmmer natierlech ze bleiwen an dat richtegt Mooss ze fannen.

**Dat Schéinst um Theater?** Op der Bün ze stoen an ze spieren, datt de Publikum richteg matgeet!

**Ben Birkel, Theater Schweecherdauler Musik, spillt zënter 2004 Theater**



**Fir mech ass Theater ...** Vill Gelaachs, eng gutt Zäit an der Theater-Ekipp verbréngen an dem Publikum e flotten Owend bidden.

**Wat méchs du géint d'Nervositéit?** Vill Prouwe fir mech sécher ze spieren a sech arieden, dass et scho wäert schif goen!

**Dat Schwieregst beim Theater?** Iwwer déi laang Dauer konzentréiert ze bleiwen a sech net selwer iwwerschätzen oder duerch de Publikum matrappen ze loossen an dann ze iwwerdreiwen.

**Henri Rasqué, Theater Musik Gemeng Ell, spillt säit 1998 Theater**



**Dat Schéinst beim Theater?** Fir mech ass dat Schéinst ze gesinn, wéi sech d'Ekipp vun der éischter bis zur leschter Prouf entwéckelt an zesummewiisst.

**Wat méchs du géint d'Nervositéit?** Do hëlleft e klenge Porto!

**Dat Schwieregst beim Theater?** Ëmmer genuch Leit ze fannen, déi matspillen, a genuch Hänn ze hunn, fir d'Bün opzeriichten.

**Jacques Huberty, Theater US Rambrouch, spillt säit 30 Joer Theater**



**Firwat spills du gär Theater?** Ech si gär ënner Leit a freeë mech all Joer drop, zesumme mat eiser Ekipp en neit Stéck anzeprouwen. Ech ginn och gär bei aner Theaterveräiner kucken.

**Dat Schwieregst beim Theater?** Mam Alter den Text ze verhalen.

**Wat méchs du géint d'Nervositéit?** E klengen Averna hëlleft!

**Henriette Hengen, GroWaMove Groussbus & Schankemännchen, spillt säit 56 Joer Theater**



**Fir mech ass Theater...** mäi Liblingshobby

**Dat Schwieregst beim Theaterspillen?** E komplett neie Personnage esou ze integréieren, datt de Publikum dir dës Persoun ofkeeft.

**Wéi wichteg ass de Publikum?** Et mécht einfach Spaass op der Bün ze stoen, wann ee mierkt, datt de Publikum sech amuséiert.

**Clod Thommes, Schankemännchen, spillt säit iwwer 60 Joer Theater**



**Firwat spills du gär Theater?** Ech hunn immens vill Freed, a verschidde Rollen eranzeklammen an als Regisseur meng Erfarung a meng Begeeschterung fir d'Schauspill un anerer weiderzeginn.

**Wat ass dat Schéinst beim Theater?** Dat Schéinst ass fir mech den direkte Kontakt mam Publikum. Et ass e besonnescht Gefill, wann de Fonken iwwerspréngt an de Publikum matlieft, laacht oder nodenkt.

**Wat mécht den Theater esou eenzegaarteg?** Et sinn déi vill flott Begéinungen an d'Fréndschaften, déi iwwer d'Jore wuessen. Zesummen un engem Projet schaffen, sech géigesäiteg motivéieren an um Schluss eppes op d'Bee stellen, op dat ee gemeinsam houfreg ka sinn – genee dat mécht den Theater fir mech esou eenzegaarteg.

**Luc Ruppert, Dauler Schimmelkëscht, spillt säit 30 Joer Theater**



**Fir mech ass Theater...** Ganz vill Kandheetserënnerungen an besonnesch déi vill witzeg Momenter an de Prouwen!

**Dat Schwieregst beim Theater?** Sech net vum Publikum beaflosse loossen. Mol gëtt méi gelaacht, mol manner. Wichteg ass et, sech net aus der Rou bréngen ze loossen an op dat ze vertrauen, wat een an de Prouwe geléiert huet.

**Wéi wichteg ass de Publikum?** Eng ganz wichteg! Ouni Publikum mécht dat Ganzt net vill Sënn. Obwuel d'Prouwen natierlech och derwäert sinn.

**Yves Wantz, Theater Nojemer Musik, spillt säit iwwer 30 Joer Theater**



**Fir mech ass Theater ...** Kreativitéit, Emotiounen an d'Méiglechkeet an aner Personnagen, Geschichten a Welten anzetauchen.

**Wat méchs du géint d'Nervositéit?** Ech bereede mech gutt vir, well genau dat gëtt mir Sécherheet. Ech gesinn Nervositéit och als eppes Normales – si hëlleft mir, fokusséiert ze bleiwen a mäi Bescht ze ginn.

**Dat Schwieregst beim Theater?** De ganzen Text sécher am Kapp ze behalen an dobäi gläichzäiteg d'Gefiller an d'Figur iwwerzeegend duerzestellen. Ausserdeem muss ee sech ëmmer un d'Matspiller upassen a roueg bleiwen, wann eppes net esou leeft wéi geplangt.

**Marc Thilmany, Theater Fanfare Holtz, spillt säit 1988 Theater**



**Fir mech ass Theater ...** e wichtegen Deel vu mengem Liewen an de Wanterméint. Ech genéissen d'Zäit mat menge Kolleegen an d'Spontanitéit op der Bün, wou een aus sech erausgoe kann an eng ganz aner Roll spillt.

**U wéi ee Moment vun denger Theaterkarriär erënners du dech dacks?**
Ech koum op d'Bün an ech wousst guer näischt méi. Ech hunn dem Flüsterer gewisen, hie soll mir den Text soen, mee deen aarme war esou opgereegt, datt hien och näischt méi wousst. Glécklecherweis huet den zweeten Flüsterer dunn agegraff. Ech hunn him haart geäntwert: „A jo, esou war dat!" De Public huet häerzlech gelaacht an d'Stéck konnt ganz normal weidergoen.

**Wéi eng Wichtegkeet spillt de Publikum?**
No den ville Prouwen, kann ech et kaum erwaarden endlech virun eisen Zuschauer ze spillen. Besonnesch wichteg ass fir mech d'Reaktioun am Sall: Wann d'Zuschauer laachen an hire Spaass hunn, ass dat dee beschte Loun fir eis Aarbecht.

# DAT NEIT BUCH VUM GEORGES EVEN „WAFFEN-SS 1940-1945 LUXEMBURG“




**De Georges Even vun Ell huet an de leschte Joerzéngten eng ganz Rei Bicher iwwer d’lëtzebuergesch Geschicht am Zweete Weltkrich publizéiert. A senge Wierker beschäftegt hie sech ëmmer nees mat manner bekannte Kapitelen aus där Zäit a recherchéiert d’Schicksaler vun deenen, déi dës Besatzung materlieft hunn.**

**A sengem neiste Buch widmet sech de Georges engem besonnesch sensibelen a laang Zäit wéineg beliichte Kapitel vun eiser Geschicht: de Lëtzebuerger, déi an der Waffen-SS gedéngt hunn, enger militärescher Organisatioun vum nationalsozialistesche Regimm, déi fir hir Brutalitéit berüchtegt war.**

**Här Even, wëllt Dir Iech de Lieser kuerz virstellen?**
Ech schaffe beim Staat, si bestuet, an hunn dräi Kanner. Zënter ville Jore beschäftegen ech mech intensiv mat der lëtzebuergescher Geschicht, besonnesch mam Zweete Weltkrich.

**Wat huet Iech motivéiert, Iech mat esou engem kriddelegen Thema – also Lëtzebuerger an der Waffen-SS – auserneenzesetzen?**
Et ass ee vun deene wéinege Kapitelen aus der Lëtzebuerger Geschicht, dat nach ëmmer net am Detail erfuerscht ass. Genee dat huet mäin Interessi erwächt a mech motivéiert, fir mech mat dësem Thema auserneenzesetzen.

**Wat fir nei Erkenntnisser liwwert Äert Buch?**
Ech hat net erwaart, datt ronn 100 Persoune vu Lëtzebuerg an der Waffen-SS waren. Et ass awer wichteg ze betounen, datt all Eenzelen seng eege Geschicht hat, déi am Buch dokumentéiert gëtt. Vun dësen ongeféier 100 Persoune sinn der ronn 20 fräiwëlleg der Waffen-SS bäigetrueden. Ronn zéng dovu kënnen als iwwerzeegt Nationalsozialisten agestuuft ginn.

**Wie waren déi Lëtzebuerger, déi sech der Waffen-SS ugeschloss hunn?**
Et ware Leit aus de verschiddenste Schichte vun der Gesellschaft. Vill hunn op der Schmelz oder an der Landwirtschaft geschafft. Ënnert hinne waren awer och Schlesser, Bäcker, Studenten an en Architekt.

**Wësst Dir, ob och Männer aus eisem Kanton drënner waren?**
Jo, 4 waren aus dem Kanton Réiden.


**Wat ass mat den Iwwerliewende vun der Waffen-SS nom Krich geschitt?**
Bal all hu se sech nom Krich virun engem lëtzebuergesche Geriicht misse verantworten. Vill vun hinne goufen zu héije Prisongsstrofe verurteelt.

**Wat wënscht Dir Iech, datt d’Lieser nom Liese vun Ärem Buch besser verstinn?**
Et ass wichteg, sech bewosst ze sinn, wéi séier ee selwer an d’Fäng vun enger Besatzungsmuecht gerode kann, aus där et schwéier oder esouguer onméiglech ass, erëm erauszekommen. Et soll een och ni ze séier iwwer aner Mënsche jugéieren, well all Eenzelne seng eege Geschicht an eege Beweeggrënn hat.

D’Lieser solle sech d’Fro stellen: Wéi hätt ech selwer an där Situatioun reagéiert?

**Hutt Dir nach aner Projeten um Lafen?**
Ech hunn nach déi eng oder aner Iddi fir weider Projeten zum Thema Zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg.

**Wou kann een Äert Buch kafen?**
D’Buch ass an alle Librairien zu Lëtzebuerg oder direkt bei mir ze kréien. Et ëmfaasst 160 Säiten am DIN-A4-Format a kascht 45 Euro.



**Wer will zur Waffen-SS oder zur Hilfspolizei ?**

Meldestellen für die Waffen-SS u. die Hilfspolizei befinden sich bei allen deutschen Polizei- und Gendarmeriedienststellen und bei den luxemburgischen Dienststellen der verstattlichten Lokalpolizei und der Gendarmerie.

Für die Waffen-SS kommen Bewerber in Frage, die das 17. Lebensahr vollendet und das 23. Lebensjahr nicht überschritten haben. Sie müssen mindestens 1,72 m groß sein.

Für die Hilfspolizei kommen Bewerber in Frage, die den Jahrgängen 1900 bis 1922 angehören (Weltkriegteilnehmer bis Jahrgang 1895). Sie müssen mindestens 1,70 m groß sein — in Ausnahmefällen 1,68 m.

Reklamm fir d'Waffen-SS an d'Hilfspolizei am Escher Tageblatt (18.02.1941)

Kontakt: Georges Even

Mail: evengeorges@hotmail.com

Fir eng Bestellung, wgl genau d'Liwweradress uginn:
Tel.621 721 715 (payconiq);
Iwwerweisung : LU85 1111 0879 2543 0000



JESUS! MARIA! JOSEPH!

Gebiétsundenken
un onse le'we Jong, Enkel, Brudder, Schwoer, Mononk, Neveu a Coseng

Norbert Scheffen

vun Dalheim, gestuerwen durch en Onglécksfall, zo' Letzeburg, Clinique St. Joseph, de 26. Juni 1945, am Alter vun 21 Joer, versinn mat den hl. Sakramenten.

**D'SCHICKSAL VUM SCHEFFEN Norbert**

Verkierzten Auszuch aus dem Buch „Waffen-SS 1940-1945"

Wéi de Krich ugefaangen huet, huet de Norbert (Joergang 1923) an Däitschland geschafft. Well hie kenger Nazi-Organisatioun wollt bäitrieden, gouf en als „dreckiger Luxemburger" an „Halbfranzose" vernannt a koum an de Prisong vu Saarbrécken, wou hien all Dag geschloe gouf. Do krut heen d'Wiel: KZ oder Waffen-SS, fir aus dem Prisong erauszekommen. Schlussendlech huet e sech fir déi zweet Optioun entscheet a gouf mat der Waffen-SS un d'Ostfront geschéckt.

An der Ukrain gouf hie schwéier verwonnt an ass an den nächste Méint 15 mol operéiert ginn. Wärend engem „Genesungsurlaub" zu Lëtzebuerg, ass den Norbert den 28.Juni 1944 ënnergedaucht.

No der Befreiung vu Lëtzebuerg, huet hie sech bei der Resistenzorganisatioun UNIOUN gemellt. Well hien an der Waffen-SS war, huet d'UNIOUN him gerode sech fräiwëlleg an de Prisong am Gronn aliwweren ze loossen, fir dass säi spezielle Fall méiglechst séier gekläert gëtt an hien e proppere Casier huet.

Obschonn hie méintelaang am Prisong souz, gouf hie vu kengem Untersuchungsriichter verhéiert. Eréischt am Mäerz 1945 huet de Parquet seng provisoresch Fräiloossung ordonéiert, ënner anerem well hie beim Antrëtt an d'Waffen-SS nach mannerjäreg war.

Dës gutt Noricht vum Parquet huet den Norbert awer ni erreecht. Hie war nach ëmmer am Prisong an huet als politeschen Häftling gehollef Minnen ze raumen. De 26. Juni 1945 ass eng däitsch Minn net wäit vum Veianer Sanatorium explodéiert an huet den Norbert mat an den Doud gerappt.




Dem Georges Even seng Bicher, déi hien iwwer den 2. Weltkrich geschriwwen huet.

# LE NOUVEL OUVRAGE DE GEORGES EVEN SUR LES LUXEMBOURGEOIS DANS LA WAFFEN-SS

*Originaire d'Ell et passionné par l'histoire du Luxembourg durant la Seconde Guerre mondiale, Georges Even publie un nouvel ouvrage intitulé « Waffen-SS 1940-1945 Luxemburg ». Après plusieurs livres consacrés à des aspects méconnus de l'occupation allemande, il s'intéresse cette fois à un sujet particulièrement délicat : les Luxembourgeois ayant servi dans la Waffen-SS.*

*L'auteur explique avoir choisi ce thème parce qu'il demeure l'un des chapitres les moins étudiés de l'histoire nationale. Ses recherches révèlent qu'environ cent Luxembourgeois ont appartenu à cette organisation militaire du régime nazi. Parmi eux, une vingtaine se seraient engagés volontairement et une dizaine peuvent être considérés comme de véritables partisans du national-socialisme. Toutefois, Georges Even insiste sur la diversité des parcours individuels et sur la nécessité d'éviter les jugements simplistes.*

*Les personnes concernées provenaient de milieux très variés : ouvriers de la sidérurgie, agriculteurs, artisans, étudiants ou encore professionnels qualifiés. Quatre hommes originaires du canton de Redange figuraient également parmi eux. Après la guerre, la plupart des survivants furent traduits devant la justice luxembourgeoise et souvent condamnés à de lourdes peines de prison.*

*À travers ce livre, Georges Even souhaite avant tout amener les lecteurs à réfléchir aux choix auxquels des individus peuvent être confrontés sous une occupation étrangère. Selon lui, chacun doit se demander comment il aurait lui-même réagi dans des circonstances aussi exceptionnelles. L'ouvrage compte 160 pages au format A4 et est disponible dans les librairies du pays ainsi qu'auprès de l'auteur.*


© Andreas Schindler

# KULT-DUERF RANDSCHELT 2026

**Mat sengem ofwiesslungsräiche Programm, dee Konscht, Musek, Literatur a kulturellt Ierwen op eng originell Aart a Weis verbonnen huet, ass et dem Kult-Duerf Randschelt och bei senger zweeter Editioun gelongen, vill Visiteuren unzezéien. Mir hu mam Monique Reinard-Klees an dem Christiane Thommes iwwer dëse Festival geschwat.**

**Déi zweet Editioun vum Kult-Duerf Randschelt war e grousse Succès. Wat mécht dëse Festival esou besonnesch?**

Mir wëllen e kulturellen Treffpunkt schafen, wou eis Awunner, Gäscht vu baussen a Kënschtler sech begéinen an austauschen. Déi zweet Editioun, déi vum 24. Abrëll bis den 10. Mee 2026 am Musée Thillenvogtei stattfonnt huet, huet gewisen, datt dëst Konzept opgeet. Organiséiert gouf de Festival vun der Gemeng Groussbus-Wal, zesumme mat der Kulturkommissioun „Aktiounsschmëtt", der ASBL Musée Thillenvogtei a mat der Ënnerstëtzung vum Kulturministère.

**Wat stoung dëst Joer am Mëttelpunkt?**

D'Häerzstéck war eis Konschtausstellung. Si huet etabléierte Kënschtler a jonken Talenter eng gemeinsam Plattform gebueden an de Visiteuren eng grouss Villfalt u Wierker presentéiert. Et war wierklech fir all Goût eppes dobäi!

**Och d'Kanner haten hiren Optrëtt. Wat hu si zum Festival bäigedroen?**

D'Kanner aus der Maison Relais vu Gréiwels hu mat vill Fantasie faarweg Lampione gebastelt. Owes hunn dës de Musée an de ganze Site an eng magesch Luucht gedaucht a fir eng ganz besonnesch Atmosphär gesuergt.

**Wat gouf punkto Literatur dëst Joer ugebueden?**

Um Programm stoungen dräi Liesungen: D'Crime Sisters Karin Melchert a Rosemarie Schmitt hunn de Public mat spannende Krimigeschichten a musikaleschen Intermezzoe begeeschtert. Den André Bauler huet mat Auszich aus dem Buch „Beschwerliche Zeiten" vu

sengem Papp Pierre Bauler un d'Erliefnisser aus dem Zweete Weltkrich erënnert. An de Jemp Schuster huet säin neie Roman „Spawecken" op eng lieweg an originell Aart presentéiert.

E weidere grousse Publikumsmagnéit war eis traditionell Walpurgisnuecht. Dobäi huet d'Geschichtenerzielerin Betsi Dentzer ronn 140 Visiteure mat op eng Nuetswanderung geholl a se mat hire grujelegen Hexegeschichten ze ënnerhale gewousst.

**Wat ass Iech besonnesch an Erënnerung bliwwen?**
E richtegen Héichpunkt war d'Projektioun „Crazy Cinématographe Revisited & Relooped" vum Melting Pol, musikalesch begleet vum Man'Ok. Déi historesch Filmopnamen aus dem Enn vum 19. an Ufank vum 20. Joerhonnert hunn de Public faszinéiert a gewisen, wéi vill Kreativitéit schonn an den Ufäng vum Kino stouch.

**Och de Musée Thillenvogtei war Deel vum Festival…**
Genee. De Musée huet eng Porte ouverte organiséiert an eng temporär Ausstellung mat handgeschnëtzte Kräizer vum Néckel Simon, besser bekannt als „Simchen", presentéiert. Dës Ausstellung huet vill Visiteuren aus der Regioun an doriwwer eraus ugezunn.

**Wéi fält Äre Fazit vun dëser 2. Editioun aus?**
Mir si ganz frou mam Resultat. D'Kult-Duerf Randschelt huet gewisen, datt d'Kultur Mënsche verbënnt an Dierfer lieweg mécht. Genee dat ass an eiser haiteger Zäit méi wäertvoll wéi jee.


© Marie Anne Kohl-Gremling


© Gemeng Groussbus-Wal


© Monique Reinard-Klees


© UNO



© Andreas Schindler

# KULT-DUERF RANDSCHELT 2026 : LA CULTURE COMME LIEU DE RENCONTRE

*Pour Monique Reinard-Klees et Christiane Thommes, organisatrices principales du festival Kult-Duerf Randschelt, cette deuxième édition, organisée du 24 avril au 10 mai 2026 au Musée Thillenvogtei, a pleinement atteint son objectif : faire de Rindschleiden un lieu de rencontre où habitants, visiteurs et artistes peuvent se retrouver et échanger.*

*Au cœur du festival, une exposition d'art a réuni artistes confirmés et jeunes talents, tandis que les enfants de la Maison Relais de Grevels ont apporté leur touche de magie en confectionnant des lampions colorés qui ont illuminé le site chaque soir.*

*La littérature occupait une place importante avec des lectures proposées par les autrices de romans policiers Karin Melchert et Rosemarie Schmitt, André Bauler, qui a présenté l'ouvrage « Beschwerliche Zeiten » de son père Pierre Bauler, ainsi que Jemp Schuster, venu présenter son nouveau roman « Spawecken ». La traditionnelle Nuit de Walpurgis, animée par la conteuse Betsi Dentzer, a également rencontré un vif succès.*

*Parmi les moments forts figuraient aussi la projection du film « Crazy Cinématographe Revisited & Relooped », accompagnée en musique par Man'Ok, ainsi que la journée portes ouvertes du Musée Thillenvogtei et l'exposition temporaire des croix sculptées de Néckel Simon, dit « Simchen ».*

*« Nous sommes très heureuses du résultat », confient les deux organisatrices. « Cette deuxième édition nous a confirmé que la culture a le pouvoir de rassembler les gens et de faire vivre nos villages. C'est plus précieux que jamais. »*

GROUSSBUS-WAL
AKTIOUNSSCHMËTT
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

# SPORTING CLUB ELL



**Zënter Joerzéngten ass de Sporting Club Ell e feste Bestanddeel vum Veräinsliewe vun der Gemeng Ell. Mat senger aktiver Jugendaarbecht, sengem staarke Veräinsgeescht an enger immens erfollegräicher Dammesektioun huet sech de Fussballveräin och national en Numm gemaach.**

**De Paul Wilwerding huet dës Entwécklung zënter ville Jore matgepräägt. Mir hu mat him iwwer d'Geschicht vum Veräin, seng sportlech Erfolleger an d'Entwécklung vum Dammefussball geschwat. De ganzen Interview fannt Dir op news.kanton-reiden.lu oder iwwer de QR-Code.**

### Kënnt Dir Iech kuerz virstellen?

Ech sinn zu Uewerkolpech opgewuess a wunnen zënter 2014 zu Nojem zesumme mat menger Fra Tina Bourg an eisen zwee Kanner.

Ech hu mat 10 Joer ugefaang Fussball ze spillen. Zënter 1989 sinn ech beim SC Ell lizenzéiert, war bis 2019 aktive Spiller a sinn zënter 2005 Sekretär an zënter 2007 Trainer vun den Dammen.

### Kënnt Dir eis e kuerzen Abléck an d'Geschicht vum Veräi ginn?

Den éischte Fussballveräi vun Ell geet op d'1920er Joren zréck. De Sporting Club Ell, wéi en haut besteet, gouf 1971 gegrënnt. Eng wichteg Etapp war d'Schafung vun der Dammesektioun am Joer 2005.

### Op wéi eng sportlech Erfolleger ass de Veräi besonnesch houfreg?

Souwuel eis Dammen- wéi och eis Männerekippen hu vill Erfolleger gefeiert. Bei de Männer zielen den Opstig an d'1. Divisioun an d'Véierelsfinall vun der Coupe de Luxembourg 2004/05 zu de gréissten Highlights. D'Dammenekipp ass 2009 an déi héchst Lëtzebuerger Liga opgestigen a konnt 2012 d'Coupe de Luxembourg an 2014 de Championstitel gewannen. D'Jeunes Filles goufen iwwerdeems sechs Mol an d'Cadettes dräi Mol Champion vu Lëtzebuerg.

### Wat bedeit den SC Ell fir d'Gemeng Ell an de Kanton Réiden?

Fir mech ass den SC Ell vill méi wéi e Fussballveräin. Mir wëllen eng Plaz sinn, wou jidderee wëllkomm ass. Mir sti fir




D'Männerekipp vum SC Ell




Déi éischt Dammenekipp vum SC Ell

Respekt, Gläichberechtegung an Toleranz. Bei eis geet et net nëmmen ëm de Sport, mee virun allem ëm Gemeinschaft an Zesummenhalt.

E grousse Merci geet un d'Gemeng Ell. Ouni hir Ënnerstëtzung wier dat alles net méiglech.

**Wéi vill Memberen, Spillerinnen a Spiller zielt de Veräin haut?**
De Veräin zielt 200 aktiv Spillerinnen a Spiller, zousätzlech 150 bis 200 inaktiv Memberen an eng grouss Zuel u Supporteren.

**Den SC Ell ass besonnesch fir seng Dammesektioun bekannt. Wéi huet sech den Dammefussball zu Ell entwéckelt?**
D'Iddi fir eng Dammenekipp ass 2005 entstanen, well meng deemoleg Frëndin Tina Bourg – haut meng Frau – Fussball spille wollt. Ënnert dem Motto „Kick it like Beckham zu Ell" hu mir Reklamm gemaach an dee Succès war enorm.

No engem Frëndschaftsmatch géint d'Dammenekipp vun Ettelbréck huet de Comité kuerz drop gréng Luucht fir d'Grënnung ginn.

Zënterhier ass d'Dammesektioun stänneg gewuess. Haut huet de Veräin zwou Dammenekippen an e komplette Meederchersberäich vu WU11 bis WU17.

**Wéi wichteg ass d'Jugendaarbecht fir de Veräin, a wéi probéiert Dir Kanner a Jugendlecher fir de Fussball ze begeeschteren?**
D'Jugendaarbecht ass de Fundament vun eiser Veräinsphilosophie. Eist Zil ass et, esou vill wéi méiglech Kanner a Jugendlecher selwer auszebilden an hinnen de Wee an eis Aktivekippen opzemaachen.

Mat Schnuppertrainingen, enger gudder Ausbildung an engem positive Veräinsëmfeld wëlle mir Jonker fir de Fussball begeeschteren. Eis Prioritéit ass d'Förderung vun eisen eegenen Talenter.

Am Kader vun der Jeunesse Atertdaul schaffe mir enk mam FC Biekerech an dem FC Préizerdaul/Réiden zesummen, fir de Jonken eng qualitativ héichwäerteg Ausbildung ze bidden.

**Mat wéi engen Erausfuerderunge gesäit sech e ländleche Fussballveräin haut konfrontéiert?**
D'Erausfuerderunge fir e ländleche Fussballveräi ginn ëmmer méi grouss. Nieft finanziellen an infrastrukturelle Froen ass et schwéier, mat grousse Veräiner ze konkurréieren. Ëmsou méi wichteg sinn eng gutt Organisatioun an e staarke Veräinsgeescht.

**Wat wëllt Dir de Leit aus dem Kanton Réiden iwwer den SC ELL mat op de Wee ginn?**
Ënnerstëtzt d'Veräiner! Benevolet Engagement mécht net nëmme Sport méiglech, mee stäerkt och d'Duerfliewen, d'Jugend an de gesellschaftlechen Zesummenhalt. A wat ee selwer zréckkritt, ass dacks nach vill méi wäertvoll: Frëndschaften, flott Erënnerungen an d'Gefill, eppes Sënnvolles fir seng Gemeinschaft bäizedroen.




All d'Spillerinnen a Spiller vum SC Ell



## D'Geschicht vum Jean ROEDER – Dee Mann, deen de Fussball op Lëtzebuerg bruecht huet

Wann een iwwer d'Geschicht vum Fussball zu Ell schwätzt, kënnt een net laanscht den Numm Jean Roeder. Gebuer 1873 zu Rued, ass de Jean 1902 no sengem Studium op der University of London op Lëtzebuerg zeréckkomm. Am Gepäck hat hien zwou Sportaarten, déi eist Land nach net kannt hat: Lawn-Tennis a Fussball.

Als Engleschprofesser zu Esch-Uelzecht huet hie sech vum éischten Dag un dofir agesat, seng Schüler fir de Fussball ze begeeschteren. Trotz dem Widderstand vun der Kierch an Deeler vum Léierpersonal – de Fussball gouf deemools als ze brutal ugesinn – huet hien den 9. Dezember 1906 mam *Football and Lawn Tennis Club* (kuerz FOLA) den éischte Lëtzebuerger Fussballveräi gegrënnt. Bannent kuerzer Zäit huet sech déi nei Sportaart am ganze Land an an alle Bevëlkerungsschichte verbreet.

## SPORTING CLUB ELL

*Depuis plus de cinquante ans, le Sporting Club Ell occupe une place importante dans la vie associative de la commune. Grâce à son important travail de formation des jeunes, à son fort esprit d'équipe et aux succès remarquables de sa section féminine, le club s'est également fait connaître bien au-delà de la région.*

*Secrétaire du club depuis 2005 et entraîneur des dames depuis 2007, Paul Wilwerding revient sur les grandes étapes de son histoire. Fondé en 1971, le SC Ell a connu de nombreux succès sportifs, tant chez les hommes que chez les femmes.*

*Ces dernières ont notamment remporté la Coupe de Luxembourg en 2012 et le championnat national en 2014.*

*Aujourd'hui, le club compte environ 200 joueurs et joueuses actifs. Pour Paul Wilwerding, le SC Ell est avant tout un lieu de rencontre où les valeurs de respect, de tolérance et de solidarité sont aussi importantes que les résultats sportifs. Le club mise résolument sur la formation des jeunes et encourage chacun à soutenir le bénévolat, indispensable à la vitalité des associations et de la vie locale.*


SC ELL

Sporting Club Ell

Paul Wilwerding
pwilw@pt.lu
scell.lu

BIONEXT
LABORATOIRE LUXEMBOURGEOIS D'ANALYSES MÉDICALES

Nos services de prélèvements dans le Canton de Redange




LABORATOIRE REDANGE L'INOUÏ
67, Grand-Rue
L-8510 Redange

HORAIRES D'OUVERTURE
Lundi - Vendredi 6:00 - 12:00
Samedi 7:00 - 12:00

Sans rendez-vous • Prise en charge rapide

LABOMOBILE, le laboratoire d'analyses médicales, qui vient à vous.

Confort équivalent à celui de nos laboratoires : pratique, complet, performant

BIONEXT | 2-4, rue du Château d'Eau L-3364 Leudelange | (+352) 27 321 info@bionext.lu www.bionext.lu

# WAT GËTT ET VU SPORTSVERÄINER AM KANTON RÉIDEN?

Wosst Dir, datt et am Kanton Réiden op d'mannst 54 aktiv Sportsveräiner ginn? Vum traditionelle Fussball- an Dëschtennisveräin iwwer Dart an Indiaca bis bei de Seegelfliger – d'Offer ass méi villfälteg, wéi ee mengt.

Mir hunn all Sportsveräiner aus dem Kanton kontaktéiert. Mir soen all deene Veräiner e grousse Merci, déi eis hir Äntwerten erageschéckt hunn. Wa mir keng Äntwert kruten, hu mir d'Informatiounen op Basis vun hire Websäiten oder hire soziale Medie zesummegestallt. Sollt Iech e Feeler opfalen oder eng Informatioun net net méi aktuell sinn, sot eis wgl. Bescheed (communication@kanton-reiden.lu). Dës Lëscht mat zousätzlechen Detailer wäert och op eisem zukünftegen Internetsite publizéiert ginn a reegelméisseg aktualiséiert ginn.

Hutt Dir Loscht, eng nei Sportaart auszeprobéieren oder Iech an engem Veräin z'engagéieren? Da mellt Iech gären direkt beim Veräin. Vill Veräiner freeë sech net nëmmen iwwer nei Sportlerinnen a Sportler, mee och iwwer fräiwëlleg Hänn, déi d'Veräinsliewen ënnerstëtzen.



© SC Ell



© Marc STEICHEN



© Cycling Team Aterdaul

## *QUELS SONT LES CLUBS SPORTIFS DU CANTON DE REDANGE ?*

*Saviez-vous que le canton de Redange compte au moins 54 clubs sportifs actifs ? Du football au tennis de table, en passant par le Dart, l'Indiaca ou le vol à voile, l'offre est bien plus variée qu'on ne l'imagine.*

*Nous avons contacté tous les clubs du canton. Un grand merci à ceux qui nous ont transmis leurs informations. À défaut de réponse, nous avons complété cette liste à l'aide de leurs sites internet et de leurs réseaux sociaux. Si vous constatez une erreur ou une information obsolète, merci de nous en informer à l'adresse communication@kanton-reiden.lu.*

*Cette liste sera également disponible sur notre futur site internet et mise à jour régulièrement.*

KANTON RÉIDEN

Service Communication
Kanton Réiden

(+352) 28 334-040
communication@kanton-reiden.lu



| Kategorie / Catégorie | Numm vum Veräin / Nom du club | Kanner / Enfants | Erwuessener / Adultes | Trainingen / Entrainement | Nei Memberen? / Nouveaux Membres? | Benevolle g / Bénévoles bien |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Arts martiaux | Taekwondo Team Beckerich | X | X | Beckerich, Hall sportif | X | X |
| | Ju-Jitsu Self-Défense Club Nord - Grosbous | X | X | Grosbous, Prommenhaff | X | |
| | Ju-Jitsu Traditionnel Redange a.s.b.l | àpd 5 ans | X | Redange, Hall sportif | X | |
| | Taekwondo Vichten | àpd 8 ans | X | Vichten, Hall sportif | X | X |
| Badminton | Dauler Fiederball | X | X | Platen, Hall sportif | X | |
| Baseball | Hedgehogs Beckerich | X | X | Beckerich, Terrain Baseball | ? | ? |
| Basketball | BBC Rebound Préizerdaul | X | X | Platen, Hall sportif | X | X |
| Danzen / Danse | Maverick Line Dance asbl | | | Grosbous | ? | ? |
| | Manukultura | | X | Useldange / Everlange | X | |
| Dart | Dart Club des 3 Frontières - Saeul | àpd 16 ans | X | Calmus, Al Molkerei | X | |
| Dëschtennis / Tennis de table | DT Beckerich | X | X | Beckerich | ? | ? |
| | DT Ell | X | X | Ell, Hall Sportif | X | X |
| | DT Groussbus-Maërzeg | X | X | Commune de Mertzig et Commune Groussbus-Wal | X | X |
| | Dësch-Tennis Préizerdaul | X | X | Platen, Hall sportif | X | |
| | D.T. Hueschtert-Folscht | X | X | Koetschette & Folschette | ? | ? |
| | D.T. Rambrouch | X | X | Koetschette | ? | ? |
| | DT Jeunesse Niederpallen | X | X | Redange, Hall Omnisports | X | X |
| | DT Espoir Ospern | X | X | Beckerich, Hall sportif & Redange, ALR | X | X |
| | DT Olympique Schandel | X | X | Useldange | ? | ? |
| | DT Viichten-Méchelbuch | X | X | Vichten | ? | ? |
| Fëschen / Pêche | Fëscher Frënn Miser's Bréck | | | | ? | ? |
| | Ueschdrëf 2000 | X | X | Local à Arsdorf | X | |
| Fussball / Foot | FB Biekerech | X | X | Hovelange | ? | ? |
| | Sporting Club Ell | X | X | Ell, terrain de football | X | X |
| | FC Excelsior Grevels | X | X | Grevels | ? | ? |
| | FC Préizerdaul-Réiden | X | X | Terrain foot Bettborn & Redange | X | X |
| | F.C. Les Ardoisiers Perlé | X | X | Training Senior: Perlé Training Jugend: Koetschette | ? | ? |
| | Union Sportive Folschette | X | X | Folschette | ? | ? |
| | Union Sportive Rambrouch | X | X | Rambrouch & Koetschette | ? | ? |
| | FC Jeunesse Useldange | X | X | Useldange | ? | ? |



| gesicht? / nvenu(e)s? | Kontaktpersoun / Personne de contact | Mail | Telefon / Téléphone | Internetsäit / Site internet | Social media (Facebook…) |
|---|---|---|---|---|---|
| | Jeanne Conter | tkdteambeckerich@outlook.com | 23 62 93 09 | tkd-beckerich.com | Taekwondo Team Beckerich |
| | Patrick Pauly | ppauly@pt.lu | 621 16 26 93 | sdcn.clubdesk.com | Self-Défense Club du Nord |
| | Nicolas Genon | jjtredange@gmail.com | 661 33 46 27 | | Ju-Jutsu Traditionnel Redange |
| | Patrick Muller | tkd.vichten@gmail.com | 621 791 961 | tkdvichten.lu | Taekwondo Vichten |
| | Theo Ney | theoney@pt.lu | 621 512 363 | daulerfb.com | Dauler Fiederball |
| | | info@myhedgehogs.com | 621 141 078 | myhedgehogs.com | Beckerich Hedgehogs |
| | Romy Gregorius | bbcpreizerdaul@outlook.com | | bbcpreizerdaul93.lu | BBC Rebound Préizerdaul |
| | Mandy Eramo-Dahm | maverick.luxembourg@hotmail.com | 661 110 201 | | Maverick Line Dance |
| | | manukultura@useldeng.lu | 23 63 00 51 28 | manukulturauseldeng.com | ManuKultura |
| | Maurice Doornbusch | maurice_doornbusch@hotmail.de | | | Dart Club des Trois Frontieres |
| | Maurice Schmit | maurice.schmit@education.lu | | dtbiekerech.lu | DT Biekerech |
| | Guy Reiser | deschtennisell1958@gmail.com | | dtell.lu | Dësch-Tennis ELL |
| | Alain Freymann | dt-g-m@outlook.fr | 621 888 440 | dt-groussbus-maerzeg.lu | DT Groussbus - Mäerzeg |
| | Astrid Feltgen | dt.preizerdaul@gmail.com | 691 722 903 | dtpreizerdaul.lu | D.T. Préizerdaul |
| | Erny Decker | mail@dthostertfolschette.net | | dthostertfolschette.net | Dëschtennis Huesch-tert-Folscht |
| | Jos Goessens | dtrambrouch@pt.lu | 691 99 30 30 | | |
| | Claude Nerden | dtniederpallen@gmail.com | | | DT Niederpallen (fb) dtniederpallen (insta) |
| | Fred Zeien | dtosper@gmail.com | 621 28 59 46 | dtosper.lu | |
| | | dt.schandel@gmail.com | | | Dëschtennis Schandel |
| | Luc Recken | reckenl@pt.lu | | | |
| | | | 23 64 03 50 | | |
| | Michel Rodesch | m.rodesch@yahoo.de | | flps.lu | Ueschdrëf 2000 |
| | | fcbiekerech@gmail.com | | fcbiekerech.lu | FC Biekerech |
| | Paul Wilwerding | pwilw@pt.lu | 621 141 406 | scell.lu | Sporting Club Ell |
| | | excelsiorgrevels@gmail.com koenig27isi@gmail.com | 691 473 652 | | FC Excelsior Grevels |
| | Joël Feltz | feltzjoel@fcpr.eu | 691 601 995 | fcpr.eu | FC Préizerdaul-Réiden |
| | Cédric Simon | info@fcperle.com | 691 646 562 | fcperle.com | FC Les Ardoisiers Perlé 1929 |
| | | seme_77@hotmail.com | 691 632 996 | | UNION Sportive Folschette |
| | | contact@usr.lu | | | Union Sportive Rambrouch |
| | Olivier Pradier | jugend@footballuseldeng.lu | 621 15 19 78 | footballuseldeng.lu | FC Jeunesse Useldeng |



| Kategorie / Catégorie | Numm vum Veräin / Nom du club | Kanner / Enfants | Erwuessener / Adultes | Trainingen / Entrainement | Nei Memberen? / Nouveaux Membres? | Benevolle g Bénévoles bie |
|---|---|---|---|---|---|---|
| American Football | Raptors Redange | X | X | Redange | ? | ? |
| Gym (Pilates, Yoga, Bodyshape, Zumba, Bailafit,...) | Gym Schweecherdaul a.s.b.l |  | X | Beckerich, Hall sportif | X |  |
|  | GroWaMove a.s.b.l. Grosbous | X | X | Grosbous, Prommenhaff | X | X |
|  | Club de Gymnastique de Rambrouch |  | X | Koetschette | ? | ? |
|  | Manukultura |  | X | Useldange | X |  |
| Handball | Handball-Club Atert-Réiden | X | X | Redange, Hall Omnisports | X | X |
| Indiaca | Indiaca Nethoppers Useldeng |  |  | Useldange | ? | ? |
| Keelen / Quilles | KC Voll Dropp  Beckerich |  |  |  | ? | ? |
|  | KC Foulscht 2014 |  |  | Folschette | ? | ? |
|  | KC Foulschter Keelegëcken 05 |  |  | Folschette | ? | ? |
|  | Keeleclub „Eng Köppelchen" |  |  | Vichten | ? | ? |
| Lafen / Course à pied | Lafen am Wëlle Westen (Entraînements de course à pied encadrés) |  | X | Lieu différent chaque semaine | X |  |
| Marche / Randonnée | Ardenner Frënn Bigonville |  | X |  | ? | ? |
| Paintball / Airsoft | Paintbullz | àpd 8 ans | X | à l'étranger, dans la Grande-Région |  |  |
| Pétanque | D'Bulle rullen zu Réiden a.s.b.l |  | X | Redange | X |  |
| Schach / Echec | Schachklub Perlé „Les Pions ardennais" | X | X | Perlé, 6 rue de l'église | X |  |
| Schwammen / Natation | Swimming Club Réiden | X | X | Redange, Piscine ALR | X | X |
| Seegelfliger / Vol à Voile | Cercle Luxembourgeois de Vol à Voile |  |  | Useldange, Aérodrôme | ? | ? |
| Tauchen / Plongée | Sub Aqua Redange/Attert | àpd 13 ans | X | Lycées ALR & Geesseknäppchen, lac Haute-Sûre | X |  |
| Velo | Velo Wal a.s.b.l |  |  |  | ? | ? |
|  | Vélosveräin Tool Time Préizerdaul |  | X | pas d'entraînements, organisation d'un cyclo-cross | X | X |
|  | Cycling Team Atertdaul a.s.b.l | X | X | Redange, stages au Luxembourg et à l'étranger. | X | X |
| Volleyball | VC Beckerich | X | X | Beckerich | ? | ? |
|  | Réidener Loisir-Volleyball |  | X | Redange | ? | ? |



| gesicht? / nvenu(e)s? | Kontaktpersoun / Personne de contact | Mail | Telefon / Téléphone | Internetsäit / Site internet | Social media (Facebook…) |
| --- | --- | --- | --- | --- | --- |
| | | raptorsluxembourg@gmail.com | 621 615 781 | | Raptors Luxemburg |
| | Mireille Fassbinder | gymschweecherdaul@gmail.com | | | Gym Schweecherdaul |
| | Martine Scheiwen | growamove@gmail.com | | | GroWaMove (fb)<br>growamove (insta) |
| | | goudem@pt.lu | 23 64 04 65 | | |
| | | manukultura@useldeng.lu | 23 63 00 51 28 | manukulturauseldeng.com | ManuKultura |
| | Rom Birchen | hcatert@email.lu | | hcatert.lu | HC Atert Redange |
| | | indiaca.useldeng@hotmail.com | | | Indiaca Nethoppers Useldeng |
| | | schilirm@pt.lu | | | |
| | | alebam@pt.lu | 621 232 291 | | |
| | | webersim@yahoo.com | 661 936 006 | | |
| | Leo Blum | | | | |
| | | lafengenwesten@gmx.de | | | Lafen Am Wëlle Westen |
| | | yawilmes@pt.lu | 23 64 04 96 | | Ardenner Frënn Bigonville |
| | Steve Manderscheid | info@paintbullz.lu | 621 250 919 | paintbullz.lu | Paintbullz |
| | Nils Floener | brzr@email.lu | 661 929 408 | | |
| | Marcel Weber | maweb@pt.lu | | | |
| | | info@scredange.lu | 661 605 958 | scredange.lu | SwimmingClubRedange (fb)<br>swimmingclubredange (insta) |
| | | contact@clvv.lu | 621 455 380 | clvv.lu | Cercle Luxembourgeois de Vol à Voile |
| | | deepbluestau@yahoo.fr | 621 234 412 | subaqua-redange.lu | Sub Aqua Redange sur Attert - SARA |
| | | velowal@outlook.com | 691 795 610 | | Velo Wal |
| | Michel Jacquemoth | velotooltime@gmail.com | | tooltime.lu | |
| | | cyclingteamatertdaul@gmail.com | | ct-atertdaul.lu | Cycling Team Atertdaul |
| | | molchen@pt.lu | 691 633 815 | | Volley Club Beckerich |
| | | conrardysonja@outlook.de | 661 903 438 | | |

# AGENDA

## SEPTEMBRE

**13/09/2026**
**Visite guidée officielle am Schiefermusée**
FR : 10h30
LU : 14h30
Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

**18/09/2026-20/09/2026**
**Weekend de Jeu de Rôle au Äerdschëff**
17h00-22h00
Äerdschëff, Réiden

**18/09/2026**
**Conférence sur les Rolling Stones avec L. Rieppi & P. Bartholomé**
20h00-22h00
Kulturmillen, Beckerich

**19/09/2026**
**Biekerech an Aktioun - eis lokal Veräiner stelle sech vir**
15h00-19h00
Hall sportif, Beckerich

**19 & 20/09/2026**
**Schmattecours am Schiefermusée**
10h00-17h00
Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

**24/09/2026**
**LiesTour by Jemp Schuster & Claire Parsons**
19h30
Kulturmillen, Beckerich

**26/09/2026**
**Atelier relooking de meubles (avec Betty Ries)**
10h00
Kulturmillen, Beckerich

**26/09/2026**
**Vernissage de l'expo consacrée aux 15 ans de la Millegalerie**
18h00
Kulturmillen, Beckerich

**26 & 27/09/2026**
**Eisleker Metal Fest**
20h00
Centre Culturel, Rambrouch

**26/09/2026**
**Concert The Gerry Hundt Trio (USA)**
20h00
ManuKultura, Useldange

**27/09/2026**
**Kropemannsfest**
10h00-20h00
Centre de Redange, Redange

**27/09/2026**
**Les Vêpres de Rachmaninov - Concert du festival Musique dans la Vallée**
15h00
Eglise, Nobressart (B)

## OCTOBRE

**01/10/2026**
**Conférence: Comment fonctionnent les disques vinyles?**
19h30
Kulturmillen, Beckerich

**02/10/2026**
**Concert Fado de Priscila da Costa**
20h00
Kulturmillen, Beckerich

**02/10/2026**
**SPAWECKEN - Liesung vum Jemp Schuster, Musek vum Claire Parsons**
20h00
ManuKultura, Useldange

**03/10/2026**
**Geodiversity Days - Promenade**
10h00-13h00
Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

**03/10/2026**
**Bayreschen Mëtteg**
*(Umeldung bis 23.9 T. 691601995)*
11h00
Salle Polyvalent, Ospern

**03/10/2026**
**Voyage musical à travers les époques - Concert du festival Musique dans la Vallée**
20h00
Eglise, Ell

**04/10/2026**
**Visite guidée am Musée Michel Lucius**
10h30-11h30
Musée Michel Lucius, Reimberg

**04/10/2026**
**Visite guidée officielle am Schiefermusée**
FR : 10h30
LU : 14h30
Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

**04/10/2026**
**Oktoberfest**
11h30-19h00
Centre Culturel, Folschette

**09/10/2026**
**Sauna-Event Oktoberfest**
19h00-24h00
Réidener Schwämm, Redange

**09/10/2026**
**Filmowend «Desertion» mat uschléissender Diskussioun**
19h30
ManuKultura, Useldange

**10/10/2026**
**Atelier relooking de meubles (avec Betty Ries)**
10h00
Kulturmillen, Beckerich

**11/10/2026**
**Hierschtfest zu Rammerich**
11h00-21h00
Centre Culturel, Rambrouch

**11/10/2026**
**Concert « voyage sonore – Relaxa Sons »**
16h30
Kulturmillen, Beckerich

**11/10/2026**
**Ouverture 385th Bomb Group Memorial Museum**
10h00-17h00
Musée 385th Bomb Group Memorial, Perlé

**17/10/2026**
**Badminton Tournament Dauler Fiederball**
10h00
Sportshal Op der Fabrik, Platen

**17/10/2026**
**Repair Café**
14h00-17h00
Centre Culturel, Folschette

**18/10/2026**
**Kannerfloumaart**
Salle Polyvalent, Ospern

**18/10/2026**
**Spectacle avec Jonn Happi**
10h30
Kulturmillen, Beckerich

**18/10/2026**
**Wëldiessen**
11h00-18h00
Centre Culturel, Arsdorf

**18/10/2026**
**Concert Guy Schons «Komm, mäi Léifsten!»**
17h00
Eglise Saint-Willibrord, Rindschleiden

**23.10.2026**
**Brettspiel-Abend im Äerdschëff**
18h00-21h00
Äerdschëff, Réiden

**24 & 25/10/2026**
**Krimi op der Koll: Kidnapping!**
14h00-17h30
Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

**24/10/2026**
**Défilé de Mode vum Réidener Jugendtreff**
19h00
ALR, Redange

**24/10/2026**
**Kids Club: Waterball**
14h00-16h00
Réidener Schwämm, Redange

**24/10/2026**
**Journée du bois – 100 Joer Brenta See. E Fest vum Holz, eise Millepätteren an eisem Patrimoine**
11h00
Kulturmillen, Beckerich

**24 & 25/10/2026**
**Klengdéierenausstellung**
10-17h00
Hall Polyvalent, Ospern

**25/10/2026**
**Marche IVV**
10h00-17h00
Hall Polyvalent, Ospern

**29/10/2026**
**Autumn Dots - Atelier**
14h00-16h30
Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

**31/10/2026**
**Krimi op der Koll: Kidnapping!**
17h00-20h30
Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

# NOVEMBRE

**01/11/2026**
**Visite guidée am Musée Michel Lucius**
10h30-11h30
Musée Michel Lucius, Reimberg

**01/11/2026**
**Visite guidée officielle**
FR: 10h30
LU: 14h30
Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

**04/11/2026**
**Kids at the Museum - Atelier fir Kléng a Grouss!**
14h00-16h00
Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

**05/11/2026**
**1000 km um Jacobswee - eng Konferenz mam Edy Graf**
19h30
Kulturmillen, Beckerich

**07/11/2026**
**Randschelter Kiermes: Kiermesowend & Bal**
Musée Thillenvogtei, Rindschleiden

**07/11/2026**
**Schmattecours am Schiefermusée**
10h00-17h00
Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

**07/11/2026**
**Quizowend vun der Musik Gemeng Ell**
19h30
Centre Camille Ney, Ell

**07/11/2026**
**Swinging Castle Concert vun der Northern Bigband**
Centre Culturel, Useldange

**08/11/2026**
**Schmattecours am Schiefermusée**
10h00-17h00
Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

**08/11/2026**
**Ouverture 385th Bomb Group Memorial Museum**
10h00-16h00
Musée 385th Bomb Group Memorial, Perlé

**12/11/2026**
**Conférence sur les jardins au Moyen-Age avec Isabelle Bernard**
19h30
Kulturmillen, Beckerich

**20/11/2026**
**CommuneART**
19h00
Centre Culturel, Useldange

**20/11/2026**
**Wanter op der Millen**
16h30
Kulturmillen, Beckerich

**20/11/2026**
**Theater am Schweecherdaul**
20h15
Centre Culturel, Elvange

**21 & 22/11/2026**
**CommuneART**
14h00-18h00
Centre Culturel, Useldange

**21/11/2026**
**Theater am Schweecherdaul**
20h15
Centre Culturel, Elvange

**21/11/2026**
**Theater vum GroWaMove «Dem Charly seng Tatta»**
20h00
Festsall, Grosbous

**22/11/2026**
**Theater vum GroWaMove «Dem Charly seng Tatta»**
17h00
Festsall, Grosbous

**22/11/2026**
**Theater am Schweecherdaul**
17h00
Centre Culturel, Elvange

**27/11/2026**
**Marché de Noël Musée de l'Ardoise**
19h00-23h00
Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

**27/11/2026**
**Conférence sur les 50 ans de la Brit-Pop avec L. Rieppi & P. Bartholomé**
20h00
Kulturmillen, Beckerich

**27/11/2026**
**Theater vum GroWaMove «Dem Charly seng Tatta»**
20h00
Festsall, Grosbous

**27/11/2026**
**Theater vun der Nojemer Musik**
20h15
Centre Culturel, Nagem

**28/11/2026**
**Marché de Noël Musée de l'Ardoise**
16h00-23h00
Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

**28/11/2026**
**Theater vum GroWaMove «Dem Charly seng Tatta»**
20h00
Festsall, Grosbous

**28/11/2026**
**Theater vun der Nojemer Musik**
20h15
Centre Culturel, Nagem

**29/11/2026**
**Adventsconcert zu Rammerich**
14h00-18h00
Centre Culturel, Rambrouch

**29/11/2026**
**Chrëschtmaart**
Centre Culturel, Useldange

**29/11/2026**
**Wanterconcert vun der Säller Musik**
16h00
Festsall, Saeul

**29/11/2026**
**Theater vun der Nojemer Musik**
17h00
Centre Culturel, Nagem

# DECEMBRE

**02 & 04-05/12/2026**
**Theater vun der Nojemer Musik**
20h15
Centre Culturel, Nagem

**04/12/2026**
**Chrëschtdag op der Buerg**
16h00-22h00
Château d'Useldange, Useldange

**05/12/2026**
**Randschelter Adventsmaart**
16h00
Rindschleiden

**05/12/2026**
**Chrëschtdag op der Buerg**
17h00-22h00
Château d'Useldange

**06/12/2026**
**Visite guidée am Musée Michel Lucius**
10h30-11h30
Musée Michel Lucius, Reimberg

**06/12/2026**
**Visite guidée officielle**
FR: 10h30
LU: 14h30
Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

**06/12/2026**
**Theater vun der Nojemer Musik**
17h00
Centre Culturel, Nagem

**11 & 12/12/2026**
**Säller Chrëschtmaart**
17h00
Place de l'Eglise, Saeul

**12/12/2026**
**Kids Club: Aqua-Fun**
14h00-16h00
Réidener Schwämm, Redange

**13/12/2026**
**E Wantermäerchen - Spectacle du Finestra Kollektiv**
17h00
Kulturmillen, Beckerich

**13/12/2026**
**Ouverture 385th Bomb Group Memorial Museum**
10h00-16h00
Musée 385th Bomb Group Memorial, Perlé

**20/12/2026**
**Wanterconcert mam Jugendensembel vun der Réidener Musik**
17h00-19h00
Eglise, Redange



!

## WICHTEG:

Schéckt eis w.e.g. d'Informatiounen iwwer Är Eventer. Esou kënne mir se an dësen Agenda an an eis Newsletter ophuelen!
magazine@kanton-reiden.lu

Deadline fir d'Wanter-Editioun: 25. Oktober 2026

Mir soen Iech Merci!

## IMPORTANT :

*Veuillez nous envoyer les informations concernant vos événements. Cela nous permettra de les inclure dans cet agenda et dans notre newsletter !*
*magazine@kanton-reiden.lu*


*Date limite pour l'édition d'l'édition d'hiver : 25 octobre 2026*

*Un grand Merci!*

## KREUZWORTRÄTSEL

# HUTT DIR GUTT BEIM LIESEN OPGEPASST?

1. Wéi een Instrument enseignéiert d'Laurence Steichen säit dëser Rentrée an eiser Musikschoul (op Lëtzebuergesch geschriwwen)?
2. De Randschelter Gîte ass am ee-moolge ??? ageriicht ginn.
3. Wou wunnt de Jeff Boonen mat senger Famill?
4. De Foos an d'Jeanny hu sech ken-negeléiert, wéi d'Jeanny Giedel vum neie .... gouf.
5. Eng vun de Musiksgruppen, déi um Weekend vum Wëlle Westen opge-truede sinn, waren ....
6. Wéi eng Gemengen hunn am Klimapakt d'Gold-Zertifizéierung erreecht: Biekerech, Ell, Préizerdaul an ........ ?
7. De Jacques Gilbert ass fräiwëllege Repairer am Repair Café Kanton Réi-den. Hien ass e pensionéierten ......
8. Den Haff Delia produzéiert Miel an Hartweizen fir ......
9. Bis 1960 waren déi allermeescht Theaterstécker, déi am Kanton an am ganze Land opgefouert goufen .....
10. Wéi vill Männer aus dem Kanton Réiden waren an der WAFFEN-SS (Zuel ausschreiwen)?
11. Wéi een neie Roman huet de Jemp Schuster op engem Liesowend vum Kult-Duerf 2026 virgestallt?
12. Wéi heescht de Sekretär vum SC Ell mat Nonumm, deen och Trainer vun der Dammenekipp ass?
13. Vu wéi enger Sportaart ginn et am meeschte Veräiner am Kanton?
14. Zu Kietscht gouf am Summer ee Vélosparcours gebaut. Wéi ass den offizielle Numm vun esou engem Parcours?
15. De Musée de l'Ardoise schafft un enger neier permanenter Ausstel-lung am fréiere ....... Johanna.
16. Wéi goufen d'B17-Fliger och nach genannt?
17. Vu wou kritt d'Äerdschëff haaptsächlech seng Energie?




Schéckt d'Léisungswuert bis den 20. Oktober op magazine@kanton-reiden.lu oder per Post op:

Kanton Réiden -Quiz Magazine
11, Grand-Rue L-8510 Redange

Ënnert de richtege Léisunge gëtt ee Bong am Wäert vu 50€ vun Anny Wirth by Joy verloust.

Mir soen dem Joy Linden villmools Merci fir hire generéise Sponsoring.

anny wirth
by Joy
Mode dame taille 34 - 54
Lu 13:30 - 18:30
Ma - Ve 08:30 - 12:30
13:30 - 18:30
Sa 08:30 - 12:30
13:30 - 17:30
78, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
Tel: 23 62 11 30
www.annywirth.lu

## KANNERECK

# WÉI GUTT KENNS DU D'WËLLSCHWÄIN?

Léisungswuert

Schreif de Buschtaf vun der richteger Äntwert an d'Këscht.
D'Léisungswuert liest sech vun uewen no ënnen.

1. Wéi séier kann e Wëllschwäin lafen?
   a. Bis zu 50 km/h → **K**
   b. Bis zu 20 km/h → **L**

2. Wéi schwéier kann e männlecht Wëllschwäin („e Keiler") ginn?
   a. Bis zu 80 kg → **A**
   b. Bis zu 160 kg → **E**

3. Wien ass de gréissten natierleche Feind vum Wëllschwäin?
   a. Wollef → **I**
   b. Dachs → **S**

4. Wéi gutt kann d'Wëllschwäin richen?
   a. Ganz schlecht → **E**
   b. Ganz gutt → **L**

5. D'Wëllschwäin huet extrem scharf Eckzänn, déi et bei Kämpf als Waff notzt. Wéi laang kënnen dës Eckzänn ginn?
   a. Bis zu 10 cm → **R**
   b. Bis zu 20 cm → **E**

6. D'Wëllschwäin ass
   a. Vegetarier → **N**
   b. Allesfriesser → **R**

Léisungswuert: ___________________
Esou nennt een e männlecht Wëllschwäin.






**Wosst du, dass …?**

- Wëllschwäin-Kanner, déi Frischlinge genannt ginn, mat helle Sträifen op d'Welt kommen. Dës déngen als Tarnung am Bësch. No ongeféier véier Méint verschwanne se lues a lues.
- E Wëllschwäin mat sengem aussergewéinlech feine Gerochssënn Friessen erkennt, dat bis zu 20 cm déif am Buedem verstoppt ass.

Léisungswuert : KEILER

# VILL SPAASS BEIM AUSMOLEN!



# REPAIR CAFE 2026


**Nächste REPAIR CAFE am KANTON RÉIDEN**
**Prochain RDV du REPAIR CAFE du CANTON DE REDANGE**

## Samschdes / Samedi 17.10.2026
## zu / à Folschette

14h00 - 17h00 - Centre Culturel Folschette
40, rue Principale L-8834 Folschette

**GRATIS - GRATUIT**

### Mir flécken / Nous réparons :


Electrique


Vélos


Mécanique


Petits travaux de couture


Affûtage de couteaux


Informatique

### CAFE


Verkaf vu Gedrénks a Kuch

Vente de boissons et gâteaux




KANTON RÉIDEN

T. 28334-040
repaircafe@kanton-reiden.lu